

INFO °10 19 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 20. NOVEMBER 2019

Conseil communal du 26 février 2020

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 26 FÉVRIER 2020

A⁻ A⁺ 🔊

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Paulo Aguiar (déi gréng, échevin remplaçant)

Georges Liesch (échevin, déi gréng)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Guy Altmeisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)

Jerry Hartung (CSV)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Laura Pregno (déi gréng)

Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT¹⁰¹⁹

COMPTE-RENDU DU 20 NOVEMBRE 2019

4-67

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Mirko Mengoni

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 10/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 20 NOVEMBRE 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	Laura Pregno (déi gréng)
Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)	Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)	Ali Ruckert (KPL)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Christiane Saeul (DP)
Guy Altmeisch (LSAP)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Fred Bertinelli (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Gary Diderich (déi Lénk)	Nicole Wohl (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)	
François Meisch (DP)	

Absents/excusés: Serge Goffinet (LSAP)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Premier discours d'une conseillère communale.
3. Nouveau tableau de préséance du conseil communal.
4. Projets communaux:
 - a. Piste cyclable nationale PC 8 – diverses jonctions et aménagements à Niederkorn et Differdange – devis, article budgétaire 4/810/221313/11007;
 - b. Extension et transformation de l'École Um Bock à Oberkorn – plans et devis définitifs, article budgétaire 4/910/221311/16005;
 - c. Décompte des travaux de rénovation de l'École des garçons à Differdange, de la construction d'une maison des jeunes au Fousbann et des travaux de réaménagement de l'école Saint-Pierre à Niederkorn.
5. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:
 - a. Procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange – annulation de la saisine du 19 juin 2019 suivie d'un nouveau lancement de la procédure par le conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
 - b. Projet d'aménagement particulier au lieudit Um Brill à Oberkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange;
 - c. Projet d'aménagement particulier Op de breeden Dréischer à Oberkorn – plans d'exécution et convention.
6. Actes et conventions:
 - a. Acte notarié visant acquisition de 2 parcelles d'une superficie totale de 22,50 a au lieudit Zwischen Lanterbannen à Niederkorn;
 - b. Contrat de location de la toiture du foyer de jour Kornascht avec Sudgaz pour installer des panneaux photovoltaïques.
7. Office social de Differdange: budget rectifié 2019 et budget initial 2020 – avis.
8. Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.
9. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2020.
10. Syndicats intercommunaux: changements au sein de divers syndicats.
11. Changements au sein des commissions consultatives.

1. Communications / 2. Premier discours

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre une séance du conseil communal un peu spéciale puisqu'il s'agit de la première qu'elle dirige. C'est aussi le premier conseil communal differdangeois dirigé par une femme et le premier conseil communal auquel participe madame Nicole Wohl.

Christiane Brassel-Rausch excuse M. Goffinet.

Elle passe aux communications et annonce que le conseil de recrutement exigé dans le cadre de la motion pour le renouveau de Differdange sera opérationnel sous peu. Le conseil sera composé d'un membre de l'opposition, du chef de service, de l'échevin compétent et d'un membre de la délégation.

Christiane Brassel-Rausch demande ensuite aux partis politiques de communiquer leurs délégués au comité économique jusqu'à la fin du mois. Ce comité sera dirigé par monsieur Martin Kracheel, le « city manager ». Parmi les sept candidatures reçues, monsieur Kracheel en choisira trois. L'accent sera mis sur la mixité.

Christiane Brassel-Rausch rappelle qu'elle offrira un verre aux conseillers communaux et à la presse pour célébrer son assermentation.

Elle passe au point 2 et cède la parole à madame Nicole Wohl, la nouvelle conseillère.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

a 58 ans. Elle est médecin généraliste et psychothérapeute. Elle est mariée et a trois enfants. Elle habite à Niederborn depuis 1989 et travaille à Differdange.

Après ses études, elle a travaillé aux urgences au HPM. Son père travaillait, quant à lui, pour l'Arbed.

Nicole Wohl fait partie de déi gréng depuis 2016. Elle est présidente de la commission de la mobilité depuis janvier 2018. Elle souhaite passer le moins de temps possible dans les embouteillages.

Elle est également vice-présidente de la commission culturelle et membre du groupe antigaspi.

Elle fait du théâtre, apprend l'italien, pratique l'endurance et fait de la gymnastique.

Elle remplace Roberto Traversini au sein du conseil communal et

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot, léif Leit vun der Press, léif Nolauschterer, ech heeschen Iech ganz häerzlech wëllkomm zu dësem dach awer e bësse spezielle Gemengerot. Et ass deen éischte Gemengerot, deen ech leeden dāerf. Dëst ass deen éischte Gemengerot, deen hei zu Déifferdeng vun enger Fra geleet gëtt. An et ass der Madamm Nicole Wohl hiren éischte Gemengerot, déi als Conseillère vun déi Gréng Déifferdeng nogeréckelt ass.

Den Här Serge Goffinet wëll ech entschëllegen. Da géif ech direkt weidergoen op de Punkt eent vum Ordre du jour, Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Dat Éischt ass, dass mer eis eens gi sinn ënner all de Parteien, wéi dee Conseil de recrutement, dee jo am Kader vun der Motion „Un renouveau pour Differdange“ gefuerdert ginn ass vun den Oppositionsparteien, zesumme gesat gëtt. An dass deen an nächster Zäit scho funktiounsfäeg wäert sinn.

D'Zesummesetzung ass ee Member vun der Opposition, de Chef de service, de Ressortschaffen, ee vun der Delegation a sief et ee vum Service égalité des chances fir d'Employéen an d'Fonctionnaires oder ee vum Job Center fir d'Aarbechter.

Da géif ech eis Kollege vun alle Parteie froen, dass se eis bis Enn dës Mounts déi Persoun matdeele vun hiren jeeweileger Partei, déi se delegéiere fir an de Comité économique. Do komme jo da vun deene sechs Parteie sechs Leit zesummen.

An deem Kontext bleift mer nach ze soen, dass dee Comité économique vum Här Martin Kracheel geleet gëtt, eisem City Manager. E puer vun Iech hunn e scho kennegeléiert. Et si siwe Kandidature vu Biergerinnen a Bierger erakomm, déi den Här Kracheel eenzel wäert gesinn, fir dräi Persounen dovunner erauszesichen. Seng Selektioun wäert sech orientéieren un der Mixitéit. Dat heescht Mann/Fra, jonk/al. Dat wäerte seng Richtlinne sinn.

Ech wollt Iech nach drun erënneren, dass ech no dëser Seance, wéi versprach d'leschte Kéier, mäin Eistand als Buergermeeschtesch mat Iech alleguer, dat heescht och mat der Press, wëll feiere bei engem Pättchen a mat e puer Schnittercher.

Da géif ech direkt eriwergoen op de Punkt zwee, zum éischten Discours vun eiser neier Conseillère, der Madamm Nicole Wohl. Ech géif hir direkt d'Wuert ginn.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Nicole Wohl, dat wësst Der. Ech hunn 58 Joer, si Médecin généraliste a Psychothérapeute. Ech si bestuet, hunn dräi Kanner. Ech wunne säit 1989 zu Nidderkuer a schaffe säit 1989 zu Déifferdeng.

No der Uni hunn ech gären Urgencé geschafft, an et war am Fong geholl deen deemolege PMA, dee mech ugezunn huet, fir heihinner ze kommen. Et ass awer och esou, dass mäi Papp hei zu Déifferdeng op der ARBED geschafft huet. Deen duerno, an der Zäit vum DAC an der Schräinerei, also dem haitege 1535°, beschäftegt war.

Ech si säit 2016 aktiv bei déi gréng. Säit Januar 2018 sinn ech Presidentin vun der Mobilitéitskommissioun. Mir ass et besonnesch wichteg, dass ech selwer esou mann wéi méiglech en Deel vum aldeegleche Stau op de Stroosse sinn.

Ech si Vizepräsidentin vun der Kulturkommissioun. Ech gehéieren zum Antigaspi-Grupp, wat eng Saach ass, déi mer um Häerz läit, dass mer do probéieren, drun ze schaffen.

A menger Fräizäit spillen ech Theater an ech ginn an den Theater. Ech léieren Italienesch, maachen Ausdauersport a ginn an d'Loisir-Turne vun der Espérance Déifferdeng, wann da grad keng Versammlung ass.

Ech sinn elo hei statt dem Roberto Traversini. Ech wëll zwou Saache soen. Fir mech ass d'Präventioun immens wichteg. Ech fannen, dass Decisiounen net sollen op Angscht baséieren.

Merci.

3. Tableau de préséance / 4a. PC 8

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir soe villmools Merci, Madamm Wohl.

Da komme mer op de Punkt dräi, deen éischter eng Formalitéit ass. Dat ass den Tableau de préséance vum Gemen-gerot, dee jo ëmmer erëm ännert, wann nei Gewielten noréckelen. Ech widder-huelen, dass den Här Ulveling eisen Déngschteelsten ass vun 1993. Duerno d'Madamm Christiane Saeul vun 2005. Duerno kënnt den Här Bertinelli vun 2005. An dann halen ech op, denken ech. Dat ass éischter eng Formalitéit.

Gëtt et eng Wuertmeldung zum Ta-bleau? Kënne mer driwwer ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unani-mité d'approuver le nouveau tableau de préséance du conseil communal.

Da komme mer zum Punkt véier.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Entschëllegt. Ech wollt nach Froen umellen. Ech weess net, wéini ech dat sollt umellen. Ech wollt Froen um Schluss umellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Zum Schluss? Dann huele mer déi um Schluss. Ass dat okay?

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Gären.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Punkt véier. Et geet ëm d'Dekonten. Meng Fro ass, ob Der déi wëllt zesummen huelen, den a, b an c.

(Diskussioun)

4a), do geet et ëm d'Vëlospist. Dofir ginn ech dem Här Liesch direkt d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Gudde Moie vu menger Säit. Hei hu mer en Devis virleie fir d'Vëlo-verbindung tëscht dem Parc de la Chiers zu Déifferdeng Richtung Nid-derkuer. Et ass e Stéck, op wat mer schonn e bësse méi laang waarden. Dat hei ass dee ganzen Devis, fir dat Stéck do ze realiséieren, ënnert der Leedung vun der Ponts et Chaussées, fir ronn 2,37 Milliounen Euro.

Dovunner ass d'Part communale, déi mir mussen droen, 345.000 Euro. Déi 345.000 Euro si geduecht, well mer op deem Vëloswee profitéieren, fir op deem doten Tronçon nach Reserv-Gai-nen ze leeë fir Verbindungen, déi mer vläicht iergendwann eng Kéier brau-chen. Ënner anerem an der Informatik. Wat sécher eng gutt Iddi ass.

Dann ass et natierlech och esou, dass mer en Deel musse bäisteiere beim De-placement vun där Ersatzleitung, déi do ass. Mir wäerten och op enger Deel-streck e Waasserresseau mat leeën. Vu dass et an der Entrée en ville ass, hu mer eis en Éclairage erausgesicht, deen e bësse méi deier ass wéi deen, deen d'Ponts et Chaussées normalerweis an hirem Standardprogramm huet. Alles dat féiert dozou, dass mir déi 345.000 Euro bäileeën. Et bleift fir d'-Ponts et Chaussées e Gesamtmontant vun 1,92 Milliounen Euro.

Ech wëll drun erënneren, dass dat Vëlosstéck, wat mer hei maachen, sech aschreift an déi nei national Vëlosver-bindung PC8, déi am Moment iwwert de Bierg féiert. Déi also deplacéiert gëtt, fir duerch eis Uertschaften dann ze féie-ren. A wou scho Stécker realiséiert sinn. Notamment dat Stéck tëscht Bieles, Ue-werkuer an dem Parc de la Chiers. Bis dohinner kënnt ee schonn.

Dat heite Stéck gëtt d'Verbindung bis op Nidderkuer, bis bei d'Schoul. An op deem leschte Stéck, wat nach feelt, vun Nidderkuer Richtung Haneboesch an da Richtung Biff. Respektiv gëtt et och eng Variant – oder vläicht ginn och déi zwou realiséiert –, dass ee vun Nidder-kuer op d'Péitenger Gare kënnt.

s'intéresse plus particulièrement à la prévention. Elle trouve que les décisions ne doivent pas être prises dans la peur.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au tableau de préséance. Monsieur Ulveling est en fonction depuis 1993, et madame Saeul et monsieur Bertinelli depuis 2005. (Vote)

FRANÇOIS MEISCH (DP) *souhaite poser des questions à la fin de la séance.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
n'y voit pas d'inconvénient. Elle passe au point 4, plusieurs dé-comptes. Le premier concerne une piste cyclable.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *pré-cise qu'il s'agit de la connexion entre le parc de la Chiers et Nieder-korn. Les conseillers communaux disposent du devis intégral de 2,37 millions d'euros.*

La part communale s'élève à 345 000 €. Cette somme servira à aménager des gaines pouvant se ré-véler utiles à l'avenir pour d'éven-tuels raccordements. La commune participera aussi aux frais de dépla-cement des conduites et des canali-sations.

Pour ce qui est de l'éclairage, le col-lège échevinal a opté pour du maté-riel plus cher que celui proposé par l'Administration des ponts et chaussées, car il est question de l'entrée en ville.

L'Administration des ponts et chaussées participera à hauteur de 1,92 million d'euros.

Georges Liesch rappelle que ce tronçon fait partie de la nouvelle piste cyclable nationale PC 8. Elle est déplacée pour passer à travers les localités. La partie entre Bel-vaux, Oberkorn et le parc de la Chiers est déjà réalisée. La partie dont il est question aujourd'hui re-lie la piste à l'école de Niederkorn. Il manque encore la partie entre Niederkorn et le Biff ou sa variante entre Niederkorn et la gare de Pé-tange. Il est également possible que les deux variantes soient réalisées.

4a. Piste cyclable PC 8

L'Administration des ponts et chaussées réfléchit à la question.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *salue ce pas en avant fait dans le domaine de la mobilité. Il est important que l'on puisse se déplacer de manière plus efficace à Differdange que ce soit à vélo, à trottinette, à pied, avec une poussette...*

Nicole Wohl regrette qu'il ait fallu tout ce temps. Elle suppose qu'il faudra prévoir une signalisation.

ERNY MULLER (LSAP) *salue à son tour ce projet. Il rappelle que le collège échevinal précédent avait essayé de faire réaliser ces travaux plus tôt, mais l'Administration des ponts et chaussées avait refusé. Mieux vaut tard que jamais.*

Les couts sont relativement élevés, mais la commune s'en sort plutôt bien.

Il s'agit d'une piste cyclable nationale reliant Belval à la sortie de Niederkorn.

Erny Muller rappelle que la partie se trouvant à l'entrée en ville le long de la chaussée ou sur le trottoir est terminée depuis longtemps. Aujourd'hui, il est question de la partie derrière le futur lycée international permettant de relier le croisement. Il s'agit de 350 m. S'y ajoutent 700 m du contournement jusqu'aux anciens ateliers, et ce, sur 4 lots. Un de ces lots est particulièrement important et représente un quart des frais totaux. Il faudra notamment déplacer la passerelle permettant de traverser la voie ferrée.

Erny Muller a calculé que l'État financera 84,7 % des frais et la commune 15,3 %.

Il remercie M. André Gonderinger, qui est responsable de la réalisation de ces travaux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue expressément la réalisation de cette piste cyclable. Il en est question depuis longtemps — trop longtemps. Il était temps de raccorder Belvaux à Niederkorn.*

Tout n'est pas encore clair. La piste cyclable mènera-t-elle à Käerjeng ou à Pétange? Le collège échevinal devra s'engager pour les deux.

Le raccordement dont il est question aujourd'hui est très important, car il n'est pas agréable de circuler

Dorunner gëtt op der Säit vun der Ponts et Chaussées am Moment nach geschafft. Dat wäert méi spéit eng Kéier heihinner kommen.

Dat ass alles, wat ech zu deem Punkt wollt soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gëtt et dozou eng Wuertmeldung? Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech begréissen, dass a punkto Mobilitéit hei e grouse Schratt gemaach gëtt. Ech gebrauchte reegelméisseg d'Vélospist. Ech fannen et gutt, dass ee sech an Zukunft besser vu Gemeng zu Gemeng deplacéiere kann. An och innerhalb der Gemeng, souwuel wat Vélo ubelaangt, Trottinette, ze Fouss, mat Kutsch oder ouni Kutsch.

Et ass ze bedauern, datt et esou laang gedauert huet. An ech denken, dass — natierlech, dat wäert och wuel kommen — un der Signalisatioun muss nach geschafft ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir begréissen dat do ganz staark vun der LSAP. Ech erënneren drun, dass mer versicht haten, am leschte Schäfferot schonn des Aarbechten als Gemeng ze realiséieren a virzefinanzéieren. Do war awer déizäit d'Ponts et Chaussées net d'accord. Ech géif elo soen: „Was lange währt, wird endlich gut“. Et ass e relativ héije Käschtepunkt. Als Gemeng komme mer eenegermoosse gutt ewech.

Et ass eng national Vélospist, fir sech an der Mobilitéit ze deplacéiere vun engem Punkt A zu engem Punkt B. Mer kënnen elo direkt vu Belval bis an den Ausgang vun Nidderkuer an engem Zuch mam Vélo fueren. Oder mat der

Trottinette oder ze Fouss goen oder wéi mer ebe wëllen.

Déi zwee Deeler, déi hei betraff sinn — an der Entrée en ville ass schonn en Deel —, déi Weeër, déi laanscht d'Trottoiren oder iwwert déi besteeënd Trottoire verlafen, si jo scho fäerdeg. Elo kënn nach en Deel hannert dem spéidere Lycée international vum Parc de la Chiers, fir unzeschleissen un d'Kräizung Auchan. Dat sinn 350 Meter. De Rescht vum Contournement bis Al Ate-lieren, 700 Meter. Et si véier Loten.

Ee vun deenen ass nach e wichtige Lot, deen och net bëleg ass. Dee kascht nämlech ronn e Véierel vun deene Käschten, déi d'Ponts et Chaussées iwwerhëlt. Dat ass ëmmerhin d'Erneieren an d'Versetze vun där aktueller Passerelle, där Bréck, déi iwwert d'Eisebunn geet. Ech hunn ausgerechent, vun deem Montant vun 2.265.000 Euro, iwwerhëlt de Staat 84,7 Prozent. An d'Gemeng Déifferdeng 15,3 Prozent.

Mir wollten dem Här André Gonderinger Merci soen, deen als responsablen Techniker sech scho virun an och elo nach iwwert d'Projeten déi Ausféierung do begleet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Gëtt et nach eng Wuertmeldung? Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, als déi Lénk begréisst mir ausdrécklech de Bau vun där Vélospist. Deen huet e laange Baart. Dat huet wierklech ze laang gedauert. Wann et da kënn, dann ass et wierklech gutt, dass mer dat elo endlech hikréien an domadder déi Verbindung vu Bieles maachen. Zu Bieles ass och e Problem mat der Signalisatioun, fir vun Esch eriwuer op Bieles, op Déifferdeng ze kommen an da bis op Nidderkuer.

Hei ass déi grouss Fro: Wéi komme mer vun do aus wouhinner? Geet et duerno op Käerjeng an op Péteng? Geet et just op Käerjeng? Geet et just op Péteng?

Ech mengen, dat ass deem nächste Match, dee mer onbedéngt musse maachen. Dass mer eis dofir asetzen, dass et souwuel op Käerjeng wéi op Péiteng vun do aus geet.

Hei kréie mer elo déi Verbindung, déi ganz wichteg ass innerhalv vun der Gemeng. D'Avenue de la Liberté war wierklech alles anescht wéi e Genoss, fir do ze fueren. Net nëmme mam Vëlo. Och ze Fouss ass et wierklech net angeneem. Et ass einfach ze enk. Et sinn ebe ganz vill Autoen, déi do fueren. An deem heite Wee, dee bréngt elo ganz vill Verbesserung fir all déi Leit, déi net wëlle motoriséiert ënnerwee sinn.

Wou mer musse kucken, dass mer, in der Tat, elo d'Leit doriwwer informéieren, dass e Stéck schonn do ass, wat nach net ganz definitiv ass. An déi Stécker eben elo nach gebaut ginn, déi mer elo haut stëmmen.

Mir begrëssen dat doten. An hoffen, dass mer an aner Richtungen an an aner Dealer och weiderkommen. Och Richtung Fousbann musse mer kucken, dass mam Reamenagement vun der Zolwerstrooss eppes méi Konsequentes gemaach gëtt. Dat misst eng vun deenen nächste Prioritéite sinn.

A wat ech nach ëmmer soen, ass, dass een och deem aneren Deel vun Uewerkuer – ech fannen, do hu mer eng Chance verpasst, déi Connectioun anstänneg hinzukréien, Richtung Lunas-Terrain.

Wéi déi Gare zu Uewerkuer gebaut ginn ass, hätt een einfach eng zweet Bande fir d'Vëlo misse bauen. Well um Quai däerf een net fueren, obwuel et ideal ass, fir vum Déifferdenger Zentrum bis quasi op de Bierg zu Uewerkuer ze kommen. Do muss een ëmmer nach erofklammen. Do muss ee sech och nach eppes iwwerleeën. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, et ass scho bal alles gesot. Mir si frou, dass dat feelend Stéck, wat tëscht Uewerkuer oder vu Biele Richtung Uewerkuer weider op Nidderkuer gefouert gëtt. Déi 345.000 Euro, déi un eis Gemeng falen, sinn haaptsächlech Supplementen oder speziell Demanden, déi mir froen. Dat ass eng gutt Saach.

Ech hunn zwou Froen zu de Luuchten. Sinn LEDe virgesinn? Oder Luuchten, déi weinst der Liichtverschmutzung nuets besser sinn? Déi si jo d'ganz Nuecht un. Wéi gëtt dat gehandhaabt?

Ech hat elo grad mam Här Diderich rieds, am Moment feelt do e klengt Stéck vum Carrefour Émile Mark bis erop bei d'Passerelle. Dat gëtt mam ganze Reamenagement, wann d'Policegebai kënnt, färdig gemaach oder wéi? Wann ech dat richteg verstanen hunn.

Mir stëmmen mat Jo. An ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dës Piste cyclable ass definitiv e méi séchere Vëloswee vun der Schoul zu Nidderkuer op Déifferdeng. Ech fueren deem ëmgekëierte Wee wéi den Här Liesch. Laanscht d'Bunn, wéi schonn explizéiert, iwwert de Contournement laanscht d'Gare – wou nach muss opgepasst ginn, dass do richteg agezeechent gëtt, wie Vëlofuerer ass, wie Piéton ass an esou virun – an de Parc de la Chiers. Dat ass ze begrëssen. Hei ass d'Sécherheet méi garantéiert fir d'Vëlofuerer. An et kann ee relax fueren.

Souguer de Foussgänger ka vun där Pist profitéieren, deem esou d'Méiglechkeet huet, d'Haaptstrooss zu Nidderkuer ze evitéieren, déi zäitweis e groussen Traffic huet. Ech ka mech erënneren, wéi déi Strooss geplangt ginn ass, war ech dee Moment am Geschäftsverband. A

dans l'avenue de la Liberté. La route est trop étroite. La nouvelle piste cyclable facilitera la vie des gens ne voulant pas circuler en voiture. Il faudra les informer qu'une partie de piste est déjà accessible et que d'autres parties sont en train d'être construites.

Gary Diderich espère que d'autres raccordements seront réalisés, par exemple en direction du Fousbann dans le cadre du réaménagement de la rue de Soleuvre. Il regrette qu'à Oberkorn, le raccordement en direction du terrain de Luna n'ait pas été effectué comme il faut. Lors de la construction de la gare d'Oberkorn, il aurait fallu aménager une deuxième bande pour les vélos, car il est interdit de circuler sur les quais.

GUY TEMPELS (CSV) se réjouit que la partie manquante entre Belvaux et Niederkorn en passant par Oberkorn soit réalisée. Les 345 000 € pris en charge par la commune servent à financer des suppléments.

En ce qui concerne l'éclairage, Guy Tempels demande s'il s'agit de LED. Il rappelle que ces lumières seront allumées toute la nuit et qu'il faut faire attention à la pollution lumineuse.

Il ajoute qu'actuellement il manque encore un bout de piste cyclable entre le croisement et la passerelle. Cette partie sera-t-elle terminée lors de la construction du commissariat?

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que la piste cyclable permettra aux enfants d'aller à l'école de façon plus sécurisée.

Elle explique qu'elle emprunte la piste le long de la voie ferrée, le contournement, la gare et le parc de la Chiers, et signale que la signalisation doit être améliorée à hauteur de la gare. La piste cyclable permet aux cyclistes de rouler tranquillement et en toute sécurité. Elle peut aussi être utilisée par les piétons voulant éviter la route principale à Niederkorn.

Christiane Saeul se souvient qu'elle était membre de l'association des commerçants lorsque la route a été planifiée. À l'époque, il était tendance de rétrécir les routes pour ra-

4a. Piste cyclable PC 8

lentir le trafic. Toutes les entreprises disposant de camions s'étaient réunies pour signaler que la route devait être suffisamment large pour permettre à deux camions de circuler côte à côte. La piste cyclable n'a fait qu'augmenter le danger. C'est pourquoi il fallait en construire une nouvelle.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'associe à ce qui vient d'être dit. Il ajoute que la piste cyclable en question peut être utilisée par les piétons, les gens avec des chiens, les personnes en trottinette... Il est donc nécessaire d'installer une signalisation efficace pour que les usagers sachent quel côté emprunter. La piste passe aussi par des trottoirs où une signalisation différente est nécessaire pour éviter les accidents.

FRED BERTINELLI (LSAP) soutient la stratégie visant à promouvoir les transports en commun et le vélo. Mais pour cela, il faut disposer des pistes adéquates pour se rendre d'un point A à un point B. Differdange a été pionnière en permettant aux cyclistes de circuler dans les sens uniques en sens inverse. La commune a donc fait le maximum avec le peu à disposition. Malheureusement, le projet de la piste cyclable dont il est question aujourd'hui a été reporté. Or il est extrêmement dangereux de circuler à vélo dans la rue de la Liberté. Fred Bertinelli a été déçu lorsque le ministre Bausch a présenté son programme concernant le vélo. Si Fred Bertinelli et monsieur Liesch avaient eu gain de cause, la piste cyclable entre Differdange et Niederkorn existerait depuis deux ans. Fred Bertinelli a visité des villes à l'étranger pour voir comment elles gèrent le vélo dans les centres. Les Pays-Bas, qui ont constamment dix ans d'avance, disposent de pistes cyclables en aluminium. Plusieurs bureaux luxembourgeois se sont rendus à Breda pour voir ces pistes. Elles sont fantastiques. Toute une évaluation est en cours concernant les pistes cyclables dans les villes. Il faut en profiter, car à Differdange, certains points névralgiques ne sont pas encore raccordés. Fred Bertinelli se dit heureux de la piste cyclable dont il est question

mir hate ganz vill Sitzungen zesummen, well déi Strooss vun Nidderkuer op Déifferdeng oder vun Déifferdeng op Nidderkuer war méi breet virdrun. An dee Moment war et ganz modern, d'Stroossen alleguerten ze verklengeren, fir den Trafic méi lues goen ze loos-sen.

Do hunn déi ganz Entreprises, déi Camionen haten – Depannage-Camionen oder egal wat fir eng Liwwercamionen –, sech zesummege-sat, fir déi Leit, déi dat organiséiert hunn, matzehuele fir ze probéieren, ob dee Wee iwwerhaapt geet, fir déi zwee Camione laanschteneen ze kréien. Dat ass och esou just gaangen. A mat enger Vëlospist dobäi, do war et zimmlech geféierlech. Duerfir begréisst mer, dass dës nei Vëlospist gebaut gëtt. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech deene positive Wierder vu menge Virriedner un. Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass dës Pist vu Foussgänger mat an ouni Hond, vu Leit mat Trottinett, elektresch oder net, an och vu Cycliste benotzt gëtt. Eng genau Informatioun fir déi vill Benotzer duerch Schëlter oder Zeechen um Buedem, wien op wéi eng Säit gehéiert an esou virun, ass e Must an dëser Situatioun. Och féiert d'Streck mat Momenter iwwert den Trottoir. Wou och eng ganz genau Beschëlderung ubruecht ass, fir Accidenter ze verhënneren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, eppes wat eis, sou wéi dem Här Liesch, um Häerz

läit, dat war, wou mer déi Strategie ugaange sinn, fir op den ëffentlechen Transport an op de Vëlo ze kommen. Mä effektiv geet dat doten nëmmen, wann een déi adequat Vëlosweeër huet a senger Gemeng an och vun A op B kënnt. An ongeféierlech Vëlosstrecken do sinn. Wat leider net de Fall ass.

Mir waren hei Virreider a verschiddene Prinzippien, datt mer dee verkéierte Wee duerch Einbane mat Vëloze konnte fueren. Fir Vëlosweeër do unzezeechen. Dat heescht, mir hunn de Maximum, wat an eisen Hänn war, do gemaach, fir op dee Wee ze kommen.

Mä leider Gottes muss ech soen, ware mer praktesch fäerdeg, haten de Budget do stoen fir déi Streck Nidderkuer-Déifferdeng – wat fir mech eng ganz, ganz geféierlech ass, d'Rue de la Liberté, fir mam Vëlo ze fueren –, mä hu se dann zrëckgesat.

Ech war e bëssen enttäuscht op der Presentatioun vum Minister Bausch, wéi en hei zu Déifferdeng dee ganze Programm vum Vëlo dat Joer virgestallt hat. An datt dat esou laang gedauert huet.

Wa mer deemools – an ech hat mam Här Liesch och ëfters Gespréicher dorüwer – dat duerchgezunn hätten als Schäfferot, géif déi Pist schonn een, zwee Joer fonctionéiere vun Déifferdeng op Nidderkuer. Dann hätte mer eng geféierlech Strooss ewech. Mä dat heiten ass och gutt. Et kënnt en nationale Vëloswee dran.

D'Evolutionen a verschiddene Stied – mir hunn hei Büroen am Land, ech war mer dat eng Kéier ukucken an d'Zentre vu Stied, wéi dat gehandhaabt gëtt. Mëttlerweil gëtt iwwert d'Stroossen ewech mat Vëlosweeër aus Aluminium gefuer gëtt an Holland. Déi ëmmer Joren, zéng Jore virun eis alleguerten sinn. Verschidde Büroen si sech dat ukucke gaangen.

Et ass fantastesch zu Breda, wann ee sech dat wëll ukucke goen. E Grupp vun Ingenieure war sech ukucken, wéi een e Stadzentrum mat Vëlosweeër mécht, wou een net grad d'Strooss oder déi Plaz huet. Well dat jo e grouss Problem ass. Déi driwwer ewech gefuer sinn, wat ganz interessant ass. Do ass eng grouss Evolution amgaang an de

Stied, fir mat Vëlosweeër dat ze maachen. Dat sollt een och eng Kéier kucken. Well mer wëssen, datt mer nevragesch Punkten an eiser Stad hunn, wou mer net sou gutt eens ginn, fir Vëlosweeër anzeriichten.

Ech sinn awer enorm frou, datt dat hei elo endlech geschitt. Datt mer déi Vëlosweeër kréien. Well am Konzept, dee mer viru Joren opgestallt hunn, wou mer och op aner Weeër wéi den effentlechen Transport, Parkplazen higaange sinn, war dat e Bausteen, deen enorm gefeelt huet. Well da sollen d'Leit mam Vëlo fueren, mä déi Strecke waren net do, fir mam Vëlo ze fueren.

Hoffe mer hei, datt mer alleguerten eis Schoulen an déi eenzel Quartieren an eiser Gemeng awer kënnen ufueren heimmader. An och, datt dann endlech realiséiert gëtt, datt mer déi geféierlech Strecke fir d'Vëlofuerer erauskréien.

Wéi den Här Altmeisch gesot huet, musse mer kucken, wéi dat am Ausland gehandhaabt gëtt. Do gitt Der net einfach mam Hond, dee fräi leeft op eng Vëlospist, dat ass verbueden. Verschiddene Strecken bei eis si méi Hondsweeër wéi Vëlospisten.

Do sollt een eng Kéier kucken, fir e Reglement iwwert d'Verkéiserskommissioun auszeschaffen, ee fir allemol. Well dat ausserhalb vum Verkéiserswee ass. Dat muss ee jo mat eiser Verkéiserskommissioun kucken. Mä dat hei ass ausserhalb do dervunner. Dat si meeschtens Pisten, déi der Gemeng gehéieren oder bausse sinn. An do sollt een awer och kucken, fir dat esou ze gestalten, datt d'Leit dobausse wëssen, hei dat do dierf ech an dat do dierf ech net.

Well dat ass momentan nach esou e bëssen e Flou. Wou kee genau weess, wat ass, wann ech dann elo mam Vëlo kommen, an den Hond kënnt do, an ech iwwerfueren den Hond oder ech fallen duerch den Hond. Dat ass momentan net gekläert. Duerfir sollt een, wann déi Vëlospist mol eng Kéier fäerdeg ass, dat klären.

Ech si ganz frou, datt dat kënnt, endlech. Laang, laang dru geschafft hei, alleguerten déi Leit, déi sech beméit hunn, fir dem Vëlo méi e grouse Stellwäert ze ginn. An ech hoffen, datt et net méi laang dauert, datt mer vun där en-

ger Grenz op déi aner an eiser Gemeng och mam Vëlo kënne fueren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Bertinelli. D'Madamm Wohl huet d'Wuert gefrot, wann Der averstane sidd, hir et ze ginn. U sech ass ëmmer nëmmen eng Interventioun virgesinn, mä et ass guer kee Problem.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ass jiddereen d'accord?

(Zoustëmmung)

Ech war mer där Spëtzfënnegkeet do net bewosst. Ech wollt just ganz kuerz op dat reagéieren, wat d'Madamm Saeul virdru gesot huet vun der Avenue de la Liberté, dass déi méi schmuel gi wär duerch d'Vëlospist. Ech wëll soen, ...

(Interruption)

Dann hunn ech dat vläicht falsch verstanen. Dir hätt gesot, dass do am Fong geholl, wann dann eng Vëlospist wär, da wär se méi schmuel. Mä ech wollt just soen, et ass jo keng Vëlospist. Et ass just, dass d'Autoen, déi laanscht fueren, wëssen, wéi vill Plaz se solle loossen, fir laanscht ze fueren.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Et war net d'Vëlospist gemengt, et war déi ganz Strooss gemengt.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Dann hat ech vläicht eppes falsch verstanen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Dir Dammen. Ech géif dem Här Liesch d'Wuert ginn, well hie jo direkt ugesprach ginn ass. Här Liesch, wannechgelift.

aujourd'hui. Car dans les concepts réalisés ces dernières années, le vélo constituait la pièce manquante. La commune faisait la promotion du vélo, mais ne disposait pas de pistes cyclables. Fred Bertinelli espère que dorénavant, les pistes desserviront toutes les écoles et tous les quartiers.

À Differdange, certaines pistes cyclables ressemblent davantage à des chemins de promenade pour chiens. À l'étranger, c'est interdit. La commission de la circulation devrait élaborer une réglementation claire pour que les gens sachent ce qui est permis et ce qui ne l'est pas. Que se passe-t-il par exemple si un cycliste renverse un chien? Cela n'est pas clairement défini.

Le collège échevinal s'investit depuis longtemps pour que le vélo occupe une place plus importante à Differdange. Fred Bertinelli espère que bientôt, les pistes cyclables relieront la commune d'un côté à l'autre.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

constate que madame Wohl demande la parole. Mais en principe, chaque conseiller communal n'a droit qu'à une intervention. (Discussions)

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

n'était pas au courant de ce détail. Elle souhaite revenir sur les propos de madame Saeul concernant le rétrécissement de l'avenue de la Liberté à cause de la piste cyclable. (Interruption de Mme Saeul)

Nicole Wohl avait mal compris. En fait, il n'y a pas de piste cyclable dans cette rue. La signalisation au sol ne sert qu'à indiquer aux automobilistes combien de place ils doivent laisser aux cyclistes. (Interruption de Mme Saeul)

Nicole Wohl répète qu'elle avait mal compris ses propos.

4a. Piste cyclable PC 8 / 4b. École Um Bock

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

confirme que l'éclairage sera constitué de LED, mais il ne connaît pas les horaires d'illumination. Il sait cependant que les lumières sont éteintes à partir d'une certaine heure sur la piste entre Belvaux et Oberkorn.

Il rappelle par ailleurs qu'un raccordement provisoire existe déjà à partir de l'ancienne gare de Differdange. Ce raccordement n'est pas idéal, mais il a le mérite d'exister.

Georges Liesch souligne à son tour l'importance de la signalisation pour que chacun sache comment se déplacer.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 4 b, l'agrandissement de l'école Um Bock. Elle cède la parole à monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) *se réjouit de pouvoir présenter le quatrième projet scolaire qu'il accompagne personnellement. Il souligne le fait que le service scolaire et le service des maisons relais aient été consultés. madame Peterhänsel est la personne responsable.*

Le projet a été présenté lors d'une séance d'information publique. Des discussions ont eu lieu notamment en ce qui concerne le manque de places de stationnement. Il faudra trouver une solution.

Le site fait 1,64 ha. Il se situe entre la rue Boettelchen, la rue de l'Eau et la rue des Champs. Le terrain a une différence de niveau d'un étage.

L'établissement se compose d'une école primaire, un hall sportif et un pavillon pour le précoce. Le problème concernant la salle de sport était connu depuis des années. C'est pourquoi il a fallu agir.

Le bâtiment a été construit en béton et en acier il y a 52 ans. Il a une classe énergétique F et ne correspond donc plus aux normes actuelles. Cependant, l'architecture est marquante. C'est pourquoi le collège échevinal veut la préserver. Tom Ulveling précise qu'avec son patio au milieu, le bâtiment n'exploitait pas l'espace à disposition convenablement.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et kôum eng Fro vum Här Tempels. Effektiv sinn et LED-Luuchten, déi mer do setzen. Wat den Timing ugeet, wéi laang se u sinn, muss ech soen, dat weess ech elo nach net. Ech weess op der Streck Bieles-Uewerkuer gi se zu enger gewësser Auerzäit aus. Ob dat elo hei och esou gemaach gëtt, dat muss ech nofroen. Dat weess ech elo net.

Ech wollt awer nach soen, wéi och d'Conseillere heibanne gesot hunn, mir hu jo schonn eng provisoiresch Verbindung geschaf vum engem klengen Stéck vum där aler Déifferdenger Gare. Dat ass jo schonn do. Dat ass provisoiresch, dat ass net ideal, mä zumindest ginn awer vill Leit schonn do drop. Déi profitéieren dovunner.

An dat hei gëtt natierlech dann definitiv, dat gëtt eng ganz aner Qualitéit. Op d'Signaliséierung musse mer effektiv vill wäert leeën, dass dat kloer ass, wie sech wou beweegt a wéi een dohinner kënnt. Dat ass ganz richtig.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, géife mer zum Vott iwwergoen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la piste cyclable nationale PC8.

Da géife mer zu Punkt 4b kommen. Do geet et ëm d'Erweiderung an d'Transformatioun vum der Schoul Um Bock. Wou mer déi definitiv Pläng an Devisen stëmmen. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass e flotte Projet, dee mer hei virleien hunn. Et ass dee véierte Schoulprojet, deem ech där begleeten. Dat huet mer besonnesch Freed gemaach. De Projet ass ofgestëmmt gi mat eise Servicer, dem Schoulservice, Maisons relais an esou

weider. Et ass ënnert der Féierung vum der Madamm Peterhänsel entstanden. Déi bekëmmert sech och weiderhin ëm dëse Projet.

Wéi Der alleguerte wësst, hate mer eng Séance publique gemaach, wou mer de Leit de Projet virgestallt hunn. Do waren e puer kontrovers Diskussiounen. Dat wëll ech net verstopen. Notamment wat d'feelend Parkplazen ubelaangt. Mä och do wäerte mer versichen, Léisungen ze fannen.

Wat de Projet selwer ugeet, mir kennen alleguerten dat Areal. Et ass en Areal vum engem Hektar a 64 Ar, wat tëschent der Rue Boettelchen, wou d'Haaptentrée de Moment ass vum der Schoul, der Rue de l'Eau an der Rue des Champs geleeën ass. Op deem ganzen Terrain besteet en Niveausënnerscheed vu bal engem Stack. Dat gesitt Der duerno an de Pläng, wéi dat versicht ginn ass ze kompenséieren.

D'Gebai um Bock besteet aus enger Primärschoul, engem Hall sportif an engem Pavillon, wou de Precoc dran ass. Scho säit ville Joren, schonn zënter, dass ech déi éischte Kéier Bauteschäfte war, war de Problem bekannt vum där berühmter Turnhal, dass déi sech am Gaange war ze desolidariséieren vum Rescht vum Gebai. Dowéinst hat also missen eppes gemaach ginn.

Wann ee sech d'Gebai elo haut ukuckt, da muss ee wëssen, dass dat Gebai ëmmerhin 52 Joer huet. Et ass 1967 gebaut ginn aus Bëtong a Stol. Et ass Engergieklass F. Dat heescht, et entsprécht kenger haiteger Norm méi, et ass eng richtig Energieschleider. Well, wéi gesot, et ass just Bëtong. D'Architektur allerdéngs ass markant. Dofir hu mer eis derzou entschloss, déi Architektur weider ze behalen.

Wat markant ass, dat ass, dass déi Klassen e bëssen en cascade no baussen eraus gezu sinn. An der Mëtt war esou e klengen Escalade an och e Patio, deem zou war. An deem Gebai war also vill Plaz verluer gaangen an de Gäng. De Pavillon ass 1967 gebaut ginn an deem ass fir de Precoc geduecht gewiescht. Och deem entsprécht kenger haiteger Engergieklass, ass eng richtig Energieschleider.

2007 ass eng éischte Kéier gekuckt ginn, wat ee kéint maache mat deem Gebai. Deemools war envisagéiert ginn, fënnf bis sechs Klassenäll dobäi ze maachen an en Assainissement énergétique vun deem Gebai, well e jo awer schonns vétuste ass an d'Heizkäscht wierklech zu Buch schloen, an deem Fall hei.

Duerno war awer u sech net vill geschitt. Et ass just de Monitoring weider gemaach gi vun der Sportshal, fir ze kucken, dass déi sech net ze vill géif vum Rescht desolidariséieren. Siwe Joer drop, 2014, ass ugefaange ginn, wierklech ze soen, mir mussen do eppes maachen. Do war dann d'Stabilitéit gekuckt ginn, den Assainissement énergétique, d'Konformitéit. An och déi ganz Technik sollt evaluéiert ginn. Et sollt natierlech och e Bäibau mat neie Klassen do realiséiert ginn.

Wéi d'Etüd 2015 fäerdeg ginn ass a presentéiert ginn ass, waren e puer Zenarioe méiglech. Dat eent war eng komplett Renovatioun vum existéierende Gebai. Dat war déi éischt Variant. Déi zweet Variant war d'Extensioun an d'Renovatioun vun deem Gebai. Déi drëtt Variant war alles ofrappen an een neit Gebai bauen, ouni, dass ee géif eppes dobäisetzen. An déi véiert Variant war dann ofrappen, plus nach nei Säll dobäi setzen.

Vun de Surface hier komme mer vun engem Gebai vu bal 4.000 Meterkaree op e Gebai vun 8.000 Meterkaree. D'Surface wäert sech verduebelen. An der Hal komme mer vu 640 Meterkaree op 2.085 Meterkaree. Déi gëtt praktesch dräimol esou grouss wéi dat, wat elo do ass.

Den Accès vun dem heite Gebai ass iwwert d'Rue Boettelchen. Dat soll och an Zukunft esou bleiwe fir de Préscolaire an de Precoc. D'Maison relais, déi ass een Etage ënnendrenner, déi soll vun der Rue de l'Eau aus accessibel sinn. Dat heescht, vun der Rue de l'Eau aus gekuckt huet een dräi Stäck. Wann ee vun der Rue Boettelchen kuckt, dann huet een zwee Stäck. Wou ech muss dobäi soen, dee ganzen Hall sportif ass zu 50 Prozent am Buedem. Dat heescht, dee steet ongeféier zur Hallschent eraus.

De Site, Aménagement extérieur ass 16.000 Meterkaree. Dovunner bleiwen 9.000 Meterkaree iwwreg, déi mussen amenagéiert ginn. Do si Spillplaz virgesi fir d'Kanner aus dem Precoc an dem Préscolaire. Déi wäerten an der Richtung Rue Boettelchen installéiert ginn, während de Schoulhaff vun der École fondamentale wäert éischter Rue de l'Eau sinn.

Den Accès vun der Maison relais wäert sinn iwwert d'Rue de l'Eau. Do gëtt och e Kiss & Go installéiert. Den Accès wäert net autoriséiert ginn iwwert d'Rue des Champs. Dat heescht, do ass virgesinn – an der Bauphas an och duerno –, dass een déi hannert deem leschten Haus wäert zoumaache bis ënne bei d'Rue de l'Eau.

An deenen exterieuren Amenagementen sinn dräi Bassins de rétention d'eau virgesinn, fir d'Iwwerflächewaasser do ze kollektionéieren. Deen ee Bassin leeft an deen aneren. Dat soll esou kaskadeförmeg ugedeit sinn. An et soll och esou sinn, dass sech ni méi wéi 30 Zentimeter Waasser am ënneschte Bassin wäerte befannen. Natierlech sinn och ënnenderesch Bassine virgesi fir d'Waasser opzefänken an déi dann an de Kanal weiderzeleeden.

Et ass ugeduecht, dass dat e bëssen esou wéi en Amphitheater wäert sinn. Soudass een do e Parcours didactique ka maachen an deene Bassins de rétention, déi also wahrscheinlech ni mat Waasser wäerte gefëllt ginn, ausser deen ënneschten.

Elo zum Programm vun deem Ganzen. An deem ale Gebai ware 16 Klassenäll, eng Sportshal. Et war kee Lift an deem Gebai. Mer haten eng Bibliothék, mer haten e Mur d'escalade, dee mer och erëm wäerten hibauen a mir haten dräi Säll fir de Precoc, déi an engem Pavillon ënnerbruecht waren.

Déi nei Schoul, dat neit Gebai wäert eng dräifach Sportshal hunn. Mir wäerte siwe Säll fir de Préscolaire hunn, zwielef Säll fir den Enseignement fondamental, dräi fir de Precoc a sechs fir d'Maison relais.

Et wäert keng Kichen dra sinn. Ausser eng sougenannte Cuisine éducative. Mir wäerten eng Bibliothék dran hunn. Mir wäerten eng Salle de défou-

Le pavillon a été construit en 1962 et ne correspond pas non plus aux normes énergétiques actuelles.

Tom Ulveling rappelle qu'en 2007, la commune avait envisagé d'assainir le bâtiment et de construire cinq ou six salles de classe supplémentaires. Mais par la suite, rien n'a été fait mis à part un contrôle régulier de la salle de sport pour s'assurer qu'elle ne se désolidarise pas du reste de la structure.

En 2014, le collège échevinal a décidé d'agir. On a procédé à une évaluation de la stabilité, de la conformité et de l'équipement technique. Une annexe a également été planifiée.

L'étude a été présentée en 2015. Plusieurs solutions ont été prises en considération. La première consistait à rénover le bâtiment complètement, la deuxième à l'agrandir et à le rénover, la troisième à le démolir et le remplacer, et la quatrième à le démolir et le remplacer par une structure plus grande.

Finalement, la surface passe de 4000 m² à 8000 m². Le hall sportif sera trois fois plus grand.

L'accès au préscolaire et au précoc restera situé dans la rue Boettelchen. La maison relais sera accessible par la rue de l'Eau.

Le bâtiment fait trois étages dans la rue de l'Eau et deux étages dans la rue Boettelchen. Le hall sportif est souterrain à 50 %.

Neuf-mille mètres carrés seront aménagés à l'extérieur. Des aires de jeux et une cour de récréation sont prévues.

La maison relais disposera d'une zone « kiss & go ».

Trois bassins de rétention d'eau reliés en cascade seront installés. Il n'y aura jamais plus de trente centimètres d'eau dans le bassin le plus bas. Des bassins souterrains sont également prévus.

Les bassins de rétention formeront une sorte de parcours didactique.

L'ancien bâtiment comportait 16 salles de classe, un hall sportif, une bibliothèque et un mur d'escalade. Il n'y avait pas d'ascenseur. Le pavillon accueillait trois classes du précoc.

Le nouveau hall sportif sera trois fois plus grand que l'ancien.

L'établissement disposera de 7 classes pour le préscolaire, 12 pour

le fondamental, 3 pour le précoce et 6 pour la maison relais, d'une cuisine éducative, d'une bibliothèque, d'une salle de défoulement et d'un mur d'escalade. L'espace administratif sera situé au deuxième étage, où des échanges pourront avoir lieu entre les enseignants et les éducateurs. Il y aura aussi un local pour la direction, une salle de conférence, des vestiaires, une kitchenette, des toilettes pour garçons, filles et handicapés...

Le mur d'escalade s'élève sur trois étages. L'escalier le long du mur sera aménagé comme un rocher comportant des niches.

Le hall sportif peut être subdivisé en 3 parties et accueillir 500 personnes. 50 % du volume est souterrain. Sur le site du centre sportif se trouvent plusieurs arbres. L'entrée fonctionnera de façon autonome le soir. Les associations pourront y accéder sans passer par l'établissement scolaire. Elle se situera dans la rue Boettelchen. Des vestiaires sont prévus. Une baie vitrée offre une vue plongeante sur le centre sportif à partir de l'école.

Le collège échevinal a décidé de ne pas transférer les enfants dans une autre école pendant les travaux. Agrandir le site existant coûte moins cher. C'est aussi plus rapide et moins dangereux pour les enfants.

Le bateau va être démonté et remplacé par un conteneur de vingt salles de classe, trois salles d'appui, une bibliothèque, une salle de conférence, une salle de réunion et des installations sanitaires. Le rez-de-chaussée est adapté aux personnes handicapées. Il n'y aura pas d'ascenseur. Une maison relais n'est pas prévue.

La commune demandera des devis pour acheter et louer le conteneur. D'après les experts, pour une utilisation de plus de trois ans, il convient de l'acheter et de le revendre ou de le réaffecter ensuite. D'après les règlements de l'ITM, un conteneur avec 2 étages sur le rez-de-chaussée doit pouvoir résister au feu pendant 90 minutes. Or, un tel conteneur n'est pas facile à trouver.

La maison relais pourra accueillir 229 élèves. Elle comprend une salle de bricolage, une salle dédiée aux

lement dran hunn. Mir wäerten och iwwer dräi Stäck esou eng Kletterwand hunn.

Mir hunn och extra dru geduecht, fir en Espace administratif ze maachen. Ddeen um zweete Stack wäert sinn, do, wou de Fundamental ass. Net nëmme fir d'Léierpersonal, mä do soll en Echange stattfannen tëschent den Educatricen an dem Léierpersonal. Dann ass virgesinn, dass do e Raum ass fir d'Direktioun, dass e Raum ass fir d'Konferenzen, dass Vestiaires do sinn. Et ass virgesinn, dass do och esou eng kleng Kitchenette ass, wou d'Leit sech mëtten kënnen treffen an eventuell emol eppes opwiermen.

Natierlech gehéieren och Toiletten dohinner. Toilettë sinn op all Stack virgesinn. Souwuel fir Jongen, wéi fir Meechercher, wéi och fir Handicapéierter. An deem Gebai sollen awer nëmmen Toilette sinn a keng Urinoire fir d'Jongen.

De Mur d'escalade geet iwwer dräi Stäck. D'Trap, déi laanscht dëse Mur d'escalade geet, gëtt esou amenagéiert wéi e Fiels. Do sinn esou Nischen dran. Da kënnen d'Kanner sech an déi Nische setzen a kucken, wéi hir Kollegen ënnen op deem Klettergerüst ronderëm turnen.

Den Hall sportif ass eng Dreifachhalle, wéi ee seet. Kann also an dräi ënnerdeelt ginn. Si ass geduecht, fir 500 Persounen opzehuelen. 50 Prozent vum Volumen ass am Buedem. Dat ass wichtig, well dat killt of, da gëtt et am Summer net esou terribel waarm.

D'Positioun vun där Hal respektiv vum ganze Site ass esou ugeluecht ginn, dass een esou vill wéi méiglech Beem – do sinn e puer flott Beem op deem Areal –, kann halen. Dass een duerch déi Beem kuckt, esou vill wéi méiglech Schiet ze kréien.

D'Hauptentrée vun der Hal, déi kann owes autonom fonctionéieren. Dat heescht, d'Veräiner kënnen do eragoen, ouni dass si an d'Schoulgebei kommen. Do si Vestiairë virgesinn. D'Entrée vun der Hal ass iwwert d'Rue Boettelchen. D'Hal ass am Buedem versenkt. Wann een an d'Schoul erageet, gesäit een duerch esou eng grouss Baie vitrée erof an d'Hal.

Et waren Iwwerleeungen: Baue mer bái a loosse mer d'Kanner dran an dann transferéiere mer d'Kanner oder wéi maache mer dat? Do si mer zur Konklusioun komm, dat Beschéit wär, mir maachen alles beieeneen. Éischtens geet et méi schnell a gëtt méi bëlleeg. Zweetens ass et och méi sécher fir d'Kanner, déi do an d'Schoul ginn.

Dofir hu mer decidéiert, eng Container-Schoul opzeriichten. Fir déi Leit, déi de Site kennen, do wou elo dat flott Schéff ass, dat gëtt demontéiert. Do kënnt e Containerbau hi mat 20 Klassenäll, dräi Appuissäll, enger Bibliothék, enger Konferenz, engem klengen Reuniouns-sall, engem Kopieraum a sanitären Aarrichtungen. Et ass allerdéngs kee Lift virgesinn. De Rez-de-chaussée ass handicapéiertegerecht virgesinn. Eng Maison relais ass do net virgesinn. D'Kanner ginn duerno an d'Villa.

De Problem, dee mer de Moment hunn, mat de Container, ass zweefach. Dat Eent ass kafen oder lounen? Mir wäerten et ausschreiwen, souwuel fir ze kafen, wéi fir ze lounen. Mir kréie vun eise Büroe gesot, dass à partir vun dräi Joer, wou een esou eppes lount, dass een et da grad esou gutt huet ze kafen, well de Präis d'selwecht ass. Duerno gëtt et anscheinend e Marché, wou ee gebrauchte Container erëm verkafe kann, wann ee se net selwer méi op enger anerer Plaz brauch.

Deen anere Problem ass, dass mer vun der ITM gesot kritt hunn, dass wa mer zwee Stäck op de Rez-de-chaussée setzen, dass mer dann 90 Minutte Feierfestgeket mussen hunn. An do ass e Problem, dass net vill Containerbauer eis dat de Moment ubidden.

D'Maison relais kann 229 Schüler ophuelen. Do ass eng Salle de bricolage, e Bastelraum, e Science-Raum, en Atelier, e Museksraum, en Theaterraum, eng Salle polyvalente an dräi Refectoirien, mat enger gemeinsamer Bibliothék virgesinn.

Den Enseignement fondamental, de Rescht also, ass fir 440 Schüler geduecht. Um Rez-de-chaussée, wann een erakënnt, geet ee maximal sechs Träppleker erop, dann ass een um Niveau vum Précoce an dem Préscolaire. Um éischte Stack, am Fundamental, sinn zwielef Klassenäll.

4b. École Um Bock

D'energetesch Konzept, hat ech virdu gesot, wat mer haut hunn ass F. Et geet net méi vill drënner. Do ass gekuckt ginn, dass een herno eng Classe énergétique B, no der Transformatioun, erreeche kann. Eng Classe A ass net erreechbar, vue d'Komplexitéit vun der Enveloppe thermique.

Et gött gekuckt, en dräifache Vitrage Glas eranzekréien. Eng Isolatioun vun der Fassad. A fir am Summer d'Konditioun besser ze maachen, Storen ze kréien, déi verdonkele respektiv géint d'Sonn schützen.

Eng mechanesch Ventilatioun, mat Recuperatioun vun der Hëtzt, ass virgesinn. Fir d'Energiekäschen ze minimiséieren, gött eng Détection de présence iwwert den Éclairage realiséiert. Dat heescht, d'Luuchte ginn nëmmen un, wann een do ass. Domat kann ee vill Sue spueren. Virgesinn ass eng Installation photovoltaïque um Daach. Souwéi eng Recuperatioun vum Reewaasser. An et ass e Panneau solaire thermique virgesinn, fir d'Waasser vum Sanitär ze hëtzen.

Dat Ganzt gött un eng Centrale de chauffage urbaine ugeschloss a wäert e gréngen Daach kréien. Ausser déi Partie vum Hall sportif, well do d'Bande esou grouss ass, dass dat relativ schwier ass, fir dat hinzekréien.

Natierlech ginn do ekologesch Materialie geholl. Sou wéi mer dat virgesinn hunn an eise Bauten-Leitfaden.

D'techesch Installatiounen wäerte sech haaptsächlech un där haiteger Concierge-Wunneng befannen. An eng kleng Partie wäert sech am Sou-sol vum Bâtiment erëmfannen.

Et komme Spillplazen dohi fir de Précoce an de Préscolaire, Säit Rue Boettelchen, vun ongeféier 1.150 Meterkaree. Fir den Enseignement fondamental 1.750 Meterkaree. Et stinn awer 2.900 Meterkaree zur Dispositioun. Dat heescht, all Kand huet Recht op 5 Meterkaree Spillfläch, also eng Cour de récréation.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

En Haff.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

En Haff, voilà.

Wat de Planning ugeet, wäerte mer versichen, wann dat heite gestëmmt ass, esou schnell wéi méiglech auszeschreiben. D'Container mussen allerdéngs virdu opgeriicht ginn, ier mer mam Bau ufänken. Mir wäerte versichen, Enn nächst Joer mam Bau unzekommen. Et wäert sech ongeféier zéie bis Mee/Juni 2023. Da soll et fäerdeg sinn.

En anere wichtige Punkt ass de Käschtepunkt, dee fir esou e risege Projet net negligabel ass. De Präis vun der Schoul, TTC, wäert sech op 27,5 Milliounen Euro belafen. Dovu ginn 2/3 an den Existant investéiert. An 1/3 an den Neibau. Et wäert e Käschtepunkt si vun 3.429 Euro pro Meterkaree. D'Sportshal wäert eis 7,7 Milliounen Euro kaschten. Dat ass e Käschtepunkt vun 3.707 Euro pro Meterkaree. D'provisorisch Container wäerten eis ongeféier 4,9 Milliounen Euro kaschten. Dat ass e Käschtepunkt vun 2.473 Euro pro Meterkaree.

Mir kréien awer zum Gléck e puer Subside vum Staat. Déi sinn de Moment estiméiert op 11,2 Milliounen Euro. Wann een de Grand total mécht, wéi ech ëmmer soen, wäert de Projet, wa mer en esou ofstëmmen, summa summarum, 41.260.000 Euro kaschten. Wann ech d'Subsiden ofzéien, da muss d'Stad Déifferdeng een Netto vun 30 Milliounen Euro opbréngen, fir dat ze schëlleren.

Ech fannen, et ass e flotte Projet. Et ass en duerchduechte Projet. Et ass allem Rechnung gedroe ginn. Dofir wär ech frou, wann Der dat kéint ënnerstëtzen, Är Zoustëmmung ginn an deen haut stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et Wuertmeldungen? Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, ...

(Diskussiounen)

sciences, une salle de musique, une salle de théâtre, une salle polyvalente, trois réfectoires et une bibliothèque.

La partie réservée à l'enseignement fondamental a une capacité de 440 élèves. Elle se situe au premier étage et comprend 12 salles de classe.

Le concept énergétique passera de la classe F à la classe B. La complexité de l'enveloppe thermique ne permet pas d'atteindre la classe énergétique A. Un triple vitrage, une façade isolée et des stores sont prévus. Un système de ventilation mécanique permettra de récupérer la chaleur. L'éclairage est relié à un système de détection des mouvements. Cela permettra de réduire les frais énergétiques. Sont également prévus une installation photovoltaïque sur le toit, un système de récupération d'eau de pluie et des panneaux solaires.

Les matériaux sont écologiques. Les installations techniques se situeront dans l'actuel local du concierge.

Du côté de la rue Boettelchen, on aménagera des aires de jeux pour le précoce et le préscolaire sur une surface de 1150 m² et pour l'enseignement fondamental pour 1750 m². Cela représente cinq mètres carrés par enfant.

Les travaux devraient commencer à la fin de l'année prochaine et dureront jusqu'à mai ou juin 2023.

Les frais de transformation de l'école se montent à 27,5 millions d'euros TTC, soit 3420 € par mètre carré. Le centre sportif coutera 7,7 millions d'euros, soit 3707 € par mètre carré. Et le conteneur provisoire est estimé à 4,9 millions d'euros, soit 2473 € le mètre carré.

La commune touchera des subsides de l'État pour un montant de quelque 11,2 millions d'euros.

En tout, le projet coutera 41,26 millions d'euros. La commune déboursera quelque trente-millions d'euros.

Tom Ulveling trouve ce projet réussi. On a tenu compte de tous les aspects. C'est pourquoi il demande au conseil communal de l'approuver.

ERNY MULLER (LSAP) constate que monsieur Ulveling vient de présen-

ter un projet que monsieur Liesch et lui-même ont contribué à planifier pendant plusieurs années, ensemble avec le bureau d'architectes et les services communaux. À l'époque, il n'était pas encore question du centre sportif. Le collège échevinal avait prévu d'assainir l'ancien bâtiment et de construire une annexe, car cela reviendrait moins cher que de construire un tout nouveau bâtiment.

Le nombre de salles de classe passe de 16 à 22. Ces salles pourront accueillir 420 élèves. Cela représente une moyenne de vingt élèves par classe.

En règle générale, les effectifs sont plus bas dans les écoles de Differdange, mais apparemment pas à Oberkorn. Si l'on part d'une base de 18 élèves par classe, on arrive à 404 élèves en tout. Théoriquement, on peut atteindre 440 élèves, mais 400 est un chiffre plus réaliste.

Actuellement, 310 enfants fréquentent le fondamental au Bock. Ce nombre va donc augmenter de 90 ou 100 unités. Erny Muller rappelle qu'une étude sur l'évolution démographique à Oberkorn a été réalisée. A-t-elle servi de base au calcul du nombre d'élèves par classe?

L'établissement comprendra à la fois une école et une maison relais. Il y aura des salles d'expérimentation, des ateliers, une bibliothèque, une salle de musique et même une salle de théâtre. Il y aura donc de quoi occuper les enfants de manière pertinente et éducative.

La maison relais pourra accueillir 229 enfants. Cinquante enfants pourront se restaurer simultanément. Ils disposeront d'un buffet. La maison relais pourra profiter de la nouvelle cuisine de production. monsieur Ulveling a mentionné le mur d'escalade.

La salle de sport se compose de trois parties, ce qui est une bonne chose, car plusieurs classes pourront faire du sport simultanément. En tout, six vestiaires seront aménagés. La salle pourra être utilisée par les associations en dehors des heures de cours. Des manifestations non sportives avec 500 personnes pourront également y être organisées.

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, den Här Ulveling huet eis dee Projet virgestallt. Ech muss soen, mir haten d'Eier – den Här Liesch an ech, deemools war hie Schoulschäffen an ech Bauteschäffen –, eng Partie Joren un deem Projet ze schaffen. 2015 hu mer ugefaange mam Architektbüro an hunn zesumme mat de Servicer dee Projet entwéckelt.

Haaptsächlech fir d'Schoul an d'Maison relais, wéi se haut plus ou moins virläit. Ausser dem Sportssall, wou mer nach drop zrëckkommen. Dir hat geschwat vun der Etüd an deemools hat schonn de Schäfferot festgehalten, nodeem mer déi puer Varianten do gesinn haten, dass et sennvoll wär – wéinst der Architektur, mä net eleng –, och méi en niddrege Käschtefaktor wär, wann een deen Deel, dee besteet, sanéiere géif. An dann en Ausbau maachen. Wéi dass een eng Schoul op der grénger Wiss bäibaut. Wéi gesot, just d'Sportshal ass elo an eng aner Positioun komm.

Ech hunn emol gekuckt, wéi et sech verhält mat de Klassen, mat den Effekter, déi mer elo an déi Schoul do erakriien. Aktuell hätte mer 16 Klassen, déi op 22 géifen eropgoen. Duerch kéime mer op eng Schülerzuel vu 420. Well dat jo mat enger theoretescher Klassenmoyenne vun 20 gerechent gëtt. Eis Moyennë leien awer méi niddreg. Dat schéngt awer net zu Uewerkuer de Fall ze sinn. Wa mer elo op 18 ginn, da kéime mer op 404. Dir gesitt, dass mer déi 440 wäerte schweier erreechen. Mä mer kënnen plus ou moins 400 Schülerinnen a Schüler an där neier Schoul ënnerdaach kriien.

Zurzäit sinn am Fondamental um Bock 311 Kanner. Dir gesitt, dass déi Zuel sech net wesentlech erhéicht, em ron e Véierel. Also 90 bis 100 Kanner kommen herno méi an déi Schoul. Mir haten eng Kéier eng Etüd iwwert d'demografesch Entwécklung zu Uewerkuer maache gelooss. Do wollte mer froen, wann dat vläicht bekannt ass, wat aus där Etüd ervirgaangen ass, als Grondlag fir d'Definitioun vun deenen eenzele Säll respektiv der Gesamtzuel fir d'Schüler zu Uewerkuer.

Déi zukünfteg Schoul ass als integréiert Schoul/Maison relais geplangt. No där neier Approche. Hei fanne mir e ganze

Koup Finalitéiten, Experimentéiersäll, Atelieren an esou weider. Den Här Ulveling huet eis dat alles erklärt. Mir gesinn, dass do eng Bibliothék dran ass, eng Salle de musique a souguer eng Salle de théâtre. Also ech mengen, Häerz, wat begiers de, ass alles do fir Schoul a Maison relais. Do sinn d'Kanner wierklech gutt beschäftigt, sennvoll beschäftigt a léierräich beschäftigt.

D'Maison relais ass fir 229 Kanner virgesinn. Et ass en Espace de restauration do, wou 50 Kanner matenee kënnen restauréiert ginn. Mir wësse jo, dass d'Produktiounskichen an deem ...

(Interruption)

Ma jo, déi hunn e Buffet an esou weider. Also, déi hunn do scho vill Choix.

Mir kënnen op déi nei Produktiounskichen zrëckgräifen, déi mer op deem anere Site installéiert hunn.

D'Kletterwand, hutt Der eis erklärt, déi bleift erhalen.

Ech kéim dann zur Sportshal. D'Sportshal – an dat begrësse mer – dat ass eng dräifälteg Sportshal. Dat ass interessant fir de Schoulsport. Well mer jo vill méi Varianten hunn, wou méi Klasse gläichzäiteg kënnen an déi Hal goen. Et sinn am Ganze sechs Vestiaires, dräi Duebeler, wann ee Männer a Frae consideréiert. Mä et sinn der sechs am Ganzen.

Déi Sportshal kann och ausserhalb vun de Schoulstonne vun de Veräiner benotzt ginn. A si kann, fir netsportlech Manifestatiounen, bis 500 Leit ophuelen.

Déi Sportshal gëtt elo um Terrain vun den Haiser an der Rue de l'Eau gebaut. An enger viregter Etüd war dës Sportshal op enger anerer Plaz. Entretemps ass se allerdéngs och méi grouss ginn. Dir hat gesot, wéinst remarkabele Beem wär dat Ganzt geschitt. An et wär versicht ginn, um Site eng aner Plaz ze fannen. Et heescht, den Emplacement wär besser, well d'Hal méi déif an de Buedem kënnt a sech un den Hiwwel leent.

Mir wëllen drop hiweisen, dass d'Anrainer vun der Rue de l'Eau, déi virdrun an d'Gréngs gekuckt hunn, elo direkt

op déi grouss Daachfläch kucken. D'LSAP proposéiert dofir, dësen Daach ze begréngen. Wat elo net virgesinn ass. An Dir hutt eis och gesot firwat. Mir géifen Iech awer wäermstens recommandéieren, d'Statik ze iwwerpräiwe respektiv eropzesetzen. Oder déi konstruktiv Problemer ze klären, déi eng Begréngung vermeiden.

Dat wär wierklech am Interêt vun den Anrainer, well Dir kënnt Iech jo virstellen, wann een op esou eng grouss Surface kuckt, dann ass et awer scho wichtig, dass een deen Daach begrängt. Och wann de Käschtepunkt doduerch eppes géif an d'Luucht goen.

Dee ganzen Areal ass relativ grouss. E grouss Virdeel vun där Schoul ass, dass se praktesch an engem grénge Park läit. Déi ganz Weeër, d'Spillplazen, alles, wat Der eis erkläert hutt, ass am Budget alles erneiert a virgesinn.

Et ass en héije Käschtepunkt, souguer e ganz héijen. 41.260.000 Euro. Et muss een awer soen, mir hunn dobäi dräi Dealer. Mir hunn eng Schoul, mir hunn eng Maison relais a mir hunn eng Sportshal.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An d'Containeren.

ERNY MULLER (LSAP):

De Container ass och dobäi. Ech wollt dat nach soen. Reng fir d'Schoul géifen dat 31 Milliounen oder 30 Milliounen ginn, wa mer de Subsid ofrechnen. Déi dräi Dealer minus dann déi fënnf Milliounen vum Container, mä déi mussen mer jo awer och bezuelen. Wa mer herno eppes kënnen recuperéieren, wär dat jo vu Virdeel.

Fir de Rescht ass alles gesot ginn. Mir fannen et och e ganz interessante Projet. Virun allem a senger Form. Dir hat vun där Cascaden-Fassade geschwat, déi all Schoulraum d'Ouverture no baussen a Luucht gëtt. Déi nei Schoul als geschlossene Volume spigelt dëse Charakter erëm. An eng optimal Abannung vun der Maison relais.

Op d'Parkplazeproblematik geet den Här Bertinelli nach an, ronderëm déi Bock-Schoul.

Mir wollten der Madamm Peterhänsel Merci soen, déi de Projet Schoul Um Bock vun Ufank un, dat heescht vun 2007 bis haut, begleet huet.

D'LSAP stëmmt den Devis an d'Pläng fir déi nei Schoul Um Bock. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot, léif Press, léif Matbierger, mir als déi Gréng begréissen dëse Projet vun der Extensioun an der Renovatioun vun der Uewerkuerer Schoul. Eng Schoul, déi an de 60er-Jore gebaut ginn ass, an engem exzeptionel Kader.

Et ass eng Freed fir all Kand, all Enseignant an all Educateur oder Educatrice, op där Plaz mat Kanner ze schaffen. Meng Schwëster schafft do. Ech ginn ëmmer erëm gären op Besuch, fir do aus deene grouss Fënsteren an d'Gréngs ze kucken. An natierlech och vun där Aart vu Bau ze profitéieren.

Den Här Ulveling huet virdru gesot grouss Gäng, Patioen. En huet leider gesot vill verluere Plaz. Ech fannen déi Plaz guer net verluer. Ech fannen éischter, dass dat de Charme vun där Schoul ausmécht, dass ee keng esou riicht Gäng huet, dass een emol Plaz huet, fir sech e bëssen ze defouléieren als Kand an net do muss „in Reih und Glied“ marschéieren, wéi dat haut leider ëmmer ëfters de Fall ass a grouss Schoulen. Wat éischter engem Schlauch gläicht wéi engem flotten Openthaltsraum.

Mir begréissen, dass dat renovéiert a vergréissert gëtt. Dass et net ofgerappt gëtt. Fir déi Aart vu Bau an déi Cascaden ze erhalen. Wat natierlech de Charme vun där Schoul do ausmécht.

Le centre sportif sera construit dans la rue de l'Eau, ce qui n'était pas le cas au début. Le collège échevinal a dit que le nouvel emplacement était favorable en raison de la présence d'arbres remarquables et de la position souterraine. Mais Erny Muller signale que les riverains verront désormais un toit au lieu d'espaces verts. C'est pourquoi les socialistes proposent d'aménager un toit écologique. Ils recommandent au collège échevinal de faire évoluer la statique du bâtiment pour permettre une telle installation. Même si le devis risque d'augmenter, ce serait important pour les riverains.

L'école se situe pratiquement dans un parc. Les chemins et les aires de jeux seront rénovés.

Le devis se monte à 41 260 000 €. Mais ce prix comprend l'école, la maison relais et la salle de sport.

TOM ULVELING (CSV) ajoute les conteneurs.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'en retranchant le subside, la commune devra dépenser quelque trente-millions d'euros.

Monsieur Ulveling a fourni toutes les autres explications, par exemple concernant la façade et le raccordement à la maison relais. Monsieur Bertinelli reviendra sur la question du stationnement.

Erny Muller remercie madame Peterhänsel, qui a dirigé ce projet de 2007 à aujourd'hui. Les socialistes approuveront le devis et les plans.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) salue la rénovation et l'agrandissement de l'école d'Oberkorn. Celle-ci a été construite dans les années 1960 dans un cadre exceptionnel.

Tous les enfants, les enseignants et les éducateurs se réjouissent de travailler sur ce site. La sœur de Laura Pregno y travaille. Celle-ci lui rend parfois visite pour pouvoir admirer la vue depuis les fenêtres.

Monsieur Ulveling a parlé des grands couloirs et des patios. Mais pour Laura Pregno, il ne s'agit pas d'espace perdu. Cette architecture contribue au charme de l'école. Les couloirs ne sont pas entièrement droits. Il y a de la place pour se dé-

fouler contrairement à nombre d'autres écoles.

Laura Pregno salue le fait que l'école ne soit pas démolie, mais rénovée pour conserver la structure en cascade qui en fait le charme. Les personnes qui y travaillent ne voulaient en aucun cas qu'on y touche.

La maison relais contiendra des espaces d'apprentissage. Un grand jardin y sera aménagé conformément à ce qui était prévu dans l'accord de coalition. La villa rénovée et le nouvel espace « maison relais » offriront plus de place aux enfants. Avec 22 salles de classe, l'école pourra accueillir davantage d'élèves. Les effectifs sont bas à Differdange, mais l'espace supplémentaire offre une marge de manœuvre plus ample. Des enfants d'Oberkorn voire du Woïwer pourraient fréquenter la nouvelle école. Les écologistes saluent particulièrement la création d'une grande cour de récréation et de deux aires de jeux. En tout, cela représente 2900 m², alors que la loi en prévoit 2200.

Le stationnement constitue un problème. Le collège échevinal et l'école cherchent des solutions. Il est notamment question de développer un concept pédibus ainsi que des idées pour motiver les enfants et les parents à aller à l'école à pied.

Les écologistes remercient l'équipe d'architectes ayant accompagné le projet. Ils ont eu de nombreuses réunions avec madame Peterhänsel, le service scolaire et le service des maisons relais.

Laura Pregno salue le fait que le collège échevinal ait consulté les enseignants, les éducateurs et les citoyens. La politique consiste à écouter les gens et à les inclure dans les projets.

Comme l'a dit monsieur Ulveling, il était temps que ce projet devienne concret. Laura Pregno espère que les problèmes récurrents comme les pannes d'électricité ou d'eau seront rapidement réglés.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate à son tour que l'école du Bock n'est plus dans un état acceptable. Le bâtiment était déjà en mauvais état il y a vingt ans quand il y travaillait.

Wat ech och dee Moment, wou ech selwer um Projet matgeschafft hunn, ëmmer erëm un d'Häerz geluecht krut vun de Leit, déi do schaffen. Dass op kee Fall déi Grondstruktur vun där Schoul dierft ugegraff ginn.

Mir hunn héieren, dass Maison relais oder weiderhi vill méi Maison-relais-Espace kreéiert gëtt, mat flotte Bildungsberäicher, dem Weltatelier, un deem mer momentan hei an der Gemeng schaffen. Zousätzlech kënnt e grouse Gaart dohinner. Wat eng Demande vum Schoulpersonal ass, mä och am Koalitiounsaccord esou virgesinn ass. Wou mer immens houfreg drop sinn.

Zesumme mat deem neien Espace Maison relais, dee gebaut gëtt, der Villa, déi renovéiert gëtt, plus deen neie Bau si mer gutt gestiwelt, fir den Eltere vill Plazen an der Maison relais unzEBidden, fir esou d'Attenté vun eiser neier Gesellschaft opzegräifen. Wou ech awer elo net weider drop aginn.

22 Klassen, domadder geet d'Kannerunzuel, déi d'Schoul kann ophuelen, erop. Déifferdeng huet kleng Klasseneffektiver, wou mer dann awer Sputt hunn, falls ee misst eppes opgräifen. Wat och ganz flott ass.

Ech ka vläicht direkt op déi Étude démographique agoen. Effektiv ass wéineg Sputt. Oder soe mer, d'Unzuel vu Kanner, déi méi kann opgegraff ginn, ass wéineg. Dat geet awer duer, fir d'Uewerkuerer Croissance opzegräifen. Et kéint ee souguer, wann et misst sinn, nach e puer Stroosse bäihuelen, fir de Quartier Woïwer e bëssen ze entlaaschten, wann een do de Perimeter ausbaue géif. Dat ass alles gekuckt ginn.

Wat ganz flott ass bei där Schoul, wat mer och als Gréng begrëissen, dat ass dee groussen Haff oder déi zwou Spillplazen, eng Kéier opgedeelt fir déi méi kleng Kanner an déi méi grouss Kanner. Mir leien hei iwwert dem virgeschriwwene Gesetz, wou mer just 2.200 Meterkaree bräichten. Am Projet sinn 2.900 Meterkaree virgesinn. Wat immens flott ass.

D'Problematik vum Parking ass warscheinlech eng. Do gëtt no Léisunge gesicht. Och d'Schoul sicht an hirem neie PDS no Léisungen, wëll och Elterentra-

fic generéieren. Ech hunn héieren, dass op engem Pedibus-Konzept géif geschafft ginn. An nei Iddie vläicht ausgeschafft ginn, wéi ee Kanner an Eltere ka motivéieren, ze Fouss an d'Schoul ze kommen. Uewerkuer ass relativ verkéiersberouegt an huet flott Weeër, fir an d'Schoul ze kommen.

Ech mengen, et wär och un deene Gréngen, e grouse Merci auszeschwätzen un d'Architektenteam, wat dee Projet hei begleet huet. Ech weess, dass se ganz vill sur place waren. Sech vill mat eise Leit vum zweete Stack, mat der Madamm Peterhänsel an och dem drëtte Stack, Schoulservice a Maison-relais-Service, getraff hunn.

D'Enseignanten an d'edukatiivt Personal gouf vill sollicitéiert, fir de Wënsch an den Attenten nozekommen. Ech fanne et ganz flott vum Schäfferot, dass ëmmer erëm Diskussiounen opgemaach gi sinn, souwuel fir d'Bierger wéi fir all déi involvéiert Persounen mat anzegräifen.

Well et ass jo dat, wat mer ënner Politik verstinn, dass een op déi verschidde Leit lauschtert an déi verschidde Meinungen, sou gutt et geet – mä et geet awer net ëmmer –, matanzebezéien. Hei kann ee soen, wéi den Här Muller virdu sot: „Was lange währt, wird endlich gut“. Mir hoffen, dass dee „Bock“ do op e gudde Wee kënnt, an dass déi desolat Zoustänn, déi awer heiansdo do geherrscht hunn, punkto Waasser an de Raim oder elektresch Pannen, sou schnell wéi méiglech behuewe kënne ginn.

Mir als déi Gréng wäerten dee Projet do matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Meisch, wannechgeeft.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Ech wäert dann och op dee „Bock“ do opsprangen. D'Schoul Um Bock ass scho länger net méi an engem akzeptablen Zoustand. Dat musse mer leider esou soen. Scho virun 20 Joer, wéi ech nach do geschafft hunn, waren

d'Bedéngungen, virun allem betreffend d'baulech Substanz, méi wéi d'Limitt. Dofir begreisse mir déi iwwerfälleg Transformatioun, Astandsetzung an Extensioun. Och wann de Präis een deen éischte Moment dach awer e bësse schlécke léisst.

Mir hunn et schonn héieren, d'Surface verduebelt sech vu quasi 5.000 Quadratmeter op 10.000 Quadratmeter. Beim Volume ass et méi wéi x 2,5: Vu plus-minus 21.000 Meterkibb geet et op 55.000 Meterkibb. An déi marod Sportshal, déi ofgerappt an e bësse niewendrun nei gebaut gëtt, verdräifacht sech quasi.

Deen heite Projet gëtt eis fir länger Zäit zu Uewerkuer, wat d'Schoulen ugeet, e bësse Loft. En ass zukunftsorientéiert a gëtt dem Léierpersonal eng Rutsch zousätzlech Méiglechkeeten.

Mir hunn et héieren, Salle de musique, Salle de théâtre, Salle de danse, Salle de défoulement, Salle de repos, Jardin éducatif, Cuisine éducative. Ech hoffen, dass och nach e bësse Schoul do wäert gehale ginn.

(Gelaachs)

Mir géif et jiddwerfalls Freed maachen, an esou engem Komplex ze schaffen.

Punkto Parking muss ee sech, a mengen Aen, generell Gedanke maachen, wéi een dat kéint gläichberechtigt fir d'ganz Gemeng ugoen. Bei verschidde Schoule gëtt et direkt niewendru Parkméiglechkeeten. Bei anere manner oder guer keng. Mir müssen oppassen, dass duerch déi aktuell Approche et net zu Reiwereien ënnert dem Personal kënnt. Oder dass mer an der Konsequenz gutt Personal eventuell u méi kleng Gemenge verléieren, wou direkt e Parking virun der Dier zur Verfügung steet.

A mengen Ae sollte mer probéieren, och esou optimal Situatiounen ze schaffen. Wuel wëssend, dass dat net muss oder soll gratis sinn, wéi dat op anere Plazen an an anere Beruffssparten och de Fall ass.

An där Thematik eng Fro: Ass net emol virgesinn, zumindest e Kuerzzäitparking ze amenagéieren? Falls net, wësse mer jo, wat dat fir Auswierkungen op

dee ganze Quartier huet. Och wann een do misst eng Vignette hunn, wou awer vill Leit net duerno kucken.

Zum Schluss nach e Merci un all déi Leit a Servicer, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Nichtsdestotrotz wäert d'Demokratesch Partei dësen Devis vu quasi 41,3 Milliounen Euro matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeinnen a Kollegen aus dem Gemengerot, ech si frou, dass mir hei kee Bock schéissen, fir da mat deem Wuertspill weider ze maachen. Mir optéieren hei fir eng Renovatioun amplatzen en Ofrappen, wat jo och an der Diskussioun war. Dofir huet et och esou laang gedauert fir erauszefannen, wat maache mer elo do genee a wéini a wat.

Et ass gesot ginn, hei schwätze mer vun enger markanter Architektur, déi een der Architecture brut kann zouuerdnen. Ëmsou méi markant, well déi Architektur net nëmmen Um Bock zum Zuch komm ass, mä och bei der grousser Sportshal an der Avenue Parc des Sports a beim Centre Noppeney.

Domadder huet Uewerkuer dräi architektonesche Temoine vun enger Zäit an Architektur-Richtung, déi vläicht net jidderengem säi Goût ass, mä sech kloer offhieft vu fantasievolle Këschen, déi mer hautdesdaags bauen. Et ass scho gesot ginn, dass mer eben oft op d'Effizienz kucke vum Raum, fir deen esou vill wéi méiglech auszenotzen.

Hei hu mer elo eng Valoriséierung vum Existant gemaach. Eng Schoul, déi nach net no deenen Norme gebaut ginn ass, vun deenen ech geschwat hunn. An eben net op d'Ausnotze vun all Meterkaree ausgeriicht war. Wou, bis op de Sportssall, relativ grousszügig gebaut ginn ass, wat d'Klassensäll ugeet, awer och d'Couloiren, den Interieur an d'Gesamtausrichtung vun där Schoul, déi sech an déi Landschaft afüügt an no

Les démocrates saluent la réalisation des travaux même si le prix semble élevé de prime abord.

La surface passe de 5000 m² à 10000 m² et le volume de 21000 m³ à 55000 m³. La salle de sport deviendra trois fois plus grande.

Le projet offre une marge de manœuvre à la commune en ce qui concerne Oberkorn. Les possibilités sont démultipliées pour le personnel enseignant. Il y aura une salle de musique, une salle de théâtre, une salle de danse, une salle de défoulement, une salle de repos, un jardin éducatif, une cuisine éducative... François Meisch espère qu'on y tiendra aussi des cours de temps en temps.

(Rires)

François Meisch aimerait travailler dans un tel complexe.

Pour ce qui est du stationnement, il faudra mener une réflexion. Certaines écoles disposent d'emplacements, d'autres pas. Il faut éviter de perdre des enseignants dans ce contexte. La commune doit essayer de créer une situation optimale tout en sachant que l'offre ne doit pas forcément être gratuite. Le collègue échevinal a-t-il prévu d'aménager au moins des emplacements à courte durée? Autrement, cela aura des répercussions sur le quartier.

François Meisch remercie tous ceux qui ont collaboré à la réalisation du projet. Les démocrates approuveront le devis de 41,3 millions d'euros.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue le fait que le site soit rénové au lieu d'être démolé et rebâti. Les discussions à ce sujet expliquent qu'il a fallu du temps pour aboutir à un projet concret.*

Le bâtiment fait partie de ce que l'on appelle l'architecture brute. Le centre sportif dans l'avenue du Parc-des-Sports et le Centre Noppeney sont du même type. Ces trois bâtiments sont des témoins d'un courant architectural se démarquant des boîtes construites aujourd'hui. Mais la priorité est souvent accordée à l'efficacité énergétique.

L'école du Bock ne correspond pas aux normes d'aujourd'hui, où il s'agit d'exploiter chaque mètre car-

ré. La salle de sport mise à part, l'école est imposante avec ses couloirs et ses salles de classe généreux. Elle est bien intégrée dans son environnement.

L'isolation extérieure va détériorer l'aspect brut du bâtiment, qui sera en revanche conservé à l'intérieur. Ces éléments bruts ont une valeur pédagogique, car ils permettent de comprendre comment le bâtiment est construit.

Gary Diderich trouve que le projet permet d'utiliser de manière pertinente l'espace à disposition. Certaines salles comme la salle de danse disposent d'un grand miroir permettant aux enfants d'observer leur corps en mouvement.

Il est souvent question de la coopération entre les enseignants et la maison relais. Une salle est nécessaire dans ce contexte.

En ce qui concerne les aires de jeux, le collège échevinal devrait se faire conseiller par un pédagogue spécialisé. Car l'espace contribue davantage à l'expérience de jeu que les jeux eux-mêmes. Le bassin de rétention, une colline ou des haies peuvent se révéler plus intéressants qu'un bateau de pirates.

Gary Diderich regrette la controverse concernant le parking. Il est vrai qu'il y a peu de places dans les rues adjacentes et les riverains veulent pouvoir les utiliser. Mais plus de places entraîneront une augmentation du nombre de voitures dans le quartier. Avec des emplacements à courte durée, les gens voudront se garer devant la porte, ce qui va augmenter le trafic dans la rue. Gary Diderich rappelle qu'il y a un parking pas cher à sept minutes de l'école. Il vaut donc mieux réglementer le stationnement de façon à permettre aux riverains de se garer dans leurs rues et de limiter le trafic autour de l'école. Par exemple, la commune pourrait interdire l'accès aux non-riverains une heure avant et après l'école dans le cadre du « Séchere Schoulwee ». La commune pourrait alors investir l'argent dans le personnel et dans le pédibus au lieu de l'investir dans un parking.

De nos jours, la plupart des gens ne travaillent plus dans la ville où ils habitent. Parfois, ils sont obligés d'aller travailler en voiture. C'est

där Landschaft och ausriicht. Dës Stärkte bleiwen erhalen a ginn ausgebaut mat dësem Projet.

Den Aspect brut vu bausse geet leider duerch d'Isolatioun verluer. Ech weess och net, wéi een dat hätt kéinten anescht maachen. No bannen hi bleift en awer erhalen. Dat ass net ze negligéiere fir d'Kanner. Déi brut Bauelementer hunn e pedagogeschen Aspekt. Et erméiglecht e Begräifen, aus wat dat Gebai zesummegeat ass a wéi et zesummegeat ass, an hirem Alldag, wou se jo vill Stonne verbréngen.

Ech fannen, dass mat dësem Projet dee grousszüege Raum sännvoll ausgenutzt gëtt, deem am Kär vum Gebai besteet. Salle de défoulement, Kloterwand, Theatersall an Danssall, och mat engem grouse Spigel. Wat wichteg ass fir d'Kanner, fir sech selwer an hire Kierper ze gesinn an der Beweegung. Wat fir eis vläicht banal erschénkt, mä wat am Erliewen an am Grouss ginn fir d'Kanner vill ka bedeiten.

Den Espace administratif ass ganz wäertvoll. Mir schwätzen ëmmer dovunner, wéi d'Personal tëschent Maison relais a Schoul méi soll zesummeschaffen. Da muss een och de Raum dofir schafen. An dat geschitt mat deem heite Projet. Dat ass ganz wichteg.

Ech géif nach ureegen, dass mir beim détailléierte Plange vum Bausseberäich, inklusiv Spillplazen, nach ee Spillpedagog, am beschten een, deem op Naturspillplaze spezialiséiert ass, erunzéien. Wéi schonn ëfters gesot, sinn et net d'Spillgeräter oder d'Themen, déi een enger Spillplaz gëtt, déi d'Spillerliwen ausmaachen. Et ass méi de Raum an de Fräiraum, dee sech duerch d'Zesummespill vun den Elementer ergëtt, deem d'Spillerliwen ausmécht. An déi Raim fir Spill kann ee mat ganz einfache Mëttelen erreechen.

De Retentiounsbecken, zum Beispill, bitt eemolegen Espace. Et kënnen och e Koup Buedem, e klenge Bierg respektiv Hecken oder héich Grieser sinn, déi de Kanner vill méi Méiglechkeeten opmaache wéi e Pirateschëff oder eng Réimerfestung.

Ech muss soen, dass ech et schued fannen, bei all deene positiven Aspekter vum Projet, wou ervirzehiewen ass,

dass d'Léierpersonal agebonne ginn ass an d'Gestaltung, do wierklech Saache consideréiert gi sinn, dass sech quasi d'-Haaptkontrovers hei ronderëm de Parking dréit.

Jo, et gëtt net vill Parkplazen an deenen zwou, dräi Stroosse ronderëm. Wéi dat och op anere Sitten, mat enger Ausnam, de Fall ass. An, jo, d'Awunner wëllen och kënnen an hirer Strooss parken. Mä et muss ee sech bewusst sinn, dass méi Parkplazen och méi Verkéier bedeit. Dat heescht, wa mir Kuerzzäitparkplazen do maachen, da ginn d'Leit dovunner aus, dass se kënnen virun der Dier parken. An da fuere se mam Auto dohinner. An dann ass de Verkéier an der Strooss. Während der Schoulzäit natierlech méi massiv wéi wann an der Sportshal Traininge sinn.

Amplaz also elo Suen a Parkraim ze investéieren a Verkéier unzezéien, wou mir dach op siwe Minutten e ganz Parkhaus hunn, wou een esou bëlleeg ka parke wéi soss néierens – ausser do, wou et natierlech gratis ass –, géif ech virschloen, méi ze kucken, wéi een d'Stroosse ronderëm ka reglementéieren, fir dass d'Awunner nach kënnen do parken a kee Verkéier virun der Schoul an no der Schoul do entsteet.

Dat ka bedeiten, dass een déi Stonn virun der Schoul an déi Stonn no Schoulschluss d'Stroosse fir de Verkéier vun Netanrainer späert an domadder ee séchere Schoulwee fir jidderee schafft an de Cercle vicieux duerchbrécht, dass d'Elteren hir Kanner virun d'Dier bréngen, well se Angscht hu virum Verkéier, dee se dann awer selwer och sinn.

Wann et net anescht geet, gesinn ech d'Sue vun der Gemeng léiwer a Personal fir e Pedibus investéiert wéi an e Parkhaus, fir et méiglech ze maachen, dass déi Leit, déi um Wee fir op d'Aarbecht – well dat ass jo och e Phänomen, dee virdrun anescht war, an deem elo esou ass. Dass d'Leit eben net méi an hirer Gemeng schaffen, also wéineg Leit an hirer Gemeng schaffen, wou se konnten dohinner spadséieren an erëm zrëck spadséieren, fir da mam Auto op d'Aarbecht ze fueren.

Wou et natierlech och gutt ass, wann ee vläicht aner Méiglechkeeten hätt, wann déi da gi sinn. Dat ass eben och net fir jidderee ginn. Fir déi Fäll wär et da

gutt, wann et Plaze géif ginn, wou ee kéint d'Kanner, souzesoen zu engem Pedibus, deem encadréiert ass, kéint bréngen. Fir deene Leit dann entgéintzekommen. Dat misst een am Detail kucken, wéi eng Situatiounen d'Elteren hunn. A wat hinne géif erméiglechen ze evitéieren, mam Auto bei d'Schoul ze fueren.

Et ass mir zu Ouere komm, datt all d'Léierpersonal de Parkraum direkt bei der Schoul vläicht als Kritär hält, fir eng Schoul erauszesichen. Den Här Meisch huet dat jo elo ugeschwat. An do hätt vläicht, wann een ebe kee Parkraum do schaaft a ronderëm dat relativ strikt residentiell reglementéiert, de Bock Nachseher bei deem Kritär. Mir wëlle jo awer gutt a motivéiert Personal an all eise Schoulen. Grad dat ass ze erreechen, wa mir offensiv no bausse kommunizéieren, wat alles d'Virdeeler vum Bock sinn: eng flott Aarbechtsatmosphär, mat vill Raum, pedagogesch sënnavolle Funktiounsraum an domadder manner Stress am Alldag.

Wéi d'Madamm Pregno et scho beschriwwen huet, dass eben do net d'Gäng an d'Klassesäll enk gestalt sinn, mä hei wierklech Raum ass. A manner Stress och fir d'Personal a fir d'Kanner, well een e puer Meter ze Fouss geet, ier een op der Aarbecht respektiv an der Schoul ass.

Doriwwer gött et etlech Etüden, déi beweisen, datt Beweegung um Schoulwee ganz, ganz vill bréngt, wat d'Opnamefäegkeet beim Léiere bedeit. Dofir wollt ech déi Ureegung bei deem Projet mat op de Wee ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, dese Projet läit mer besonnesch um Häerz. Ech selwer sinn an déi Schoul gaangen. An et ass héich Zäit, dass eppes geschitt. Ech hu selwer oft genuch do missen den Eemer Waasser eidel maachen, wou et erage-reent huet.

Wann ech deem neie Projet esou kucken, wäerte mer duerno en zäitgeméis-se Site hunn. Vu véier Variante gouf déi zweet Variant zrëckbehalen, mat Neibau vun enger Sportshal an der Vergréisserung vun der besteeënder Schoul. Déi al Sportshal an d'Gebai vun der Spillschoul ginn ofgerappt. D'Kanner wäerte während der Bauzäit vun dräi Joer a Containeren ënnerbruecht ginn.

Op deem 1,64 Hektar grouse Site wäerte mir am September 2023 8.763 Meterkaree Fläch fir déi véier Cyclen a Maison relais zur Verfügung hunn. In etwa duebel esou grouss wéi virdrun.

Dat Ganzt huet säi Präis. Iwwer 41 Milliounen Euro. Opgedeelt an dräi Voleten. Éischtens d'Transformatioun vun der Schoul. Duerno de Volet B, d'Turnhal, déi dräimol esou grouss gött, déi herno vun eise Veräiner ka genotzt ginn, wat eng wichteg Saach ass. An dann de Volet C, d'Containerschoul.

Subsidien, mengen ech erausfonnt ze hunn an deem dach net ganz klengen Dossier, dass mer do mat 11 Milliounen Euro rechnen.

E puer Froen hätt ech zu deem Ganzen. Déi Saach mat de Container ass nach net ganz gekläert. Sinn déi Containeren herno fir en anere Bauprojet virgesinn? Déi zweet Fro ass: Den Turnsall ass jo dat Éischt, wat wäert ewechgerappt ginn. Wat ass virgesi mat de Kanner? Wou ginn déi turne während deenen dräi Joer Bauzäit? Eng Plaz fir d'Paus hu mer jo fonnt. Hate mer schonn eng Kéier am Gemengerot op der Dagesuerdnung.

Dem Här Muller seng Ausso, fir e gréngen Daach op d'Sportshal ze maachen, kann ech net onbedéngt deelen. Déi Leit, déi uewen, iwwert der Sportshal wunnen, hunn de Privileeg vun engem relativ grouse Gaart. Wat haut net méi jiddwereen huet.

Merci soen ech alleguerten deene Leit, déi un deem Projet geschafft hunn. D'CSV stëmmt mat Jo. Merci.

pourquoi il pourrait être utile de proposer aux parents un pédibus encadré pour leurs enfants. La commune ferait bien de s'informer de la situation des parents et d'intervenir en conséquence pour qu'ils n'aient pas à conduire les enfants à l'école.

M. Meisch a dit que le personnel enseignant choisirait les écoles en fonction du nombre de places de stationnement. Vue de cette façon, l'école du Bock est désavantagée. Pour motiver le personnel, il faut donc communiquer les avantages de l'école: une bonne atmosphère de travail, beaucoup d'espace, des salles fonctionnelles, moins de stress... Les couloirs et les salles de classe sont spacieux.

En plus, faire de l'exercice avant d'aller à l'école augmente la concentration des enfants.

GUY TEMPELS (CSV) explique que ce projet lui tient à cœur parce qu'il a fréquenté cette école. Il était temps d'intervenir, car il se souvient avoir dû vider de nombreux seaux d'eau quand il pleuvait.

Le site va être modernisé. Des quatre variantes, c'est le projet numéro 2 qui a été retenu. La salle de sport et la maternelle seront démolies. Les enfants seront placés dans des conteneurs pendant les travaux de construction, qui dureront trois ans.

En septembre 2023, le site de 1,64 ha accueillera 4 cycles et une maison relais sur 8763 m².

Les couts se montent à 41 millions d'euros servant à transformer l'école, construire une salle de sport 3 fois plus grande et aménager des conteneurs.

Les subsides devraient s'élever à 11 millions d'euros.

Guy Tempels demande si les conteneurs seront réaffectés plus tard.

En ce qui concerne la salle de sport, qui sera démolie en premier, le collègue échevinal a-t-il prévu une solution pour les enfants? Où pourront-ils suivre les cours de gymnastique?

Guy Tempels ne partage pas l'avis de M. Muller concernant le toit écologique.

Il remercie tous ceux qui ont élaboré le projet. Les chrétiens sociaux approuveront le projet.

4b. École Um Bock

ALI RUCKERT (KPL) regrette qu'il ait fallu tout ce temps pour rénover l'école du Bock. Ceux qui connaissent l'école savent que les conditions n'y sont pas idéales. Il aurait fallu agir plus rapidement.

Ali Ruckert a souvent demandé à l'ancien bourgmestre quand l'école arrêterait d'aménager des conteneurs pour permettre aux enfants d'aller à l'école dans des établissements convenables. Il lui répondait qu'il n'y aurait plus de conteneurs à la fin de son mandat. Mais le bourgmestre n'est plus là et les conteneurs existent toujours.

Madame Brassel-Rausch est-elle disposée à renouveler cette promesse et faire en sorte qu'il y ait partout de belles écoles?

Les communistes sont contents que la structure de l'école ait été préservée. Il ne pense pas que les couloirs et les salles de classe doivent être plus petits. Le concept était bon et il faudrait y revenir.

Le projet coûte vraiment cher, mais il est important que les enfants et les enseignants aient envie d'aller à l'école.

Ali Ruckert n'a pas trouvé d'informations concernant le concierge et son appartement dans le dossier. Qu'en est-il? Il est d'avis que chaque école devrait disposer d'un concierge pour s'occuper par exemple de pannes d'électricité rapidement.

Il trouve aussi qu'un grand établissement comme le Bock devrait avoir une infirmière sur place, car des incidents peuvent survenir à tout moment.

Ali Ruckert ajoute que pour lui, un parking ne peut pas constituer le facteur principal de motivation des enseignants. En plus, il y a un parc de stationnement à proximité qui est toujours à moitié vide.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) approuve les propos de monsieur Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL) suggère de rendre le stationnement gratuit pour les enseignants. En tout cas, ce projet ne peut pas échouer à cause des places de stationnement.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu engem vu menge Virriedner, sinn ech der Meenung, dass hei schonn e Bock geschoss ginn ass. An zwar doduerch, dass et esou schrecklech laang gedauert huet, bis deen neie Projet do ass. Déijéineg, déi déi Schoul kennen, wëssen, dass d'Bedéngungen net ëmmer ganz gutt sinn, fir do Schoul ze halen. Déi Zäit hätt also eventuell kéinte verkierzt ginn.

Ech hunn hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei de vieregte Buergermeeschter ëmmer gefrot, wéini da mol endlech Zäit fir Déifferdeng géif kommen, wou Schluss wär mat de Container a wou d'Leit dann an uerdentleche Schoulgebaier kéinten an d'Schoul goen. Do huet e mer gesot, wa seng Amtszäit eriwwer wär, da géif et och keng Container méi zu Déifferdeng ginn.

Elo ass de Buergermeeschter fort, a mer hunn nach ëmmer Container. Dofir, Madamm Buergermeeschter, wär ech frou, wann Dir dat Versprieche kéint erneieren, dass wann Är Amtszäit eng Kéier eriwwer ass, dass mer wierklech iwwerall an eiser Gemeng flott Schoulen hunn.

Dovun ofgesinn, sinn ech als Vertrieeder vun der KPL ganz frou, dass déi Struktur vun där Schoul, wéi se an der Vergaangenheet war, dass déi bäibehale gëtt. An ech sinn net der Meenung, dass solle méi kleng Gäng a méi kleng Schoulraim gebaut ginn, mä dass dat wierklech e gutt Konzept war, wourun ee sech haut nach kéint orientéieren, och bei anere Schoulen, fir esou e Konzept ze bauen, wéi dat an där Schoul do de Fall ass.

Et si vill Suen, jo, mä se sinn noutwendeg, fir wierklech erëm e Schoulgebaier ze kréien, wou d'Kanner Loscht hunn, an d'Schoul ze goen. An d'Léierpersonal Loscht huet, Schoul ze halen.

Ech hunn elo net richteg erausfonnt, gëtt do nach eng Portierswunneng geschafen an ass ëmmer e Portier do oder net? Ma et schéngt mer éischter, dass dat net de Fall ass. Ech fannen dat net ganz gutt bei esou engem grouse Schoulgebaier. Ech fannen, an all Schoulgebaier misst e Portier sinn, well ëmmer erëm Problemer optauchen. Well ëmmer erëm, zum Beispill, elektresch Pannen do sinn an et da ganz laang dauert, bis déi behuewe ginn, well d'Leit jo net direkt do sinn. Et wär éischter an esou e Konzept, wou ee sech an Zukunft misst orientéieren.

Ech fannen och, dass bei esou engem grouse Schoulgebaier op d'mannst eng Infirmière misst do sinn. Well och do ëmmer erëm Problemer optauchen. Och dat schéngt awer net virgesinn ze sinn.

Da wollt ech soen, dass e Parking net kann oder soll d'Motivatioun sinn, fir Schoul ze halen. Et ass scho gesot ginn, mer hunn e Parkhaus net wäit dervun. Wat ëmmer hallef eidel steet.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Genau.

ALI RUCKERT (KPL):

Do ass ee ganz séier vun deem Parking an där Schoul. Ech kéint mer virstellen, dass een dat fir d'Léierpersonal, oder och generell, kéint gratis maachen, dat Parkhaus. Oder, dass ee souguer e Bus kéint asetzen, fir dann dee Wee ze maachen. Mä op alle Fall soll dee Projet awer net scheitern u Parkplazen, déi do sinn oder déi net do sinn.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass ech dee Projet do insgesamt, als Vertrieeder vun der KPL, ënnerstëtzen, an dass ech en och stëmme wäert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleeinnen, léif Kolleeen, wéi gesot, war ech op där Presentatioun, wou déi Schoul virgestallt ginn ass. E Fraktiounsspriecher huet gesot, datt mer zu 100 Prozent fir déi Schoul sinn, well mer och selwer mat dru geschafft hunn. An och wann elo verschidde Saache geännert hunn, hunn ech awer e puer Froen hei gestallt, wou ech awer nach keng Äntwerte kritt hunn.

Déi Doleancen, déi déi Leit haten op der Biergerversammlung, wou de Projet virgestallt ginn ass, ware jo net wéineg. Do hate ganz vill Leit aus deem Quartier sech vehement opgereegt. Net méi spéit wéi gëschter sinn ech bal erschloë ginn, wéi ech gesot hunn, datt do kee Parking géif hikommen, bei déi Schoul.

Wou d'Nuisancen an deem Quartier elo schonn enorm grouss sinn, mat deenen zwou Schoulen, déi do fonctionéieren. Dass d'Leit do praktesch zwee-oder dräimol an der Woch müssen ee ruffen, fir d'Autoe virun de Garagen ewechgeholl ze kréien, well d'Leit einfach keng Plaz hunn. Well do och Leit sinn, déi Schoul halen, déi keng Vignette hunn, dat heescht déi vu bausse kommen a keng Alternativ hunn a sech dohinner stellen.

Et gött gesot, si sollen an d'Parkhaus op Uewerkuer goen. Wa se dat géife maachen, wier de Problem jo net do. Mä d'Schoulpersonal seet dann, si hunn esou vill ze schleefen, mat Hefter, wa se Prüfungen verbessern, oder Material müssen hu fir d'Schoul, datt se dat dann awer net maachen.

(Interruption)

Wéi gesot, d'Opreegung ass relativ grouss an deem Quartier, datt do net ee Parking virgesinn ass. Ech kann déi Leit ganz, ganz gutt verstoen, well ech selwer do wunnen a mer et jo och kee Spaass mécht, all Kéiers, wann ech wëll fortfuere, d'Police ze ruffen oder een ze ruffen, datt en Auto virun der Garage ewechgeholl gött. Wat zum groussen Deel awer dann ëmmer Schoulpersonal ass, dat do steet.

Hei ass elo eng duebel sou grouss Schoul virgesinn, mat enger Sportsinfrastruktur dobäi, wou bis owes zéng Auer kéint trainéiert ginn. Ech gesinn

net, wéi dat soll fonctionéieren. Wou dee Quartier wäert e ganz, ganz grouse Problem kréien, wat de Parkraum ugeet. Deen ass, menger Meenung no, esou net ze léisen. Do muss eng Léisung hier. An ech ka mer net virstellen, datt dat doten, sou wéi et elo fonctionéiert, elo iwwert der Limitt schonn ass, a wann déi Schoul nach esou vill méi grouss soll ginn an eng Sportshal dohinner soll kommen, ka fonctionéieren.

Et ass méi eng grouss Schoul virgesinn. Mir ginn an e Wunnquartier mat enger méi grousser Infrastruktur. Dann ass et, menger Meenung no, och un eis derfir ze suergen, datt déi Liewensqualitéit, déi déi Leit elo hunn an deem Quartier, och bestoe bleift.

Net, dass een, wann een net do wunnt, seet, dat geet mech elo näischt un, déi Leit solle kucken, wéi se dann eens ginn. Ech mengen, dass dat net déi richteg Usicht ass, fir dee Parking do net ze maachen. Fir mech muss een dohinner kommen. A gött och gebraucht. Zemoools wann do och nuets d'Sportsveräiner hir Trainings kënne ofhalen an deene Sportshalen do.

Wéi stellt Der Iech vir, wou déi da parke ginn? Ech weess net, déi gi jo bestëmmt owes net op de Parking beim Fussballsterrain, fir trainéieren ze goen. Also ech gesinn do e risege Problem kommen. An deen ass fir mech net geléist. Den Här Ulveling seet zwar, si wieren un enger Léisung drun. Mä bis déi Léisung do ass, sinn ech awer ganz skeptesch.

Wat déi Sitzung ugeet, déi de Bureau d'études an der Gemeng virgestallt huet, muss ech leider soen, ech hoffen, datt de Rescht vun deem heite Projet méi seriö ass. Well wann ech gesinn, datt de Leit hir Gäert mat an de Projet geholl gi sinn, de Leit hir Privatgäert, wou geplangt gi war, fir do ze bauen, da muss ech mer awer scho Froe stellen.

Wann dat an eng Biergerversammlung mat erakënnt, wou e Bureau d'études esou eppes virstellt, da muss een och emol soen: Geet et dann? Mer kënne jo net de Leit hir Gäert mat an esou e Projet huelen. Wou ee seet: Dat doten ass mäin Terrain. Do baut Dir näischt hin. Ech hoffe jo, datt dat am Nachhinein gekläert ginn ass, datt do e Relevé gemaach ginn ass, wat eisen Terrain ass a wat de Leit hiren Terrain ass.

FRED BERTINELLI (LSAP) soutient ce projet à 100 %. Il rappelle que les socialistes ont participé à sa réalisation. Il constate cependant que certains éléments ont changé et attend des réponses à ses questions.

Lors de la réunion d'information publique, les habitants du quartier se sont plaints. Pas plus tard qu'hier, Fred Bertinelli a failli être agressé lorsqu'il a dit qu'il n'y aurait pas de parking près de l'école. Avec deux écoles, les habitants du quartier sont obligés d'appeler la police plusieurs fois par semaine parce que leurs garages sont bloqués par des voitures garées devant. Il n'y a tout simplement pas assez de place pour tout le monde.

Certes, la commune peut leur dire d'aller se garer à Oberkorn. Mais les enseignants transportent des livres, des cahiers, les devoirs en classe...

Bref, la situation dans le quartier est houleuse et Fred Bertinelli comprend les résidents. Il habite lui aussi dans le quartier et il n'a plus envie d'appeler la police chaque fois qu'il veut prendre la voiture parce qu'un enseignant lui bloque le passage. Désormais, il est question d'une école 2 fois plus grande et d'une infrastructure sportive ouverte jusqu'à 22 h. Fred Bertinelli ne voit pas comment le problème du stationnement peut être résolu. Si la commune veut ouvrir une infrastructure scolaire beaucoup plus grande dans un quartier résidentiel, elle doit aussi veiller à ce que cette décision n'impacte pas négativement la qualité de vie. Le collège échevinal ne peut tout de même pas faire semblant de rien. Ne pas construire de parking n'est pas la bonne solution.

Un parking est d'autant plus nécessaire que les clubs de sport pourront s'entraîner la nuit. Le collège échevinal croit-il que les gens iront se garer à côté du terrain de foot la nuit ? M. Ulveling a mentionné une solution, mais Fred Bertinelli reste sceptique.

Le conseiller communal espère que le projet sera réalisé de façon plus sérieuse que ce qui a été présenté par le bureau d'études. Car certains jardins privés avaient été intégrés dans le projet. Il y a de quoi se poser des questions. Et il est normal

que les propriétaires réagissent de manière véhémence. Fred Bertinelli espère que la question a été clarifiée entretemps.

Pour ce qui est de la salle de sport, Fred Bertinelli a fini par se résigner, mais il préférerait le projet élaboré par monsieur Muller, car il aurait occasionné moins de nuisances dans la rue des Champs. Les habitants de la partie supérieure de la rue de l'Eau auront désormais la vue sur une façade. Fred Bertinelli espère que les arbres ne constituent pas la seule raison pour laquelle le projet a été modifié. Mais l'explication se situe plutôt dans le fait que le volume de la salle de sport a été revu à la hausse.

Fred Bertinelli demande avec qui le collège échevinal s'est entretenu concernant les besoins des clubs sportifs. Madame Pregno a dit que le personnel scolaire avait été consulté. Mais qu'en est-il des clubs?

Fred Bertinelli se réjouit du fait que les écologistes ont changé d'avis quant aux grandes écoles. Il y a quelques années, ils ne voulaient plus que des écoles de quartier. Mais dans ce cas-ci, ils doublent les effectifs. Car il faut tenir compte des coûts. Construire une école coûte moins cher que d'en construire deux. Mais dans tout cela, il ne faut pas oublier la qualité de vie des gens.

Lors de la réunion d'information, on a pu constater que les résidents sont anxieux. Ils ne sont pas contents de la façon dont le projet est géré.

Fred Bertinelli répète qu'il soutient à 100 % la construction de cette école, mais veut savoir ce qu'il en sera des places de stationnement. C'est pourquoi il s'abstiendra lors du vote.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
souhaite prendre la parole en tant qu'ancien enseignant.

Tout comme monsieur Bertinelli, les écologistes ont aussi été abordés concernant le stationnement ainsi que d'autres sujets. Lors de la réunion d'information publique, deux personnes se sont plaintes. Frenz Schwachtgen ne veut pas citer leurs noms dans la séance publique. Bien entendu, la question

Wat d'Sportshal ugeet, sinn ech nach ëmmer der Meenung – bon, ech hu mech och resignéiert. Fir mech war deem éischte Projet, deem den Här Muller ausgeschafft hat, déi Sportshal op deem ënneschten Deel, well mer do méi déif an de Buedem ...

D'Leit, déi do wunnen, hätte manner Nuisancen an der Rue des Champs gehat, déi hätte se guer net gesinn. Deem ieweschten Deel vun der Rue de l'Eau, déi kucke praktesch just op eng Fassad. Déi e relativ flotte Gaart do hunn an déi hei just op eng Fassad kucken. Déi och e groussen Deel u Liewensqualitéit ewechgeholl kréien. Also ech hätt mer et méi einfach virgestallt.

Op där anerer Säit wier et manner nuisibel gewiescht. Ech hoffe jo net, datt de Grond eleng ass, well dee Bam do steet. Well hei stinn och Beem, déi mussen ewechgeholl ginn, datt dat de Grond ass. Mä wéi gesot, wann d'Sportshal méi grouss gëtt an d'Plaz wier net do, dat wier dann en Argument, wouriwwer sech géif schwätze loossen.

Ech hunn nach eng Fro, wat d'Sportshal ugeet, mat wíem do geschwat ginn ass. Mat de Sportsveräiner, déi dat herno benotzen, wat de Besoin ass, wat si brauchen? Ech hunn elo vun der Madamm Pregno héieren, datt d'Schoulpersonal do involvéiert war, wat d'Gebaier ugeet. Ech wollt froen, wéi et mat de Sportsveräiner wier. Wien do herno drakënnt, wat de Besoin ass a wat déi Leit mussen hunn? Et ass jo och net egal, wien déi installéiert, deemno wat fir eng Sportaart do Sport mécht, wat een do brauch. Dat ass meng Fro.

Ech si frou, well ech gesinn, dass e Gedankewissel vun eise grénge Kollege komm ass, déi viru Joren nach gesot hunn, mir bauen ni méi esou eng grouss Schoul. D'Schoule ginn elo alleguerte méi kleng gehalen. Mat manner Klasse-säll, mat manner Effektiver. Als Beispill ass dann d'Déifferdenger Schoul genannt ginn: „Esou eppes gëtt et net méi mat eis“.

Hei baue mer awer erëm eng grouss Schoul, déi den duebelen Effectif huet, wéi se virdrun hat. Dann éischter eng Schoul méi. Mä da muss een och de Käschtepunkt bedenken, wat esou eppes kascht. Dann ass ee séier dovun

erof, fir zwou Schoulen amplaz vun enger ze bauen.

Dat hei gëtt eng ganz grouss Schoul, déi an dee Wunnquartier do erakënnt. Da muss een awer och kucken, datt d'Leit net ze vill vun hirer Liewensqualitéit verléieren.

Ech wëll just soen, datt d'Leit, déi an deem Quartier wunnen, ganz, ganz opgereegt sinn. Dat hat een an der Biergerversammlung gemierkt. Déi net ganz frou sinn, wéi dat gehandhaabt gëtt. An ech muss soen, ech wëllt gäre bis dee leschte Moment – eise Fraktiounsspriecher huet gesot, datt mer zu honnertprozenteg fir déi Schoul sinn, mä ech wëll gär dee leschten Detail, wéi dat herno weidergeet, wat d'Parkplazen ugeet, wéi déi Leit herno solle matenee liewen, gesinn. Duerfir wäert ech mech enthalten. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Hären, léif Buergermeeschtesch, et ass mer eng Eier, dat dës Kéier ze soen. Ech hu mech net bewosst als Leschte gehalen, ech wollt awer trotzdem e puer Wuert soen, als ale Schoulmeeschter, zu deem neie Gebai, zu deem neie Projet.

Als Gréng si mer ugeschwat ginn iwwer Parkraum, iwwer all méiglech Saachen. Här Bertinelli, ech schwätzen net am Numm vun der LSAP, Dir waart an där Sitzung, do waren zwee Leit, nominelllement kann ech Iech se soen, déi eng déck opgefouert hu wéinst de Parkplazen. Ech kann Iech se mam Numm nennen. Mä dat maache mer net an enger éffentlecher Sitzung.

Déi Problematik vum Parkraum ass natierlech eng, déi soll diskutéiert ginn. Et si Léisungsusätz undiskutéiert ginn. Déi wäerte mer och virun diskutéieren, awer net an enger Opreegung an net an enger Panik a scho guer net wéi deemools an där Sitzung mat Frechheeten a Gemengheete vun där Persoun.

(Interruption)

Nee, ech schwätzen Iech do net un, Här Bertinelli. Awer dat war ënner aller Klarinett. Dat wëll ech awer och emol soen. A wa mer esou Biergerversammlunge maachen, da géif et mech net wonneren, wann iergendwann eng Kéier e Schäfferot seet, mir halen eng Biergerversammlung esou kleng.

Mir hunn iwwer e formidabelt Gebai deemools geschwat. Wat mer elo gesinn an deene richteg Pläng. Et gött menger Meinung no e formidabelt Gebai. Kee risegt Gebai: 24 Schoulklassen, am Ganze 400 Schüler. Dat ass e klengt Gebai. Gebaier mat 800-1.000 Schüler am Fundamental, dat ass e groust Gebai. Mir hunn där leider am Zentrum an um Fousbann. Leider. Mä dat hei ass eng kleng Struktur an eng iwwerschaubar Struktur. Dat mengen ech huet elo jiddwereen awer och hei erkannt.

Zweetens, muss ee vläicht de Virwurf maachen – ech kommen op déi Presentatioun zrëck, well déi hei esou héichgespillt gött –, et ware Leit do, déi en anert Uleies haten, de Schoulraum an esou virun. Déi sinn emol guer net zu Wuert komm an där Versammlung. Et war guer net geschwat ginn iwwert d'Qualitéit an d'Schéinheet vun deem Gebai. Dat war guer net geschwat ginn an den Diskussiounen mat de Leit, well déi Leit net zu Wuert komm sinn. Well de Parkraum méi wichteg war wéi de Projet selwer.

Et ass dem Bureau d'études e bësse virzwerfen, dass se net déi Pläng um Dësch haten, déi mir elo hei an der Presentatioun hunn. Soss hätten déi Awunner aus der Rue des Champs, Rue de l'Eau gesinn op deene Skizzen, där Zeechnung hei um Plang, dass déi mat hirem Gaart a mat hirem ganzen Haus kee Meter Sonn a kee Meter Vue ewechgeholl kréien.

D'Iddi vun engem Gréngdaach ass ze diskutéieren. Okay. Dat ass eng aner Saach. Dass hir Vue nach besser gött. Dann hu se nieft hirem grouse Gaart an nieft hirem Terrain och nach eng schéi Vue op eng Daachfläch. Dat fanne ech am Dialog gutt. Awer Iwweropreegung ass an enger Biergerversammlung keng Mooss.

Dem Bureau d'études ass och eventuell virzwerfen, dass se net déi Pläng haten, déi elo hei sinn, mat deem richteg

gen Terrainverlaf. Richteg. Ech géif mech och opreegen an enger Biergerversammlung, wann op eemol mäi Gaart oder meng Beem an ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et war ee Stréch falsch gezechent.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et war ee Stréch falsch gezechent. Mä ass dat déi Opreegung wäert? Dat ass elo eng aner Saach. Et soll een d'Leit natierlech informéieren – déi kenne mer jo allegueren –, dass elo déi richteg Pläng do sinn. A si sollen op der Gemeng laanschtkommen, wat ech hinnen och deemools ugebueden hat. Si solle bei d'Madamm Peterhänsel kommen an déi Pläng hei kucken. Da wiere se schonn deen Dag drop berouegt gewiescht.

Ech wollt mech awer elo net opreegen, par rapport zu deem Projet. Well ech hat éinescht ugedeit, ech war 40 Joer an deem Gebai. Anerer heibannen fir hir Schoulzäit. Anerer hunn d'Vacances loisirs do gemaach. Anerer hunn d'Lasep do gemaach. Anerer hu Schoulprojete gemaach géint d'Energieverschwendung deemools. Well de Bock eng Energieschleider war, wat wierklech e Problem war. Den Turnsall war och e Problem, well d'Wänn sech geléist haten. A vläicht souguer, an engem gewësse Mooss, herno e Sécherheitsrisiko.

Wann ech de Bock als Infrastruktur kucken, ass en an allen europäeschen oder souguer weltwäite Bicher iwwer modern Architektur vun deem Zäitalter fotograféiert an als Virbild vu Bëtongskonstruktiounen, vu Béton-armé-Konstruktiounen. Mat Orientéierung zu enger herrlecher Landschaft ronderëm an zu engem herrleche Park ronderëm, kann ee soen.

Dofir freet et mech besonnesch, dee sech och während Joerzéngten ëm dat Gebai bekëmmert huet. Wéi kee Portier méi do war, hu mer dat quasi mat der Gemeng zesummen, an der Gestéierung och gekuckt, dass d'Gebai funktionéiert huet, wat d'Infrastrukturen ubelaangt.

du stationnement doit être abordée et il faut trouver des solutions. Mais il ne faut pas sombrer dans la panique ou réagir à des méchancetés.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen ne fait pas allusion à monsieur Bertinelli. Mais ce qui s'est passé est totalement inacceptable.

Pour Frenz Schwachtgen, il est question d'un bâtiment formidable, mais pas énorme. Il pourra en effet accueillir 400 élèves dans 24 salles de classe. Ce n'est pas comparable à des établissements pour mille élèves comme au Fousbann ou à Differdange.

Par ailleurs, plusieurs citoyens voulaient par exemple discuter des salles de classe, mais ils n'en ont même pas eu l'occasion. Tout ce qui comptait, c'était le stationnement.

On peut regretter que le bureau d'études n'ait pas présenté les plans dont le conseil communal dispose aujourd'hui. Autrement, les habitants de la rue des Champs et de la rue de l'Eau auraient pu constater que leur vue n'est absolument pas impactée. Mais il est vrai qu'un toit écologique améliorerait ultérieurement les choses. Il faut poursuivre le dialogue sans s'exciter inutilement.

Frenz Schwachtgen répète que le bureau d'études n'a pas présenté les bons plans et comprend que les habitants n'étaient pas contents de voir leurs jardins et leurs arbres...

TOM ULVELING (CSV) *précise qu'un trait était mal placé.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *réplique que ce trait a causé bien des discussions.*

Désormais, il faut expliquer aux gens qu'ils peuvent consulter les nouveaux plans à la commune auprès de madame Peterhänsel.

Frenz Schwachtgen a passé quarante ans dans l'école du Bock. La consommation d'énergie y était trop élevée. La salle de gymnastique constituait aussi un problème. Mais d'un point de vue architectural, le bâtiment figurait dans tous les livres européens spécialisés comme modèle de construction en béton armé entourée d'un parc magnifique.

Le portier s'est occupé du bâtiment pendant des décennies. Ensuite, la commune en a repris la gestion. Elle a connu des problèmes d'inondation dans la salle de sport et sur le toit plat. Mais l'architecture est appréciable. Frenz Schwachtgen n'a jamais trouvé le bâtiment trop grand; tout au plus, il était un peu froid. Mais les larges couloirs permettent aux enfants de se déplacer différemment que deux par deux comme chez les militaires. C'est ce qui fait le charme du Bock.

Frenz Schwachtgen se réjouit du fait que l'architecture ait été préservée et que l'annexe ait été adaptée à l'ancien bâtiment. La générosité de l'architecture et la beauté de la nature en font un des plus beaux bâtiments du pays.

Frenz Schwachtgen a longtemps espéré qu'il ferait encore partie du conseil communal quand ce projet serait terminé. Peut-être sera-t-il encore là pour l'inauguration.

TOM ULVELING (CSV) s'étonne que l'on prétende qu'une école dans un quartier résidentiel soit une mauvaise chose. Aurait-il fallu la construire loin des habitations?

FRED BERTINELLI (LSAP) proteste.

TOM ULVELING (CSV) a l'impression que c'est ce que l'on reproche au collège échevinal. Mais ce qui compte, c'est que les enfants puissent se rendre facilement à l'école.

Pour ce qui est du stationnement, le collège échevinal cherche des solutions. Les idées de monsieur Diderich sont bonnes. Le trajet du Diffbus pourrait être modifié pour permettre aux enfants de l'utiliser pour aller à l'école. De cette façon, les parents n'auraient plus besoin de les y conduire.

De toute façon, Tom Ulveling ne pense pas que faire 500 m à pied soit un problème. Si les livres et les cahiers sont vraiment trop lourds, les enseignants n'ont qu'à s'acheter une valise avec des roues.

Monsieur Bertinelli devrait avoir l'honnêteté intellectuelle de reconnaître que lorsqu'il faisait partie du collège échevinal, il n'a jamais demandé la construction d'un parking pour cette école.

Mer ware mat Waasser um Flaachdaach geplot, mat Iwwerschwemmungen am Turnsall an esou weider. Mä déi gesamt Architektur ass jo elo vu jiddwerengem unerkannt ginn als grousszügig Gäng. Ech hunn déi ni als ze grouss gesinn. Vlächcht als ze kal. Jo, dat stëmmt. Mä als ze grouss ni.

D'Kanner hunn do Espace, fir effektiv eppes anescht an deem Gank ze maache wéi nëmmen doduerchzegoen, wéi gesot ginn ass éinescht, zu zwee an zwee a comme chez le militaire, wéi eng Kéier ee gesot huet. Dat ass dat, wat de Charme vun deem Gebai an och d'Freed, fir doranner ze schaffen, ausgemaach huet.

Dofir sinn ech frou, an ech felicitéiere jiddwerengem, dee gehollef huet, dass déi Architektur bliwwen ass, côté Bierg. An dass déi nei Architektur, déi elo bäikënnt, där anerer ugepasst ass. An dass déi Grousszüggkeet vun der Architektur an déi Schéinheet vun der Natur ronderëm herno eent vun deene schéinste Gebaier hei am Land ausmaachen.

Dofir soen ech Merci. Et war ëmmer mäin Zil, nach am Gemengerot ze sinn, wann dee Projet do fäerdeg gëtt. An ech hoffen, an dräi, véier Joer, wann eis Legislatur eriwwegeet, ech dat Gebai als Conseiller nach ka mat aweien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, géif ech d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll reagéieren op e puer Aussoen. Éischtens stéiert et mech, elo gëtt dat esou duergestallt „Schoul am Wunnquartier“, wéi wann dat elo eppes Schlëmmes wier. Hätte mer se léiwer op der grénger Wiss, wou d'Leit géife mat hire Kanner duerch hallef Déifferdeng jabelen, fir hir Kanner an d'Schoul ze bréngen? Hätte mer dat léiwer?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn dat ni gesot.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech froe just. Well et schéngt mer, wéi wann dat e Reproche hei wär. Mir bauen eng Schoul am Wunnquartier. D'Iddi ass jo, kuerz Weeër fir d'Kanner a sécher Weeër fir d'Kanner a Proximitéit vun der Schoul mat hirem Elterehaus. Soudatt ech dat net als schlëmm empfannen.

Déi Saach mam Parking. Ech hunn Iech scho gesot, mir sinn amgaangen, no Léisungen ze sichen. Dat, wat den Här Gary Diderich dozou gesot huet, dat si gutt Ureegungen. Do soll ee kucken, wéi een dat regléiert.

Et kann een driwwer nodenken, wann den Transport en commun gratis gëtt, fir eisen Diffbus ëmzepolen. Ob een net vlächcht mat dem Diffbus, deen dann nach iwwreg bleift, iergendwéi de Wee esou verännert, dass déi meeschte Kanner mam Diffbus kënnen an déi Schoul bruecht ginn. Dann hätte mer och d'Elteren ewech.

Ech muss Iech soen, ech fannen et keng Zoumuddung, wann ee muss 500 Meter ze Fouss goen, fir op seng Schaff ze kommen. Ech stelle fest, datt ëmmer erëm gesot gëtt, d'Léierpersonal mat deene schweieren Hefter a Bicher, déi se misste schleefen. Wann ech schwéier Saachen ze schleefen hunn, dann hunn ech esou eng Wallis mat Rouletten an da maachen ech alles do dran an dann zéien ech déi no. Dann ass dat guer net schlëmm.

Et muss een awer och d'intellektuell Eierlechkeet hunn, Här Bertinelli, et ass grad gesot ginn, den Här Muller huet dorunner geplangt. Dir waart deemools am Schäfferot, an ech hat Iech awer wierklech ni héiere soen, dass mir un déi Schoul do missten e Parking bauen.

Ech versti jo gutt, et sinn e puer Leit heibannen, déi an deem Quartier wunnen, déi hunn eng aner Sensibilitéit dozou. Ech verstinn och gutt, dass déi Leit e Recht hunn op eng Parkplaz oder op eng Afaart virun hirem Garage, déi fräi ass. Den Här Liesch wäert mat senge

Servicer kucken, wéi mer dat regléiert kréien.

Mer hu jo gesot, dass mer an enger éischter Phas wäerten d'Rue de l'Eau mol spären, à partir vum leschten Haus. Fir de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, déi Strooss, wa mer déi Container dann opriichten, als Spillplaz ze notzen. Vis-à-vis vun där Strooss, vun deem Schëff, do ass eng Wiss, mir wäerte versichen, do och eng Spillplaz ze amenagéieren. Dat si mir amgaangen ze kucken. An da gesi mer jo, wéi et fonctionéiert, wann déi Strooss zou ass. Da kënne mer duerno kucken, wéi mer dat wäerte regléieren, fir dat erëm richtig ze maachen. Soudass effektiv d'Awunner do keng Nuisancen hunn.

Ech muss dem Här Schwachtgen recht ginn. Déi Reprochen, wou Leit aus dem Schäfferot als Aarschlächer vun engem, dee virun och emol eng Kéier hei souz, betitelt gi sinn. Ech fannen dat schlëmm. Et versicht een, seng Aarbecht ze maachen, sou gutt wéi et geet. Dass een et net jiddwerengem ka recht maachen, ass mer jo och bewosst. Mä dass een dann direkt awer muss als Aarschlach betitelt ginn, fannen ech e staarkt Stéck.

Da war nach gesot ginn, wat maache mer mat deene Container duerno? Ech mengen, et war den Här Tempels, deen dat gefrot hat.

GUY TEMPELS (CSV):

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir wësst, dass mer plangen oder an Aussiicht stellen, déi Meedercherschoul zu Nidderkuer, auszebauen. Et ass eventuell geduecht, déi Container dann do nach ze benotzen. Dass ee se iergendwou do op d'Plaz transferéiert an do erëm opriicht. Ech mengen, dat wär dat Besch.

Well mer wëlle jo keen Tourismus vun de Kanner, fir vun engem Quartier an deen aneren an d'Schoul ze goen. Do wär eng Méiglechkeet ginn, Suen anzespueren, well mer déi Container kaf hunn. Mä dat musse mer nach alles kucken.

Här Bertinelli, net méi spéit wéi d'lescht Woch war eng grouss Reunioun mam Sportsservice am Kader vun der Planung vun der Renovatioun vun der Sportshal zu Uewerkuer. Fir ze kucken, wéi, à terme, wat géif wou vu wem kënne genotzt ginn.

Mir hu jo dann déi nei Sportshal hei, déi wäert fonctionéieren. Mir hunn déi nei Sportshal zu Nidderkuer, déi wäert fonctionéieren. An do ass ebe gekuckt ginn, wéi dann d'Besoin sinn, wann een déi Veräiner opdeelt. Wat dann nach gebraucht gëtt, fir beispillsweis d'Renovatioun vum Hall des Sports ze maachen. Well mer jo och wëllen eng Renovatioun, eng Mise en conformité do maachen.

Déi Lokaler, déi dann doraus entstinn, wëlle mer esou gestalten, dass se engem Veräin zougesprach ginn, dass dee se notze kann. Do ass een Inventaire, wann een dat esou ka soen, vum Här Thierry Wagner gemaach ginn. Dee kënnt Der kréien, dat ass kee Problem. An da musse mer dorop opbauen a kucken, wéi mer dat wäerte maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da ginn ech d'Wuert un den Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt op verschidde Saachen äntwerten, déi net esou sinn, wéi den Här Ulveling se elo hei seet. Déi, déi am Schäfferot deemools waren, wou mir am Schäfferot waren, wësse ganz genau, datt ech am Plange war, fir e Parking dohinner ze kréien, dee laange Wee laanscht de Bock. Souguer bei de Bauer gaange sinn, deen uewen en Terrain huet.

Et ware jo nach aner Leit am Schäfferot, déi dat genau woussten. Mir hunn dat geplangt, mir hu souguer e Präis drop gesat. Den Här Ulveling hat do vläicht net esou opgepasst. Mä do hate mer eis scho ganz vill Méi gemaach, fir do e Parking hin ze kréien, scho wéi se elo fonctionéiert, d'Bockschoul.

Et ass net esou, datt Dir ni eppes héieren hätt, datt mer do iwwer Parking ge-

Certains conseillers communaux habitent dans le quartier. Tom Ulveling comprend leur façon de réagir.

Dans une première phase, la rue de l'Eau sera bouclée à partir de la dernière maison pour pouvoir être utilisée comme aire de jeux par les enfants. Une aire de jeux devrait aussi être aménagée sur la prairie en face. Le collège échevinal évaluera la situation quand la route sera bouclée et veillera à limiter les nuisances ensuite.

Tom Ulveling donne raison à monsieur Schwachtgen concernant les reproches adressés au collège échevinal lors de la réunion d'information publique. Le collège échevinal fait de son mieux. Il est évident que l'on ne peut pas satisfaire tout le monde. Mais cela ne signifie pas qu'on puisse être traité de trou du cul.

Monsieur Tempels a demandé ce qu'il adviendrait des conteneurs. Tom Ulveling rappelle que l'école de Niederkorn doit être agrandie. Les conteneurs pourraient se révéler utiles. Ils permettraient d'éviter de devoir transférer les enfants d'un site à l'autre. Les conteneurs ayant été achetés, cela permettra de faire des économies.

La semaine dernière a eu lieu une réunion avec le service des sports pour discuter de la répartition des salles de sport entre les différents clubs sportifs dans le cadre de la rénovation du centre sportif d'Oberkorn. Monsieur Thierry Wagner a dressé un inventaire qui pourra être distribué au conseil communal.

FRED BERTINELLI (LSAP) souhaite revenir sur certains propos de monsieur Ulveling ne correspondant pas à la réalité.

Ceux qui faisaient partie de l'ancien collège échevinal savent pertinemment que Fred Bertinelli planifiait un parking le long du Bock.

Il a même rencontré un agriculteur au sujet d'un terrain. Mais il est possible que monsieur Ulveling n'ait pas fait attention à l'époque. Autrement comment peut-il prétendre ne jamais avoir entendu parler d'un parking? Même le prix avait été fixé et des plans avaient été réalisés. Mais il est vrai que monsieur Ulveling n'était pas éche-

4b. École Um Bock / 4c. Décomptes de travaux

vin à la circulation et qu'il ne s'intéressait pas à cette question.

La façon dont certaines personnes se sont comportées lors de la réunion d'information est scandaleuse. Ce n'est pas une façon de parler aux gens. Malgré cela, le collège échevinal doit tenir compte des doléances des habitants.

Les deux derniers collèges échevinaux ont commencé à discuter des projets avec les habitants. Même si les discussions sont parfois houleuses, il ne faut pas arrêter. Il est plus facile de trouver un consensus au départ que de devoir régler des problèmes ensuite.

Fred Bertinelli répète que les socialistes soutiennent le projet, mais que celui-ci doit être débattu parce que certains éléments limitent la qualité de vie dans le quartier. Le collège échevinal ne peut pas se contenter de laisser venir les choses. Les problèmes doivent être résolus au préalable.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au décompte des travaux de rénovation de l'École des garçons de Differdange, de la maison des jeunes du Fousbann et de l'École Saint-Pierre à Niederkorn.

TOM ULVELING (CSV)

constate que le décompte pour la maison des jeunes du Fousbann est arrivé rapidement pour une fois. Le décompte est nécessaire à l'obtention des subsides. Les couts totaux se montent à 2 318 000 € et les subsides à 825 000 €.

Les dépenses pour l'École Saint-Pierre s'élèvent à 2 327 000 € et les subventions à 602 000 €. Ce projet réalisé par monsieur Muller a vu la construction de quatre salles de classe supplémentaires ainsi que d'une salle de stockage et d'une salle de conférence. Tom Ulveling précise que la commune a abandonné l'idée de rénover une partie de l'ancien bâtiment pour réaliser un nouveau projet.

Pour l'École des garçons, la commune a dépensé 6 633 000 € pour un subside de 1 080 000 €. Ce projet remonte à 2012 quand un ouvrier a mis à jour des plaques d'amiante lors de travaux. Des rénovations ont été effectuées immé-

schwat hätten. Mir hate souguer méi wäit geschwat. Souguer e Präis drop gesat. Mir hate souguer e Plang do leien, wéi e sollt ausgesinn. Dir hutt deen da vläicht net gesinn. Dir waart jo och net Verkéiersschaffen. Oder Dir hutt Iech vläicht net dofir interesséiert.

Natierlech sinn ech mam Här Schwachtgen enger Meenung, datt ech dat och skandaléis fannen, wéi verschidde Leit sech do beholl hunn. Keng Diskussioun. Dat soll och net d'Method sinn, wéi ee mat Leit schwätzt. Ech ginn Iech do honnertprozenteg recht.

Mä do waren och aner Leit, déi dat net gesot hunn an déi awer Bedenke bei där enger oder anerer Saach hunn. Dat sollt een awer fir eescht huelen. Ech mengen, et ass deen heiten an dee viregte Schafferot, déi ugefaangen hunn, mat de Bierger ze schwätzen.

An och, wa mol deen een oder deen anere méi haart schwätzt, sollt een net ophalen, weiderhi mat Projete bei d'Bierger ze goen a mat hinnen ze schwätzen. An déi Projeten de Bierger ze weisen. Da fënnt ee vill, vill méi eng grouss Zoustëmmung, wann een esou e Projet wéi dat do mécht. Wéi wann een d'Problemer eréischt herno gesäit.

Nach eng Kéier d'LSAP ass zu 100 Prozent fir dee Projet vun där Schoul. Dat ass iwwerhaapt keng Diskussioun. Ech sinn och iwwerzeegt, datt et eng flott Schoul gëtt. Et sinn awer Saachen, wou ee muss driwwer diskutieren, déi muss gereegelt ginn, well se d'Qualité de vie vun deene Leit, déi an deem Quartier do wunnen, immens beanträchtegen.

Et kann een net einfach soen, mir loosse dat do emol lafen an da kucke mer, wat herno dobäi erauskënnt. Dat kann een net maachen. Well dat heite scho méi e grouse Projet ass. Duerfir sollt een dat am Virfeld léisen an de Leit och soen, wéi een dat léist. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'approuver les plans et devis définitifs pour l'extension et la transformation de l'école Um Bock à Oberkorn.

Da géife mer zum Punkt véier kommen, do geet et ëm d'Dekonte vun de Renovatiounsarbechte vun der Bouweschoul zu Déifferdeng, dem Jugendhaus um Fousbann an d'Travaux de réaménagement vun der École St. Pierre zu Nidderkuer. Meng Fro: Kënne mer déi zesummen ofstëmmen oder separat? Wien ass fir zesummen? Okay, unanime.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Iwwert d'Maison des jeunes Fousbann, do brauch ech Iech net vill ze erzielen, dat ass nach net esou laang hier. Et ass emol een Dekont, dee relativ schnell komm ass. A firwat esou schnell? Wa mer keen Dekont maachen, kréie mer och net de Rescht vun de Subsiden. Dofir hu mer eis Servicer ugewisen, soubal Saache fäerdeg sinn, esou schnell wéi méiglech d'Dekonten ze maachen.

Et handelt sech hei ëm eng Ausgab vun 2.318.000 Euro an e puer Zerquetschener. A mir hu Subside kritt vun 825.000 Euro.

D'École St. Pierre Nidderkuer: Do waren 2.327.000 Euro ausgi ginn. An et si Subsiden erakomm vu 602.000 Euro an e puer Zerquetschener. Dat war e Projet, den Här Muller huet dee gemaach, do si véier Klassenäll bäigebaut ginn. Zwou Klasse fir de Primär, eng Klass fir de Precoc an eng fir de Préscolaire. Et si kleng Stockage-Raim an eng Konferenz gebaut ginn. Als Annex un déi besteeënd St.-Pierre-Schoul.

D'Erklärung, firwat net esou vill Suen iwwreg sinn, ass, well mer am alen Deel vun der besteeënder Schoul en Deel Renovatioun wollte maachen. Déi awer fale gelooss hunn, well en neie Projet drop kënnt. Dat wäert Der am Budget den nächste Mount gesinn.

Last but not least, d'École des Garçons Déifferdeng, do sinn am Ganze 6.633.000 Euro ausgi ginn, mat engem

4c. Décomptes de travaux

Subsid vun 1.080.000 Euro. Dat ass eng Geschicht, déi huet ee ganz, ganz laange Baart.

Dat ass schonn ugaangen 2012, wou eng Urgence bestanen huet, well do ee bei Aarbechten an Asbestplacke gebuert hat. Dofir hate mer missen eng Renovatioun maachen. Mir kruten dat geneemegt mat der Oplag, eng Mise en conformité direkt duerno ze maachen. Dat war eng Renovation light, déi mer do gemaach hunn.

Zum Beispill Plättercher am Gank, déi futti waren, sinn eenzel ausgebessert ginn, nei Leitunge sinn deels op d'Botz geluecht ginn, wéi Renovatioun vun all de Klassen an dem Turnsall. 2015 war dunn d'Mise en conformité vum Gebai komm. Do ass e Lift an d'Gebai gebaut ginn an och eng Nouttrap. An de Kellere sinn Duschen, Vestiaires komm – dat war e Projet vum Här Bertinelli sengerzäit. An eng Salle de défoulement ass dohikomm.

En cours vum Chantier ass am Schoulhaff de Problem mat der grousser Stützmauer ronderëm den Terrain multisport komm, dee riskéiert hat anzefallen. Wou eng Stützmauer huet misse gebaut ginn, fir dass dee ganzen Terrain net géif rutschen. Dat waren alles Saachen, déi gemaach gi sinn.

Ech si frou, dass deen doten Dekont elo endlech virläit. Well en awer scho vun 2012 u sämtlech Aarbechte beinhalt, déi bis dato an där Schoul gemaach si ginn.

Ech wär frou, wann Der eis déi dräi Dekonten do géift stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wuertmeldungen? Här Müller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Kolleginnen a Kollegen, ech wollt just drop hiweisen, dass et heiansdo sënnavoll ass, en Ausbau ze maachen un engem besteeënden Deel. An dat ass hei dee vun der École St. Pierre. Wann ee gesäit, fir wéi ee Käschtépunkt mer déi

Klassenäil do kritt hunn, dat ass ganz interessant. Do hu mer gutt geschafft. Mer hunn Espace, en neie Schoulraum kreéiert. Wa mer dee Käschtépunkt huele vun 2.327.000 Euro, wou jo och nach aner Poste mat dra sinn, ech mengen, da war dat richteg, dee Projet esou ze maachen.

Allgemeng, et ass gesot ginn, dass mer laang amgaang waren, schonn ier ech d'Éier hat, do drun ze schaffen. Scho laang virdrun ass dat ugaange mat der Déifferdenger Zentral, déi Mise en conformité an all déi Problematik, déi mer do haten.

Wa mer esou kucken, si mer iwwerall ënnert de votéierte Montante bliwwen. Mä et muss een awer éierlecherweis soen, et ass oft novotéiert ginn. Praktesch all Joer hu mer erëm novotéiert, fir kënne virunzefueren. Wa mer et elo iwwerzunn hätten, dat wär awer net normal gewiescht.

Mir stëmme selbstverständlech déi Dekonten. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Müller. Nach eng Wuertmeldung? Da géif ech direkt zum Vott iwwergoen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décomptes des travaux de rénovation de l'École des garçons de Differdange, de la construction d'une maison des jeunes au Fousbann et des travaux de réaménagement de l'école Saint-Pierre à Niederkorn.

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir hu grad iwwert d'Dekonte geschwat. Den Här Müller huet och elo gesot, et votéiert ee jo heiansdo Saachen no. Do hu mer eis gefrot, ob et méiglech wär, am Dekont ersiichtlech ze maachen, wat initial war a wat novotéiert ginn ass?

diatement suivies en 2015 d'une mise en conformité du bâtiment. Un ascenseur et un escalier de secours ont été construits. Des douches, des vestiaires et une salle de défoulement ont été aménagés dans les caves.

En cours de chantier est apparu le problème du terrain multisports, qui risquait de s'effondrer. Un mur porteur a dû être construit.

Le décompte comprend tous les travaux depuis 2012.

Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver les trois devis.

ERNY MULLER (LSAP) estime que parfois, agrandir un bâtiment existant est pertinent. En plus, le prix de 2 327 000 € est intéressant.

Erny Muller rappelle que ce projet a été entamé bien avant qu'il ne devienne échevin.

Il constate que dans l'ensemble, les couts définitifs se situent en dessous des montants votés. Mais pour être honnêtes, des crédits supplémentaires ont été approuvés tous les ans. C'est pourquoi il aurait été étonnant de dépasser les budgets fixés.

Les socialistes approuveront les décomptes.

(Vote)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répète ce que vient de dire monsieur Muller: des crédits supplémentaires ont été approuvés au fil des projets. Par conséquent, il serait intéressant de comparer les couts totaux au devis initial.

TOM ULVELING (CSV) rétorque que le chiffre figure dans le dossier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) proteste. Le dossier mentionne le devis et les devis supplémentaires. Mais les devis supplémentaires et le devis initial ne sont pas chiffrés. Bref, les conseillers communaux connaissent les devis votés et les couts finaux. Certes, dépasser le devis initial n'est pas forcément grave. Mais la commission des finances a eu du mal à analyser ces chiffres. Il est vrai qu'elle pourrait aller vérifier tous les chiffres dans le budget. Mais ceux qui font les décomptes

n'auraient besoin que de deux clics de souris.

TOM ULVELING (CSV) montre à monsieur Diderich où se trouve le devis initial.

(Interruption de M. Diderich)

Tom Ulveling réplique que « vote au conseil communal » est le devis initial. Le reste constitue la rallonge. Mais Tom Ulveling admet que le tout pourrait être plus clair.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) signale que certains projets sont réalisés en phases.

TOM ULVELING (CSV) explique que si l'on connaît le montant initial, on peut faire le calcul.

(Interruption de M. Diderich)

Tom Ulveling répète que l'information figure dans le dossier.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au PAG et plus précisément à l'annulation de la saisine du 19 juin 2019. Ensuite, le conseil communal approuvera le lancement d'une nouvelle procédure.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que le 19 juin, le conseil communal a décidé de lancer la procédure d'adoption du nouveau PAG. Peu après, le collègue échevinal a reçu une lettre l'informant d'une éventuelle faute de forme parce qu'un membre du conseil communal avait vu la valeur de sa parcelle augmenter à la suite du vote. Un juriste et le ministère de l'Intérieur ont confirmé que le vote était valable. Mais un éventuel procès auprès du tribunal administratif aurait retardé l'approbation du PAG et mis la procédure à risque. D'où le vote d'aujourd'hui.

Le collègue échevinal ne connaissant pas toutes les parcelles en possession des conseillers communaux, Georges Liesch demande aux personnes concernées de ne pas prendre part au vote.

Le collègue échevinal a décidé d'intégrer les modifications déjà faites pour éviter que les réclamants ayant obtenu raison ne doivent réclamer une deuxième fois. Certaines réclamations étaient en effet pertinentes et ont été intégrées immédiatement dans le PAG.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat steet do.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Nee. Ënne steet „Devis et devis supplémentaires“. Do weess een net, wat sinn d'Devis supplémentaires gewiescht a wat ass den initialen Devis gewiescht. Dat heescht, mir gesinn am Endeffekt, wat ass vun Devise votéiert ginn a wat waren déi final Käschten. Mir gesinn awer net, wat ass duerch – do gëtt et jo Argumenter, et ass jo net, dass et ëmmer schlëmm ass, wa mer iwwert den initiale Budget gaange sinn.

Mä an der Finanzkommissioun ass mer dat e bëssen opgefall, dass mer dat net wierklech konnte kucken. Als Finanzkommissioun kënne mir natierlech nokucke goen an de Budget an esou weider. Mä ech ka mer virstellen, déi, déi d'Dekonten opstellen, kéinten duerch zwee Klicken einfach eng separat Këscht fir d'Devis supplémentaires maachen an da si mer gutt, souzesoen. Da gesi mer dat besser.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Deen éischten ass ëmmer den initialen. An dat anert ass alles dobäikomm. Do steet jo ëmmer en Datum drop fir de Vote aux conseil communal. An dat anert ass ëmmer eng Rallonge.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et kann een et méi kloer maachen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wann ee sech dorobber ka verloossen, okay. Mä heiansdo gëtt et vläicht grouss Projeten, déi a Phase gemaach ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et kann een et méi kloer schreiwen, den Initial war esou vill an dann ass dat an dat dobäikomm. Mee et steet drop.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum nächste Punkt kommen, eise PAG. Do géife mer dann elo zur Annulatioun vun der Saisine vum 19. Juni 2019 kommen. Déi géif ech an engem Vott ofstëmme loossen. An dann direkt drop, dass d'Prozedur erëm nei lancéiert gëtt mat enger neier Saisine. An dofir géif ech dem Här Liesch direkt d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Effektiv hate mer den 19. Juni hei am Gemengerot doriwwer ofgestëmmt, fir eisen neie PAG an d'Prozedur ze schécken. Kuerz drop hate mer awer e Courier kritt, dass eventuell e Formfeeler virleie géif, well e Member aus dem Gemengerot iwwert dëse Punkt mat ofgestëmmt hat a seng Parzell duerch den neie PAG eng Opwärtung kéint kréien.

Mir haten du Gesprécher gefouert mat eise Jurist a mam Jurist vum Ministère de l'Intérieur, déi eis du confirméiert haten, dass dat awer esou an der Rei wär. An dass et och Jurisprudenzen dozou géif ginn, dass dat richtig war.

De Fakt, dass et awer trotzdem kéint zu engem Prozess virum Verwaltungsgericht kommen an domadder de Risiko kéint bestoen, dass mer d'Prozedur, falls d'Gericht dat dann awer géif aneschtens gesinn, nach eng Kéier misste vu vir ufänken, hu mer d'Decisioun geholl, fir haut ze proposéieren, de Vott vum 19. Juni ze annulléieren. A gläich drop, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, en neie Vott ze huelen.

A well mer jo och net wëssen, wéi eng Leit aus dem Gemengerot wéi eng privat Parzellen a Saachen hunn, wëll ech drop opmierksam maachen, all Con-

seiller, dee sech betraff fillt, dass en duerch en Terrain, deen e vläicht huet, zu enger Opwärtung am neie PAG kéint kommen, eben net um Vott deelzehuelen.

D’Fro, déi mer eis gestallt hunn, war, ob mer de PAG onverännert, wéi am Juni, haut nach eemol zum Vott stellen. Oder ob mer schonn Ännerunge sollten abauen. Mir hunn eis fir déi zweet Méiglechkeet entscheet. Virun allem och fir déi Leit, déi reklaméiert haten, an deene mer och wëlle recht ginn. Dass déi net nach eng Kéier misste reklaméieren, fir dass mer deenen nach eng Kéier soen, dass mer hinnen am Fong recht ginn.

Mir hunn alleguerten d’Reklamanten héieren. Do waren der dobäi, wou mer d’Reklamatioun fir richtig befonnt hunn. Dës goufen am PAG berécksiichtegt. Soudass déi Leit net nach eng Kéier mussen eng Reklamatioun eraginn.

All déi aner Leit, déi mer net consideréiert hunn, deene mer net recht ginn hunn, ass et wichteg, dass si eis hire Bréif, dee selwechte Bréif, nach eng Kéier bannent deenen nächsten Deeg, nom Avis de publication, eraschécken.

Mir wäerten dës Leit nach uschreiwen, well se jo schonn eng Kéier reklaméiert hunn. Net dass déi mengen, si hate reklaméiert an da wär et gutt. Fir se wierklech nach eng Kéier drop hinzeweisen, dass se eis de Bréif nach eng Kéier solle schécken, fir dass do wierklech kee sech ausgeschloss fillt.

Am Ganze ware 60 Reklamatiounen erakomm. Dovunner hu mer der 20 positiv aviséiert.

Weider goufen, opgrond vun eise Jurist, an der Partie écrite eng Rei Formulierung verbessert a präziséiert. Den Abschnitt iwwert d’PAPen, déi scho geneemegt sinn, gouf esou präziséiert, dass dës PAPen, wéi se geneemegt gi sinn, kënne realiséiert ginn. Fir déi Punkten, déi an de PAPen net virgesi sinn, verweise mer op de PAP Quartiers existants.

Et sinn zwou nei Servituden dobäi komm. Och dat opgrond vu Reklamatiounen, déi mer richtig befonnt hunn.

Ech kommen nach op déi eenzel Punkten zrëck.

An der Partie écrite vum PAP Quartiers existants hu mer eng Disposition transitoire ageschriwwen, déi virgesäit, dass all d’Dossieren, déi bis zum Zäitpunkt vum 19. Juni komplett waren, kënnen nom ale PAG autoriséiert ginn.

An der Partie graphique sinn eng Rei Erreurs matériels verbessert ginn. Ajustementen un den Haiser, déi ënner national oder kommunal Protektioun fallen. Des Weidere goufe potentiell archeologesch Sitten opgrond vun engem Avis vun der CNRA agezeechent. Dat ass déi mof gestrécht Linn.

Präziséiere wollt ech nach, dass d’Prozedur fir d’SUP, déi jo parallel leeft, onverännert ass. Déi leeft normal weider. Déi ass net verännert.

Ech wëll net nach eng Kéier dee ganze PAG erklären, dat war jo am Gemengrot vum 19. Juni gemaach ginn. Do hate mer och e flotten Debat doriwwer. Ech géif just wëllen op déi Punkten agoen, déi mer an dësem aktuelle PAG geännert hunn.

An der Rue de l’Eau hate mer virgesinn, dass vis-à-vis vun der Bockschoul erof Eefamilljenhaiser kéinten entstoen. Fir dass dat awer net eng eenzeg laang Rei gëtt vun Haiser, eng dicht Bebauung, hu mer eng nei Servitude maisons jumelées drop gesat.

Soudass dës Bebauung, wann déi eng Kéier stattfënnt, Lücken opweist, déi e Loftaustausch zouloossen. Dat war de Leit, déi reklaméiert hunn, wichteg. An dat ass och richtig, datt e Loftaustausch tëscht der Zone verte an Uewerkuer an deem Quartier do ka stattfannen. An dass een och Vuen no hanne behält, dass dat keng geschlossene Rei gëtt.

Beim Terrain Arcelor hate mer eng Zone verte iwwer hir Terraine geluecht fir déi Bëscher, déi nach do sinn, dass déi sollen erhalen bleiwen. Déi Zon war e wéineg ze grouss gezeechent ginn. Opgrond vu Loftopnamen hu mer se e bësse reduzéiert op déi reell Bëschräich.

Bei der CFL hate mer am PAG vum Juni dat aktuell Stellwierk an enger Zon BEP leien. Si hu gefrot gehat, dass

Les autres réclamants devront envoyer la même lettre une nouvelle fois après la publication de l’avis. Le collège échevinal leur communiquera l’information par écrit.

Sur les soixante réclamations déposées, vingt ont été avisées positivement.

Dans la partie écrite, plusieurs formulations ont été corrigées ou précisées. Par exemple, le document précise désormais que les PAP approuvés pourront être réalisés tel quel. Pour les autres, le document renvoie au PAP « Quartiers existants ».

Deux servitudes ont été ajoutées sur la base de réclamations.

Les dossiers complets remis avant le 19 juin seront autorisés sur la base de l’ancien PAG.

Plusieurs erreurs matérielles ont été corrigées dans la partie graphique.

Des sites archéologiques potentiels ont été intégrés sur la base d’un avis de la CNRA.

La procédure pour l’étude environnementale stratégique se poursuit normalement.

Georges Liesch ne veut pas présenter le PAG une nouvelle fois, mais revenir sur les points ayant changé.

Des maisons unifamiliales sont prévues en face de l’école Bock dans la rue de l’Eau. Désormais, le collège échevinal y a placé une servitude pour des couloirs d’air entre le quartier et la zone verte à Oberkorn sur la base d’une réclamation des riverains.

Le PAG protège les terrains boisés d’ArcelorMittal. Mais la zone était trop grande et a été redessinée.

Le poste d’aiguillage des CFL avait été placé dans une zone de bâtiments et équipements publics. Désormais, il figure dans une zone SPEC 4 pour activités ferroviaires.

Le triangle entre la rue Pierre-Gansen et la rue de l’Industrie était défini comme route et a été reclassé en zone REC, ce qui correspond davantage à la réalité.

Dans la rue de la Gare à Oberkorn, la zone BEP était trop grande sur les plans. Elle intégrait plusieurs jardins privés. Cette partie a été reclassée en zone de jardins.

Le ministère des Finances a demandé un reclassement dans la rue Pasteur et la rue Belair. La zone BEP

où se trouve le commissariat a été agrandie pour construire éventuellement des immeubles, là, où se trouvent actuellement les garages. Le terrain à bâtir dans la rue Belair continue à être considéré comme une zone HAB 1.

Le schéma directeur Niederkorn 01 a été adapté. Le nouveau CID y sera construit.

Au lieu dit Ouschterbuer, les limites du terrain correspondaient au plan directeur et pas au PAP approuvé. Cette erreur a été redressée. Les surfaces côté sud-ouest ont été classées zones de jardins.

Le ministère de l'Économie a informé la commune que le PAG doit correspondre aux documents nationaux dans le zoning Haneboesch, c'est-à-dire au plan d'occupation du sol. Il faudra adapter le PAG le moment venu.

Une parcelle au bout de la rue Pierre-Schambourg a été intégrée.

Une zone verte a été placée sur le site d'ArcelorMittal, et plus précisément là, où se trouve le portail à proximité de la Collectrice. Le reste du site est classé zone BEP avec une servitude « parkings écologiques ». À l'avenir, on pourra y aménager un « park & ride » permettant d'atteindre Differdange ou le 1535° par les transports en commun.

Dans le lieu dit Rattem, la zone de jardins a été agrandie dans le cadre d'un échange avec Coin de terre et de foyer Oberkorn. L'association avait cédé des terrains dans le cadre de la suppression du passage à niveau à Oberkorn. Par ailleurs, la zone HAB 1 autour de la maison a été élargie.

Dans la rue Pierre-Gansen, une parcelle de terrain a été classée zone REC afin de créer un accès pour la mobilité douce.

Dans la cité de la Chiers, l'espace entre les maisons a été classé zone REC 1.

Une parcelle a été classée zone REC 1 entre le Thillenbergen et l'ancienne gare, où la nouvelle PC 8 sera construite.

Le PAP « Quartiers existants » a aussi été modifié légèrement.

En cas de sinistre, les constructions existantes peuvent être reconstruites comme elles étaient, même si elles ne correspondaient pas au PAG en vigueur. La partie du texte

dat soll an eng Zon SPEC4 kommen. Déi Zon, déi virgesinn ass fir ferroviaire Aktivitéiten. Dat hu mer och esou gesinn.

An der Rue Pierre Gansen war an deem spatzen Dräieck tëscht der Rue Pierre Gansen an der Rue de l'Industrie deem Dräieck, deem de Moment besteet, als Strooss definéiert. Do ass eng gréng Plaz. Mir hunn déi elo als REC klasséiert. Wat méi der Realitéit entsprécht.

An der Rue de la Gare zu Uewerkuer war déi Zon BEP vun der Bockschoul e bëssen ze grouss gezechent. Soudass do bei enger Rei Haiser den hënneschten Deel vun de Gäert mat dra louch. Dat war natierlech net d'Iddi dovunner. Duerfir hu mer déi och erëm als Zone jardin ëmklasséiert.

An der Rue Pasteur/Rue Belair hu mer vum Ministère des Finances eng Reklamatioun kritt. Dee gefrot huet, dass mer den Zonage e weëneg upassen. Deemno ass déi Zon BEP vum aktuelle Policegebaai e bësse vergréissert ginn. Wat et géif erlaben, an der zweeter Rei hannert deem Policegebaai, wou haut d'-Garagë sinn, eng Bebauung ze maachen. An der Rue Belair géif déi Baulück, déi uewe besteet, trotzdeem weider als HAB-1 consideréiert ginn.

Eng Ännerung hu mer gemaach, wou eisen neie CID soll entstoën. Do ass de Schéma directeur Nidderkuer 01 ugepasst ginn. D'Koeffizienter an de Perimeter sinn ugepasst ginn, wéi de CID soll haut gebaut ginn.

Am Ouschterbur war e Feeler um Plang. Do war d'Limitt vum Terrain gezechent ginn opgrond vum Plan directeur an net wéi en am PAP gestëmmt gouf. Dat ass redresséiert ginn. Opgrond vun enger Reklamatioun sinn déi südwestlech Flächen als Zone jardin klasséiert ginn. Sou wéi mer dat eigentlich iwwerall probéiert hunn, an de Quartieren ze maachen tëscht de Stroossen.

Am Zoning Haneboesch huet de Ministère de l'Économie eis drop higewisen, dass de PAG mat den nationalen Dokumenter iwwerteneestëmme muss. Do gëtt de POS, de Plan d'occupation du sol, am Moment grad iwwerschaft.

A mir haten eise PAG am Fong schonn op de Projet baséiert, dee scho wäit ass. An dat ass rechtlech gesinn net korrekt. Mir mussen eis op de POS baséieren, deem am Moment en vigueur ass. A wann de Projet vun deem neie POS da bis eng Kéier steet, misste mer eise PAG dorobber upassen, wann do Ännerungen néideg wäeren.

Um Schluss vun der Rue Schambourg geet eng Strooss e weëneg méi wäit, do ass nach eng Parzell un der Strooss drun. Déi hu mer mat erageholl.

Um Site Arcelor hate mer eng Zone verte geluecht op de Bëschbestand, wou et an hiert Portal erageet an der Entrée, wann ee vun der Collectrice kënnt. Dës Zon gouf reduzéiert op déi reell Bëschfläch, sou wéi virun. Iwwert de Rescht hu mer eng BEP geluecht, mat enger neier Servitude parking écologique.

D'Iddi hannendrun ass, dass een do an Zukunft, well deem Terrain jo ganz no un Déifferdeng läit, vläicht d'Méiglechkeet eng Kéier hätt, e Park-and-Ride ze amenagéieren. Fir vun do aus schnell iwwer ëffentlechen Transport a Mobilité douce an Déifferdeng respektiv bis bei de 1535° ze kommen.

Um Rattem gouf d'Zone jardin e bësse vergréissert. Dës fir en Echange mam Coin de Terre Foyer Uewerkuer ze erméiglechen. Déi haten am Kader vun der Suppressioun vun der Barrière zu Uewerkuer Terrainen hierginn, déi se haut nach net erëmkritt hunn. Do lafe Gespréicher, fir eventuell Terraine mat hinnen ze tauschen.

Des Weidere gouf déi Zone HAB-1 ronderëm dat besteeënd Haus vergréissert, fir der aktueller Situatioun Rechnung ze droen. An der Rue Pierre Gansen war e PAP, do ass eng liicht Upassung gemaach ginn. Do hu mer e klengt Stéck an eng REC klasséiert. Do, wou de Passage vun der Chiers ass. Fir och do e Passage ze behalen.

Fir am hënneschten Deel vun der Zon REC, déi mer jo definéiert hunn, en Accès ze schafe fir d'Mobilité douce a fir Spadséierweeër. D'Iddi ass jo, an där Zone REC hannert der Rue Pierre Gansen e flotte Wee ze gestalten, fir securiséiert mam Vélo an ze Fouss Richtung Suessem ze kommen.

An der Cité de la Chiers goufen déi Fräiraim tëscht den Haiser als REC-1 klasséiert amplaz wéi am PAG als Stroosseraum.

Bei der Piste cyclable, doriwwer hate mer jo elo de Moie schonn diskutéiert, gouf nach e klenge Stéck vum aktuellen Terrain, wou den aktuelle Wee vum Thillebiereg ukënnt, an der aler Gare, wou deen neie PC8 wäert realiséiert ginn, deemtspriechend als REC-1 ëmklasséiert, mat enger Servitude couloirs et espaces réservés.

Dat waren emol déi grouss Ännerungen am PAG.

Am Deel PAP Quartiers existants sinn och e puer Ännerunge virgeholl ginn, opgrond vum Avis vum eise Jurist. Opgrond vum enger Reklamatioun gouf bei engem Passage dat Wuert Bourg-mestre erausgeholl. Do geet et drëm, dass am Cas vum engem Sinistre, et erlaabt ass, e Bestand, deen do ass, erëm esou opzebauen, wéi e war. Och wann dat dee Moment net mam aktuelle PAG iwwertenee stëmmt.

Do stoung dran, dass de Buergermeeschter en cas de sinistre – an dat hu mer dann erausgeholl, well et eigentlech kloer ass – dat muss autoriséieren, well dat esou virgesinn ass.

Et sief nach präziséiert, dass weiderhin am Zentrum vum Déifferdeng um Rez-de-chaussée kee Logement an der Kärzon däerf sinn. Dëst fir ze verhënneren, dass potentiell Geschäftslokalen eventuell kéinte verschwannen.

An der Rue Winterthur, op deem Eck, stoung am PAG, dass besteeënd Haiser vun de Kolonie mussen erhale bleiwen. Op deem präzisen Eck steet op där enger Säit keen Haus. An op där anerer Säit ass kee Kolonieshaus. Soudass mer déi zwou Parzellen, oder déi zwee Stécker, ëmklasséiert hunn als Quartier existant unifamilial.

Dann e bësse méi eng grouss Ännerung: An der Rue Dicks-Lentz gouf déi Zone Quartiers existants 2bis an zwee gedeelt. Am ënneschten Deel, wou d'Haiser tëscht der Rue Dicks-Lentz an der Rue de la Chiers sinn, ass d'Baudéift jo eigentlech ginn duerch déi zwou Stroossen. Am ieweschten Deel wollte mer, dass déi selwecht Baudéift

méiglech ass. Net, dass do eng Differenz géif entstoën. Dass d'Leit do kéint manner oder méi déif bauen. Déi ass, doduerch, dass mer dat Stéck an zwee gedeelt hunn, op 17,5 Meter begrenzt. Sou wéi am ënneschten Deel. Dann ass dat fir déi béid d'selwecht.

Da wollt ech zum Schluss nach soen, dass et fir d'Bierger wichteg ass, dass innerhalb vum 30 Deeg vum Avis de publication Enn November d'Leit hir Reklamatiounen un eis sollen eraginn, schrëftlech eraginn. Déi ginn alleguer gehéiert. An dass eng nei Biergerversammlung den 10. Dezember um 19 Auer am Hall O virgesinn ass. Wou dann nach eng Kéier jiddweree ka kommen a sech d'Pläng an déi Ännerungen, déi dra sinn, ukucken. A Froen op hir Äntwerte kréien.

Ech hoffen, ech konnt all d'Erklärung ginn, déi an Ärem Dossier ze fanne sinn. An ech hoffen, dass mer dëse PAG elo kënnen op de Wee ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Sinn dozou Wuertmeldungen? Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Buergermeeschtesch, mir als Gréng ënnerstëtzen déi nei PAG-Prozedur. De PAG gëtt also nach eng Kéier nei ulafe gelooss, no deenen Explikatiounen vum Schäffe Liesch, deen d'Ursaachen dozou opgezielt huet.

Elo kéint een op där enger Säit soen, et ass bedauerlech, dass mer elo fënnef Méint hannendra kommen. Mä ech fannen d'Virsiicht geet vir. Déi Zäit, déi mer eis elo huelen, ass da vläicht eng gewonnen Zäit fir eise PAG. Well mer sinn dann eng Gemeng, déi de PAG zweemol op den Instanzewee schéckt.

Et ass awer och d'Geleeënheet, fir nach eng Kéier driwwer ze kucken an, gegebenenfalls, en zweeten Ulaf ze huelen, fir Verbesserungen ze maachen. Dat ass wichteg fir eis Politik vum der Zukunft. Dat ass wichteg fir all administrativ verantwortlech Leit. Dass mer wier-

indiquant que l'autorisation du bourgmestre est nécessaire a été supprimée, car cela est évident.

Dans le centre de Differdange, les rez-de-chaussée ne peuvent pas accueillir de logements afin d'éviter la disparition de magasins.

Dans la rue Winterthur, le PAG protège les maisons des cités ouvrières. Mais le coin ne comprend pas de telles maisons. C'est pourquoi ce site est reclassé « Quartier existant unifamilial ».

Dans la rue Dicks-Lentz, la zone QE 2bis a été subdivisée en deux. Entre la rue Dicks-Lentz et la rue de la Chiers, la profondeur de construction est définie par les deux routes. Pour éviter une différence, la même profondeur de 17,5 m a été définie dans la partie supérieure de la rue.

Georges Liesch rappelle que les citoyens ont trente jours pour réclamer une fois que l'avis sera publié. Une réunion d'information publique aura lieu le 10 décembre à 19 h dans le Hall O.

Il signale aux conseillers communaux que toutes les explications figurent dans le dossier.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

soutient le lancement de la nouvelle procédure d'adoption du PAG au nom des écologistes.

Monsieur Liesch a expliqué pourquoi une nouvelle procédure est nécessaire. Certes, il est regrettable de perdre cinq mois, mais il vaut mieux se montrer prudents.

En outre, on peut aussi considérer cette deuxième procédure comme une opportunité. En effet, elle permet de vérifier une nouvelle fois les documents et d'apporter des correctifs le cas échéant. C'est important pour l'avenir de Differdange. En matière de PAG, il est essentiel d'aller au fond des choses. Les citoyens sont certainement motivés pour analyser le PAG plus en détail cette fois-ci.

Le collège échevinal a évalué les soixante réclamations déposées. Un tiers de ces réclamations ont été intégrées dans le nouveau PAG. Pour Frenz Schwachtgen, les décisions prises sont pertinentes.

Arcelor a introduit une minuscule réclamation concernant un énorme espace naturel avec des forêts et de grands étangs. Frenz Schwachtgen s'était attendu à davantage de protestations. La Ville de Differdange offre à la nature un véritable bijou. Peut-être sera-t-il accessible aux citoyens un jour.

Ce qui en revanche est négatif, c'est que l'aménagement de couloirs et de réserves naturelles dans la zone économique nationale Haneboesch n'est pas possible pour des raisons légales. Il faudra trouver une nouvelle voie.

Les personnes, dont les réclamations n'ont pas été retenues, pourront réclamer une deuxième fois. Peut-être apporteront-elles de meilleurs arguments.

Monsieur Liesch a dit que les études environnementales stratégiques restent valables. Frenz Schwachtgen demande si une nouvelle étude n'est pas nécessaire pour le parking écologique par exemple.

Au cours de la procédure, il est apparu que le ministère de l'Environnement, le ministère de l'Intérieur et la Ville de Differdange interprétaient certains termes comme « zone rurale », « zone jardin » ou « zone verte » différemment. Ces points ont été clarifiés.

Frenz Schwachtgen répète que les citoyens ont le temps de réclamer. Ils peuvent même contester les vingt modifications apportées jusqu'ici. Le conseiller communal se dit satisfait qu'une nouvelle réunion d'information soit organisée. Il lance un appel aux citoyens: qu'ils introduisent leurs réclamations. Des experts les conseilleront à la commune. Certaines personnes hésitent à réclamer. Mais le collège échevinal est vraiment prêt à les écouter et veut que les citoyens participent à la création du nouveau PAG.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que la procédure d'adoption du PAG lancée le 19 juin 2019 est annulée et relancée aujourd'hui. Il mentionne les discussions houleuses autour du nouveau PAG et du PAP QE.

klech bis an de Fong gi vun eisem PAG. An et ass wichteg fir eis Bierger, déi elo nach eng Kéier motivéiert sinn, fir sech de PAG méi genee unzekucken.

D'Decisioun vum Schäfferot, déi 60 Ännerungsvirschléi oder Reklamatiounen, déi erakomm sinn, ze analyséieren, ass jo gemaach ginn. An een Drëttel dervu matanzebauen an deen neien Ulaf, an deen neie PAG, ass absolut ze begréissen.

Ech hu se selwer all duerchgekuckt. Ech fannen déi Mesuren, déi positiv Mesuren, déi do geholl si ginn, si komplett ze veräntwerthen.

Aus dem Ëmweltberäich, géif ech zum Beispill soen, dass do ganz Positiver dobäi sinn. Zum Beispill huet d'Arcelor eng Mini-Reklamatioun eraginn, par rapport zu engem riseg Gebitt, wat an der Enclave vun hirem Terrain läit. Wat e risegt Naturgebit ass, mat ganz grouse Weieren dran, mat ganz grousem Bëschbestand a mat ganz villen Aarten Déieren a Planzen dran. Do hat ech mer erwaart, dass vill méi eng hefteg Reklamatioun géif kommen. An et ass awer, oh Wunder, nëmme bei enger ganz klenger bliwwen.

Mer wäerten do wierklech e Bijou der Natur zur Verfügung stellen an Zukunft a vläicht dem Mënsch, fir en neien Terrain do ze entdecken.

Negativ ass fir mech, zum Beispill, ee Punkt, dass an der Zone économique nationale am Haneboesch déi Virstellungen, déi mir do haten, wat d'Couloiren a wat Réserve naturelle ubelaangt, nach net berécksiichtegt gi sinn. An och net kënne berécksiichtegt ginn, aus juristesche Grënn. Mä dass mer, an deem Sënn, trotzdeem kënne weiderfueren, déi Projeten duerchzezéien op engem neie Wee.

D'Leit, deenen hiert Uleies ofgeleent gouf, hunn elo nach eng Kéier d'Méiglechkeet, fir en charge ze goen, nach eng Kéier ze reklaméieren. Vläch mat besseren Argumenter. Ech weess et net. Mä déi Méiglechkeet besteet.

Eng Fro, déi ech hunn: Et war elo gesot ginn, d'SUPe sinn nach gëlteg. Muss net bei deenen neie Servituden do, beispillsweis beim Parking écologique, eng SUP derzou gemaach ginn? Fir ze kucken,

wat fir ee Wäert déi Terraine vum ekologesche Standpunkt hunn. Dat ass eng Äntwert, déi een an der nächster Zäit da misst nosichen.

Et ass am Laf vun der Prozedur zu Dag komm, dass oft widdersprénglech Interpretatiounen zu verschiddenen Definitioune bestanen hunn tëscht deene verschiddene Ministèren, Ëmwelt an Intérieur, an och mat der Gemeng an deene Leit, déi sech ëm den Dossier bekëmmert hunn. Beispillsweis iwwer Zone rurale, Zone jardin, Zone verte an esou virun, wat do priméiert. Déi schéngen elo gekläert. Wat eis weiderbréngt an Zukunft, fir dann och an deem Beräich Konflikter vermeiden ze kënnen.

Wéi gesot, mir kënnen nach eng Kéier mat alle Punkte reklaméieren. D'Leit kréien nach eng Kéier Zäit. Och esouguer déi zwanzeg Punkten, déi elo géännert gi sinn, déi kënnen och nach eng Kéier kontestéiert ginn, vu Bierger, déi dat dann net gutt fannen.

Ech si frou, dass eng nei Biergerversammlung stattfënnt an deenen nächsten zwou, dräi Wochen. Wou duerno nach Zäit genuch ass, fir eng Reklamatioun eventuell eranzeginn.

Mäin Opruff oder eisen Opruff als Gréng un d'Bevëlkerung: Gitt Är Reklamatiounen eran. Dir gitt beroden, ganz gutt beroden hei op der Gemeng vun eise Fachleit. An dat hat ech schonn d'leschte Kéier gesot. Et si vill Leit, déi zécken ze reklaméieren, well se mengen, si géifen domadder unecken. D'Devise vun deem Schäfferot war an ass nach ëmmer, dass d'Leit wierklech sollen un deem Dokument matschaffen, och wann et si net direkt cernéiert. Mä awer Saachen eraginn, déi vläch ze verbessere sinn an deem PAG. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, nodeems den neie PAG den

19. Juni 2019 a Form vun enger Saisine gestëmmt gouf, gëtt dës haut annulléiert a mir huelen d'Prozedur erëm vu vir op. D'Grënn heifir si sécherlech déi hefteg Diskussiounen, déi deen neie PAG respektiv de PAP Quartiers existants ausgeléist hat an de Risiko vun engem Gerichtsverfahre géint d'Gemeng Déifferdeng.

Well mer de PAG a senger Gesamtheit schonn den 19. Juni hei am Gemeinrot diskutéiert haten, wëll ech am Numm vun der LSAP nëmmen op déi markant Ännerungen oder eventuell Netännerungen agoen.

Ech fänken u mat deenen zwou Reklamatiounen betreffend d'Bauprojeten, déi schonn an definitiver Form zur Ënnerschrëft fir d'Baugeneemegung virum Vott vum 19. Juni virloochen. Wou am Nachhinein festgestallt gouf, dass d'Baugeneemegung op der Gemeng zrëckbehale ginn ass.

Dës zwou Fäll an all aner Reklamatioun an dëser Richtung – ech muss soen, dass déi eenzel Reklamanten dem Gemeinrot bis dato net bekannt sinn – ginn duerch den Artikel 2.3 Dispositions transitoires an der Partie écrite réglementaire November 2019 vum PAP Quartiers existants traitéiert. Wou et dann heescht, dass déi Projeten, déi virum 18. Juni 2019 eragereecht gi sinn, „restent régie pendant toute la phase de délaboration du Projet d'aménagement général en procédure.“

Soudass op d'mannst déi zwou, well déi bekannt no bausse gi sinn, an deem Kader traitéiert ginn. Mir kenne schonn dës Prozedur. Mer kënne se och nëmme begreifen. Mir hate se schonn ugewannt am Kader vun der Servitude fir d'Maisons unifamiliales.

Wat déi aner Modifikatiounen vum PAG ubelaangen, sou sinn et Reaktiounen op Avis-juridiquë vum Affekot vun der Gemeng, Verbesserungen vu klengen sougenannten Erreurs matériels, déi an der éischter Versioun de Büroen ënnerlaf sinn oder entstane sinn duerch en zweete Contrôle oder duerch den Avis vum Jurist. An och eng Partie Reaktiounen op Reklamatiounen, déi direkt mat an déi nei Versioun erageholl gi sinn.

Den Här Liesch huet eis se am Detail opgezielt. Ech wäert op déi eng oder déi

aner agoen, déi eis sënnavoll schéngt. Dat ass déi vun der Servitude urbanisation parking écologique, déi mer ganz interessant fannen, um Site ArcelorMittal Woiwer. Déi eis op deem Wee eng Méiglechkeet gëtt, fir e Park-and-Ride-System – Dir hat et gesot, Här Liesch – ze amenagéieren. Direkt un der Peripherie vun eiser Gemeng. Dat schéngt eis wierklech eng ganz gutt Saach. Et ass an engem Bierg. A Form vu Cascaden oder terrasseförmeg kéint awer do e Parking amenagéiert ginn.

An dann – dat ass och gutt, dat war scho vun Anrainer komm –, sollt déi Servitude urbanisation maisons jumelées an der Rue de l'Eau, e besseren Aspect ginn, och méi Wunnqualitéit fir d'Haiser an eng besser Situatioun fir all déi Leit, déi an deem Quartier wunnen.

Ouni an all eenzelen Detail anzegoen, fanne mir dës Ännerungen sënnavoll a kënne se matdroen. Mir wonnen eis awer, dass de Schäfferot net op d'Problematik vun deenen Terrainen agaan ass, déi an enger Gaarden- oder Gréngzon leien an duerch de PAG an de Bauperimeter erageholl ginn. Hei hätt missen op isoléiert Fäll op d'mannst eng Stellungnam kommen. Firwat dat net geschitt ass – ech mengen, Dir wësst vu wat ech schwätzen.

Mir hate gemengt, dass een hätt kënnen, Fall fir Fall, nach eng Kéier analyséieren a kucken, wéi ee Fall zu Fall traitéiert. Do sinn der, déi si komplett isoléiert. Anerer grenze méi no oder sinn direkt un e Wunnquartier ugrënzend. Doropshin hätt ee kënnen déi eng oder déi aner Decisioun huelen. Ech huelen un, Dir loosst dat einfach virulafen a kuckt, wat dann hannendru geschitt.

Op déi aner Manéier gesot, wann ech elo ëmgekéiert kucken, verschidde Reklamatiounen, déi elo schonn do leien, awer net integréiert goufen, sinn änlech gelagert. Ech weisen op d'Uwiese Baache Jang um Bierg. Ech hoffen, dass mer d'Geleeënheet kréien, beim zweete Vott nach eng Kéier dorop zrëckzekommen.

Ech wëll drop agoen, dass zum Beispill bei enger Reklamatioun vun engem Ëmweltmouvement, wann ech richteg informéiert sinn, de Rescht Terrain, deen am Lotissement Ouschterbur

Les débats ayant eu lieu le 19 juin, il ne reviendra que sur les modifications.

Il commence par deux projets de construction approuvés définitivement avant le vote du 19 juin, mais dont le permis de construire a été retenu à la commune. Ce type de réclamations sera traité conformément aux dispositions transitoires du PAP QE. Erny Muller en profite pour signaler que le conseil communal ne dispose toujours pas d'une liste des différents réclaments. Il se réjouit toutefois du fait que les deux réclamations connues aient été traitées dans le cadre de la procédure mentionnée.

Les autres modifications du PAG ont été réalisées sur la base des avis juridiques des avocats de la commune. Il s'agit par exemple de la correction de petites erreurs matérielles.

Erny Muller revient sur la servitude pour le parking écologique sur le site d'ArcelorMittal au Woiwer. Cette servitude permettra de construire un « park & ride » à la périphérie de la commune. Le parking pourrait être aménagé sous forme de terrasses.

La servitude « maisons jumelées » dans la rue de l'Eau améliorera la qualité de vie des habitants du quartier.

Sans entrer dans les détails, les socialistes approuvent ces modifications. Ils s'étonnent cependant que le collège échevinal ne soit pas revenu sur la question des zones vertes et des zones de jardin intégrées dans le périmètre de construction. Le collège échevinal aurait dû prendre position. Il sait pertinemment ce à quoi Erny Muller fait allusion. Chaque cas aurait pu être évalué une deuxième fois, car certains terrains sont complètement isolés alors que d'autres sont proches de lotissements. Le collège échevinal semble avoir adopté une position d'attente.

Erny Muller ne comprend pas pourquoi certaines réclamations n'ont pas été retenues. Par exemple le Bache Jang sur la colline. Un terrain jouxtant le lotissement Ouschterbuer a été classé zone jardin sur demande d'un mouvement écologique. Ce n'est pas une mauvaise décision en soi. Mais pourquoi la

réclamation concernant Bache Jang n'a-t-elle pas été retenue de la même façon?

Le PAP QE a été adapté. Quand on voit toutes les parties en rouge, on pourrait penser que la première version a été rédigée à la va-vite. Mais les modifications sont essentiellement dues à l'analyse juridique.

Le gabarit de nombreux bâtiments a été réduit.

Erny Muller salue la modification de l'article 38 concernant la rénovation d'une bâtisse après un sinistre.

Erny Muller remercie les services communaux pour leur réaction rapide. Les modifications concernaient surtout le règlement des bâtisses, intégré dans le PAP QE. Erny Muller mentionne plus particulièrement monsieur Giorgio Ricciardelli et madame Véronique Grün.

Le LSAP approuve la saisine de la nouvelle version du PAG et du PAP QE. Les socialistes réagiront cependant aux futures réclamations.

FRANÇOIS MEISCH (DP) signale à son tour que la saisine du PAG a été annulée et qu'une version adaptée sera approuvée aujourd'hui pour éviter de perdre des mois ou des années à cause de petits jeux juridiques.

Une quinzaine de réclamations ont déjà été intégrées dans la nouvelle version. C'est une bonne chose.

Les recommandations des juristes ont été retenues.

François Meisch salue également le fait que les demandes de permis de construire retardées volontairement par la commune avant le premier vote seront finalement octroyées. Cela permet de limiter les dommages économiques pour les victimes.

François Meisch ne veut pas répéter son discours du 19 juin, que l'on peut écouter sur internet. Il regrette cependant que certaines situations ne soient pas régularisées, alors que d'autres le sont. Monsieur Muller a mentionné le Bache Jang. Le pont noir est dans la même situation. Certes, le ministère n'approuve pas que des éléments isolés soient intégrés dans le périmètre. Mais le col-

ugrenzt, am Géigesaz direkt vum Schäferot als Zone jardin klasséiert gouf. Wëll elo net soen, dass dat falsch ass. Mä do ass direkt drop reagéiert ginn. Et war eng Reklamatioun. Baache Jang ass och eng Reklamatioun, dat hu mer ignoréiert heibannen.

Beim PAP QE, wou dat ganz Bautereglement dra figuréiert, sinn nom Avis juridique eng ganz Partie Textupassungen an Ergänzungen agefloss. Wann een dat Ganzt kuckt – et ass alles rout an eisem Text –, da kéint een der Meinung sinn, dass op d'mannst, wat d'Partie écrite ubelaangt, dat Ganzt an der Versioun vum 19. Juni e bëssen iwwert de Knéi gebrach gouf. Mä et muss een awer soen, et ass eng ganz kloer Analyse juridique gemaach ginn. Ech mengen, et ass éischter déi, déi déi Textännerungen erginn huet.

Ech hat schonn déi leschte Kéier gesot, dass eng ganz Partie Gabarite vu Gebaier am neie PAG zrëckgestuift goufen. Ech begrëssen, dass déi Ännerung am Artikel 38 an der Partie écrite komm ass betreffend d'Renovation d'une construction existante – Dir hat et scho gesot, Här Liesch – dans le cas d'une destruction due à un sinistre.

Dat ware mer deene Leit schëlleg. Well et sinn der wierklech eng Partie, déi concernéiert sinn. An déi sech d'Fro stellt hunn, wat geschitt, wann ech muss, aus Grënn woufir ech net kann, eng Kéier dat Haus renovéieren oder komplett nei opbauen. Bei der Renovatioun war et souwisou scho virgesinn. Mä hei geet et ëm e Sinistre wou d'Haus misst nei opgebaut ginn.

Dat hu mer also erfaasst. Méi hätt ech net ze soen. Als Konkusioun soen ech deene Spezialiste vun eise Servicer Merci, déi hei erëm hu misse schnell reagéieren. Dës Kéier war méi am Kader PAP oder Bautereglement, wat jo am PAP Quartiers existants integréiert ass. Dat war den Här Giorgio Ricciardelli. An d'Madamm Véronique Grün, wat de gesamte PAG ubelaangt. Well elo schnell reagéiert ginn ass. An deenen Ännerungen an deem neie PAG a PAP Quartiers existants, dee mer haut virleien hunn.

D'LSAP stëmmt fir d'Saisine vun deser neier Versioun vum PAG a PAP Quartiers existants vun der Gemeng Déiffer-

deng. Mir halen eis awer all Optioun op, fir am Kader vun där zweeter Sitzung op d'Reklamatiounen ze reagéieren, déi eis dee Moment virleien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, d'Saisine vum PAG gëtt elo annulléiert an iwwer eng adaptéiert Versioun solle mer haut ofstëmmen. Dat fir ze vermeiden – mir hunn et héieren – dass mer duerch juristesche Spillereie Méint oder souguer Jore gegebenenfalls géife verléieren.

Positiv ze gesinn ass, dass an där neier Versioun eng 15 Reklamatiounen vun de Bierger schonn agefloss sinn. Positiv ze gesinn ass, dass Recommandatiounen vun de Juriste berécksiichtegt goufen. Positiv ze gesinn ass och, dass déi komplett Dossiere fir eng Baugeneemegung, déi volontairement virum éischte Vott zrëckbehale goufen, fir zwee Deeg duerno dann e Refus ze kréien, dann awer elo kënnen ëmgese ginn an doduerch de wirtschaftleche Schued fir d'Affer kann a Grenze gehale ginn.

Ech wëll elo net nach eng Kéier meng ganz Ried vum PAG widderhuelen, vum 19. Juni. Do sinn ech ganz beim Här Liesch, déi ka jo nogelauschtert ginn um Internet bei der sougenannter Sitzung vum Juni.

Just awer eng zousätzlech Remark. Negativ ze gesinn ass nach ëmmer, dass verschidde besteeënd Situatiounen – et ass och scho gesot ginn hei –, net reguléiert ginn am Verglach zu aneren. Dat ass fir eis net ze verstoen. Mir denken do u besteeënd Situatiounen wéi zum Beispill – den Här Muller huet et gesot –, de Baache Jang oder en Element bei der Schwaarzer Bréck, dat isoléiert Haus an der Bielesser Strooss an esou weider.

Och wann de Ministère an Aussicht stellt, dass en net géif begrëssen, dass esou isoléiert Elementer an de Perime-

ter geholl ginn, sou sollte mir eis fir d'éischt emol fir eis Déifferdenger Bierger asetzen.

Schlussendlech profitéieren ech vun der Geleeënheet, fir all de Leit an de Servicer Merci ze soen, déi um dach komplexen an zäitopwännegen Dossier matgeschafft hunn. An dat iwwer Joren.

Ech hoffen, dass dann elo beim Vott wierklech just déi Leit matstëmmen, déi wierklech keen Interêt personnel oder direct hunn. Soss kënn awer erëm iergendeen Affekot op d'Iddi fir ze probéieren, Suen ze verdéngen.

Eng Partie Elementer begrësse mer. Awer bei engem groussen Deel hätte mir dësen Exercice anescht gemaach. An aus de Grënn, déi ech den 19. Juni hei am Detail opgelëscht hat, kënne mir deem doten Dossier net matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Lénk aus wëll ech Stellung huelen zu der Annulatioun vun der aler Saisine vum 19. Juni an dëser neier Saisine mat deenen Ännerungen, déi elo scho presentéiert gi sinn.

Duerch den ongeplangte Verlaf vum Dossier PAG hu mir elo eng Situatioun, déi eis als Gemengerot erlaabt, méi informéiert dës Saisine ze diskutéieren an ofzestëmmen. De PAG ass zënter Juni publik. Déi Säiten a Säite vun Dokumenter, Etüden a Pläng konnte mir extensiv studéieren an och mat Bierger am Dialog doriwwer sinn.

Dës Zäit hätt een, a kann een nach extensiv notzen, andeems een net nëmmen déi obligatoresch Reunioun mécht, mä och vläicht deem een oder anere Workshop, falls et, in der Tat, erwënscht ass, datt een nach Afloss op Dealer vum PAG huele soll.

Dobäi ass et menger Meenung no wichteg, datt d'Informatiounsreunioun an

esou Workshope méi genotzt ginn, fir d'allgemeng Entwécklung vun der Gemeng ze thematiséieren. An net nëmmen op eenzel Parzellen ze kucken, wou een oft als eenzele concernéiert ass. Och dat ass wichteg, mä soll net dat eenzegt sinn, wann et ëm de PAG geet.

Fir dat ze erreechen, muss ee probéieren, d'Leieren aus dem éischten Ulaf ze huelen an ze kucken, datt een d'Informatiounsreunioun anescht uleet. Dës war immens technesch an och wéineg verständlech fir een, deem net initiéiert war. A mat wéineg Bléck op dat grousst Ganz, wou et jo awer och beim PAG geet.

Ech wollt do froen, ob et méiglech ass, dass déi interesséiert Membere vum Gemengerot sech mam Schäfferot a mam Bureau d'études kéinten zesummesetzen, fir ze kucken, wéi een dat dës Kéier anescht ka maachen, anescht ka presentéieren.

Och wollt ech virschloen, datt mir méi offensiv an oppen déi Pläng public a consultabel maachen, während deenen 30 Deeg, déi elo kommen. An der Stad Lëtzebuerg zum Beispill waren déi Pläng am Gemengesall ëffentlech. Ouni Rendez-vous konnt een déi consultéieren. Bon, d'Stad ass méi grouss, do ass méi Personal, déi konnten zu deenen Zäiten do sinn.

Hei géif ech virschloen, dass mer am Ale Stadhaus, do wou jo och alt Expoe sinn, déi Pläng aushänken. Mä dass een awer e Rendez-vous freet, wann ee vun engem vum Personal wëll Erklärungen kréien. Well eis Leit hu genuch Aarbecht. Fir net déi ganzen Zäit do ze stoen, wann dann eemol am Dag vläicht ee kënnt. Et soll een dat an deem Sënn e bësse méi no bausse bréngen. An d'Aalt Stadhaus ass jo eng Plaz, wou d'Leit am Alldag, all Woch – also verschiddeger ginn all Woch eng Kéier op d'mannst do laanscht, da kéinte se dorobber stoussen.

Dann ass scho gesot ginn, dass et verschidden Ännerungen gi sinn. Déi si presentéiert a scho kommentéiert ginn. A verschidden Ännerungen och net gi sinn. Bei deenen, wou et der elo gi sinn, wollt ech mech drop konzentréieren, well mer haut vun der Bockschoul geschwat hunn: An der Rue de l'Eau, han-

lège échevinal devrait penser tout d'abord aux Differdangeois.

François Meisch remercie les services communaux ayant contribué à la réalisation de ce dossier complexe. Il espère que seuls les conseillers communaux n'ayant pas un intérêt personnel prendront part au vote.

Les démocrates soutiennent toute une série d'éléments, mais pas d'autres. C'est pourquoi ils n'aprouveront pas le dossier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) prend à son tour position quant à cette nouvelle saisine.

Les événements inattendus permettent au conseil communal de prendre une décision plus avisée. Le PAG étant public depuis juin, les conseillers communaux et les citoyens ont pu l'étudier en détail. En plus de la réunion obligatoire, le collège échevinal pourrait aussi organiser des ateliers. La réunion d'information et les éventuels ateliers devront servir à thématiser le développement général de la commune et non se concentrer sur des parcelles spécifiques.

Le collège échevinal doit tirer les conséquences de la première réunion et s'y prendre différemment. Celle-ci était technique et difficile à comprendre. Gary Diderich propose une rencontre entre le collège échevinal, le conseil communal et le bureau d'études pour en discuter. Il suggère également de rendre les plans plus facilement consultables. À Luxembourg-ville, par exemple, ils étaient exposés dans la salle des séances et accessibles sans rendez-vous. Pour Differdange, Gary Diderich propose de les exposer à l'Aalt Stadhaus. Les gens pourraient les consulter sur rendez-vous. L'Aalt Stadhaus est un endroit fréquenté. Il est donc possible que les gens tombent sur ces plans plus facilement.

Les modifications ont été présentées et commentées. D'autres modifications n'ont en revanche pas été prises en considération.

Gary Diderich revient plus précisément sur la rue de l'Eau, derrière l'école du Bock. Il était prévu d'y construire des maisons en bande. Désormais, les maisons seront plus espacées, mais Gary Diderich se de-

mande si ce sera suffisant sur le terrain jouxtant l'école. Celle-ci est bien intégrée dans son environnement et sa rénovation revalorisera le site. Les fenêtres de presque toutes les classes donneront sur le Galgebierg de Belvaux. Il serait dommage de bétonner le site plus que nécessaire.

Il n'a pas encore été question des maisons, fermes et restaurants en périphérie, qui ne seront pas intégrés dans le périmètre de construction. Gary Diderich regrette cette décision. Apparemment, il s'agit d'une requête du ministère de l'Environnement. Mais la commune devrait prendre des décisions pertinentes pour elle. Aux ministères ensuite de donner leurs avis.

Pour Gary Diderich, certaines entreprises sont importantes pour la commune et son tourisme. Or un PAG va au-delà de la simple construction de bâtisses. Il forme la base du futur développement de la commune. Mais au moins, les personnes concernées sont au courant désormais. Autrement, elles auraient probablement été alertées bien plus tard dans la procédure. Gary Diderich trouve que la commune doit prendre une position claire lors du deuxième vote et prendre les réclamations en considération.

Sur soixante réclamations, vingt ont été acceptées, mais Gary Diderich ne dispose pas des détails. Les conseillers communaux ne pourraient-ils pas recevoir ces réclamations? Cela leur permettrait de connaître les doléances des habitants.

Parmi les réclamations dont Gary Diderich est au courant figure celle de la route de Pétange, que monsieur Muller a abordée brièvement. Gary Diderich se demande depuis juillet si les décisions ont été prises sans conflits d'intérêts. Il rappelle qu'un élu a pris des décisions concernant la viabilisation d'une parcelle. En d'autres termes, la commune a financé un accès, où l'on aurait pu construire au moins six logements. L'élu en question a souvent demandé à Gary Diderich où il voulait construire des logements. Ce site constituait une possibilité. En effet, l'étude environnementale stratégique a analysé ce

nert der Bockschoul, war jo virgesinn, en bande ze bauen. Dat heescht, am Fong dat komplett zouzebauen. Quitte, dass do keng riseg Residencen hikomm wären, mä trotzdem.

Elo gëtt virgeschloen, dass mer do e bësse Sputt tëscht de Konstruktioun loosse. Woubäi ech mech froen, ob dat duergeet. Virun allem op deem Terrain, deem direkt ugrenzt un d'Bockschoul. D'ganz Bockschoul ass am Fong ausgeriicht zu där Landschaft hin. Déi gëtt jo elo weider valoriséiert, doduercher, dass mer dat Gebai elo esou renovéieren, dass quasi all eenzele Klasseraum mat grousser Fënstere Richtung Gaalgebierg a Rattem ausgeriicht ass, also Bieleser Gaalgebierg.

Ech géif et wierklech schued fannen, wa mer dat méi zoubauen, wéi dat misst sinn. Ech géif d'HAB-1-Zon méi kuerz maachen. Do eng Lück maachen. Wou et wierklech ganz op bleift.

Wat net geännert ginn ass, an dat ass schonn ugeschwat ginn, sinn déi Haiser, Bauerenhäff a Gastronomiebetriber, déi méi ausserhalb vun eisen Uertschafte leien. An déi duerch dës PAG net an de Bauperimeter respektiv an de Perimeter, fir déi d'Gemeng zoustänneg ass, erageholl ginn. Dat bedauere mir.

Mir hunn d'Erklärung schonn zu verschiddenen Uläss kritt vum Schäfferot. Dass anscheinend en Ëmweltministère do matgeschwat huet a gesot huet, si wëlte kee Fléckteppich an der Zone verte.

Mä mir fannen awer, dass mir als Gemeng sollen, no eiser Volontéit, déi existent Situatiounen esou reglementéieren, wéi se bestinn. A wéi se eiser Meenung no Sënn maachen. An dann ass et un de Ministère, nach ëmmer an hiren Avisen dozou Stellung ze huelen. Mä mir solle selwer awer probéieren, also dat einfach ze argumentéieren, firwat mer mengen, dass déi Saache sollen erageholl ginn.

Do gëtt et verschidde Betriber, déi einfach wichteg si fir eis Gemeng, och fir den Tourismus. E PAG geet iwwert dat Baulecht am Fong eraus. Och wann herno ganz vill Pläng a Partie-écrien an esou weider sinn. Mä de PAG ass den Ulass, fir d'ganz Entwécklung vun der

Gemeng ze kucken. An do gehéiert dat, menger Meenung no, eben och dobäi.

Et muss ee soen, de Virdeel, dass mer et esou gemaach hunn, ass, dass déi Leit Bescheid wëssen, dass et vläicht net esou geet, wéi si wëllen.

Wa mir se direkt erageholl hätten, da wäre se souzesoen nach net alertéiert, dass et vläicht net esou geet. An da wär et relativ spët an der Prozedur komm, wou dann erëm geännert gi wär. Soe mer mol, dat wär de Virdeel dovunner. Mä ech denken, mir solle spëtstens beim zweete Vott als Gemeng awer eis Positioun do huelen. A spëtstens dann déi Reklamatiounen consideréieren.

Et sinn eng Rei Reklamatiounen net consideréiert ginn. Vun deene 60 sinn der 20 consideréiert ginn. Reklamatiounen, déi net consideréiert gi sinn – ech weess elo net, wéi eng et do all gi sinn. Wat am Fong och eng Fro wär, ob mir als Gemengerotsmemberen déi Reklamatiounen kéinten zougestallt kréien. Dass mir eis méi domadder kënnen auserneesetzen, wou eise Bierger Saachen opgefall sinn, déi se anescht gesinn.

Déi Reklamatiounen, vun deenen ech weess, a wou ech och schonn ouni déi Reklamatiounen op Saachen higewisen hunn, ass d'Route de Pétange. Den Här Muller huet dat e bëssen duerch d'Blumm ugeschwat. Wou ech mech jo dofir interesséiert hunn am Juli, ob do fräi vun allen Interessenskonflikter Decisiounen geholl gi sinn. Dat stellen ech staark a Fro, dass dat esou geschitt ass.

Vu dass an deem Beräich, an där Zon e Mandatsträger eegenhänneg Decisiounen geholl huet, wat d'Erschlëssen duerch e Wee vun där Parzell ugeet, deem dann hei och an de PAG erageholl gëtt a wou mer elo mat dëser neier Saisine näischt drun änneren.

Op Gemeengekäschten ass also hei eng Strooss erschloss ginn, wou op d'mannst eng hallef Dose Bauplaze wäeren, fir Wunnraum ze schafen. Vun där nämmlecher Persoun sinn ech ëmmer gefrot ginn, wou ech da wëlt, dass Wunnraum geschaf gëtt. Hei wär elo d'Äntwert. Hei wär eng Plaz.

An et gëtt jo objektiv Dokumenter, déi dësem PAG zu Gronn leien, déi eis misste renseignéieren, wou ka gebaut

ginn a wou net. Ech denken do virun allem un d'SUP, d'Strategische Umweltprüfung, déi dëst mol net nàher analyséiert huet, well et keng Unzeeche gëtt, dass do iergendwéi bedeitend Biotopen oder Aarten, déi ze schützen sinn, e Juegdrevéier fir d'Fliedermais oder esou vorhanden wär. Net wäit dovunner, an der Rue Prënzeberg, ass awer esou een Areal. An dat gëtt komplett erageholl. Do gëtt d'Baulück zouge-
maach.

Hei kreéiere mer awer elo, duerch dëse PAG, eng Baulück. A vis-à-vis, op där anerer Säit vun där Strooss, wou all d'Reseae geluecht gi sinn, loosse mir déi ganz Plaz onbebauet. Obwuel do Familljen zënter Joerzénge froe fir do ze bauen. Mir regulariséieren en isoléiert Haus, wat ni als Wunnraum als solches autoriséiert ginn ass, mä einfach e Fait accompli ginn ass mat der Zäit.

Net nëmmen dat, ech schwätzen net nëmme vun der Wunnzon, mä mir deenen och d'Biotopzon an d'Bëschzon ronderëm déi Insel vun deem Haus aus. Obwuel do an deene leschten zwéi Joeren alles, wat u Biotop do gewiescht wär, groussflächeg a massiv op d'Kopp gehäit ginn ass.

An dat betrëfft jo net nëmmen d'Persoun. Dat ass jo net nëmmen en Areal, wat zum Haus selwer gehéiert. Do si Leit, déi Gärt hunn an déi an deem Gaart blockéiert ginn, fir banal Saachen ze maachen. A wann et nëmmen eng Schwämm ass oder wat weess ech.

Do hu mer keng Grondlag an deenen Dokumenter, déi mer gesinn hunn. Do fir bedauere mer, dass mer net hei profitéiert hunn, deene Reklamatioun Rechnung ze droen.

Wat awer wichteg ass, dat ass, dass et jo elo an alle Fäll Reklamatioun gi sinn, opgrond vun deem, wat mir elo als PAG stëmmen. Dat heescht, d'Leit reklaméieren opgrond vun deene Pläng, wou elo do sinn. Et wäert awer warscheinlech kee sech mellen a soen: „Ech fannen et gutt, dass et esou gemaach ass an net anescht gemaach ass“.

Well, zum Beispill op där doter Plaz si jo och vläicht Leit, déi frou sinn, wann net hannert hirem Gaart gebaut ka ginn. Do misst een elo kucken, dass d'Leit sech vläicht d'Pläng ukucken a

quasi soen: „Ech fannen et awer och gutt, dass et esou gemaach ass“. Fir dass een am Fong och weess, wie gesäit et wéi op der jeeweileger Plaz, wou vläicht kritesch ass. Et ass schued, dass mer déi Reklamatiounen, déi schonn do sinn, net weider thematiséieren. Well déi komme jo nach eng Kéier. A wa mir herno als Gemengerot decidéieren, Reklamatioun Rechnung ze droen, dann entsti vläicht erëm aner Reklamatiounen, wou aner Leit net averstane sinn, dass mer deene Rechnung droen.

Do misst mer eis iwwerleeën, wéi een domadder emgeet. Ob een dat op deene Workshopen oder op deenen Informationsreuniounen zum Beispill ervirhieft, dass an deenen Ecker oder an deene Géigende vläicht méi Bedarf wär, fir den Avis vun de Bierger ze wëssen. Fir dass mir herno als Gemengerot net nëmmen op Avis vun deenen, déi reklaméiert hunn, mä och vun deenen, wou zefridde sinn, mat deem, wat virgeschloen ass, kënnen eis Decisiounen huelen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieeder vun der Déifferdenger CSV, wëll ech virop op d'Ännerungen agoen. Et handelt sech heibäi zum engen ëm Korrekturen. Ënner anerem ass d'Partie écrite textuell juristesches ugepasst ginn. Zum aneren dréit een den éischte Reklamatiounen, déi de Schäfferot an enger éischter Phas als direkt fondéiert ugesinn huet, Rechnung. Dat begreisse mir.

Mir hunn eis déi insgesamt zwanzeg Stéck ugekuckt. Den Här Liesch ass virdru schonns am Detail drop agaangen. Dës Adaptatiounen ënnerstëtze mer.

Ech picken der zwou eraus. Dat ass d'Aféiere vun der Urbanisation maisons jumelées zu Uewerkuer beim Rattem. Dat ass eng gutt Neierung, well

site et a confirmé qu'il n'y a pas d'espèces à protéger.

D'un côté, le PAG crée donc des terrains constructibles et de l'autre des terrains non constructibles alors que ceux-ci sont parfaitement raccordés et que des familles demandent des permis de construire depuis des décennies.

Dans le cas en question, la commune régularise la situation d'une maison isolée dont la construction n'a jamais été autorisée. En plus, la zone verte autour de cette maison est étendue alors que l'on n'a jamais fait attention au biotope à cet endroit. Cette décision ne concerne pas seulement une personne, mais tous ceux qui ont par exemple un jardin sur ce site et qui ne peuvent plus y aménager ce qu'ils veulent. Gary Diderich regrette que ces réclamations n'aient pas abouti.

Les gens réclament sur la base du PAG voté par le conseil communal. Il serait intéressant que les gens satisfaits de la situation actuelle puissent également intervenir. Parce qu'il se pourrait que certains riverains soient contents que l'on ne puisse plus construire derrière leurs jardins. Ils devraient pouvoir s'exprimer aussi.

Gary Diderich regrette que les réclamations introduites ne soient pas thématiques. Car il se pourrait que de nouvelles réclamations naissent à partir des réclamations prises en compte. Le conseiller communal se demande si l'on ne pourrait pas organiser des ateliers ou des réunions d'information dans les quartiers où les besoins existent. De cette façon, le conseil communal pourrait prendre ses décisions sur la base des propositions et pas seulement des réclamations.

JERRY HARTUNG (CSV) souhaite revenir sur les modifications, et plus précisément des corrections.

Il constate que la partie écrite a été adaptée d'un point de vue juridique. Les réclamations que le collègue échevinal a retenues pertinentes ont elles aussi été intégrées dans le document. C'est une bonne chose.

En tout, il est question de vingt réclamations, sur lesquelles monsieur Liesch est revenu en détail.

Jerry Hartung mentionne l'urbanisation des maisons jumelées du Rattem. Il s'agit d'éviter de construire un mur de maisons en béton et de conserver un espace en direction du Rattem.

Les chrétiens sociaux soutiennent aussi l'acceptation de demandes de permis de construire complètes introduites avant le 19 juin. Car peu importe que les plans plaisent à la commune ou pas, il y a des règles pour tous.

La procédure sera lancée une nouvelle fois. Les gens pourront donc réclamer à nouveau. Tous ceux qui ont réclamé devront écrire une deuxième fois pour être sûrs que leurs demandes seront traitées.

Jerry Hartung salue le fait que toutes les réclamations seront parcourues par le conseil communal.

Les chrétiens sociaux profitent de l'occasion pour lancer un appel aux gens: introduire leurs suggestions, réclamations, conseils, etc.

Sans entrer dans les détails, Jerry Hartung revient sur la question de l'intégration de certaines surfaces dans le périmètre de construction et souhaite clarifier la position du CSV. Les chrétiens sociaux sont contraires à une extension du périmètre de construction. Cette mesure est importante pour la préservation de la qualité de vie des citoyens, car la population ne cesse de croître. Se pose alors la question des bâtisses déjà existantes, mais se trouvant en dehors du périmètre de construction. Soit la commune les intègre toutes, soit elle n'en intègre aucune. La commune a décidé de les intégrer afin de simplifier la procédure de rénovation. Ces maisons ayant été bâties il y a longtemps, elles sont autorisées à y rester.

Jerry Hartung fait allusion à des terrains bâtis et à quelques maisons à la limite du périmètre de construction. Car plusieurs terrains, quelques restaurants ou le Fond-de-Gras sont exclus, car trop éloignés du périmètre.

Le 19 juin, ces critères ont été appliqués sans prendre en considération le nom des propriétaires. Désormais, certains noms sont connus, mais les chrétiens sociaux ne pensent pas qu'il faille changer d'avis pour autant. C'est pourquoi,

een hei präventiv vermeit, dass eng Bëtongsmauer vun Haiser kéint entstoen. Mä, dass elo en Espace tëschent den Haiser zum Rattem hin bestoe bleift.

Wat mir als richtig gesinn ass, dat wat vu ganz kompletten Dossieren, vun ugefroten a konforme Baugeneemegungen, am Delai, also virum 19. Juni, agreecht gouf – ob déi Pläng eis elo gefallen oder net –, respektéiert a guttgeheescht gëtt. Schliisslech mussen mir als Gemeng eis och un d'Reegelen halen.

D'Prozedur leeft elo nei un. Dat heescht, d'Leit kréien nach eemol d'Méiglechkeet ze reklaméieren, wa se fannen, dass eppes anescht misst gereegelt sinn.

Wichtig ass, dass gouf scho gesot, dass all déi, déi bis dato reklaméiert hunn, vun der Gemeng ugeschriwwen ginn, fir dass se d'Informatioun hunn, dass se hire Brëif nach eemol sollen erareeche. Fir dass hir Remarken am Detail kënnen traitéiert ginn.

Haut gouf et nach net erwänt, mä dat begrësse mer awer och, dass de Schäfferot eis an der Vergaangenheet d'Ouverture gemaach huet, dass all dës Reklamatiounen gemeinsam am Gemengerot duerchgeholl ginn.

Och en Appell vun der CSV, dass d'Leit hir Suggestiounen, hir Reklamatiounen, hir Ueregungen op der Gemeng eraginn. Respektiv, wa se Froen hunn an eis Servicer solle goen, fir nozefroen.

Op de PAG selwer gi mer net méi an den Detail, soss missten den Här Tempels an ech ons Riede vum 19. Juni widderhuelen. Vu dass an der vergaangene Woche vill iwwert d'Eranhuelen, a virun allem d'Neteranhuele vu Flächen an der Bauperimeter diskutéiert gouf, wëlle mer kuerz eis Positioun kloer duerstellen.

An eisem Walprogramm, wéi am Koalitionsprogramm hu mer ons kloer géint eng Ausweidung vum Bauperimeter ausgeschwat. Souwéi fir d'Verhënnere vum Entstoe vu Citéen an der Gäert vun der besteeënden Haiser. Wat an deem Dossier och esou ëmgesat gouf.

Dës, well mer iwwerzeegt sinn – an ech denken, dass ass och vill esou gefrot, wann ee mat der Leit dobauss

schwätzt –, dass dës Mesuren immens wichteg si fir d'Liewensqualitéit vun eis Bierger. Eng Diskussioun, déi mer oft haten, well Déifferdeng an der leschte Joren immens gewuess ass.

Et stellt sech d'Fro: Wéi geet ee mat der bebaute Parzellen ëm, wou viru Joerzénge drop gebaut gouf, déi net am PAG louchen an ee kéint eranhuelen, well se sech no bei der Limitt vum Bauperimeter befannen an der Limitten eben net erweidert ginn? Well dës Haiser soss d'office am Bauperimeter gewiescht wieren. Entweder hëlt ee se als Gemeng all eran oder et hëlt ee keen eran.

Et gouf decidéiert, dës eranzehuelen, fir d'Prozedur fir Renovatiounen ze erliichteren. Eng Linn, déi schonns virun deem Schäfferot esou entaméiert gouf. Well dës Haiser, vu dass se jo mëttlerweil schon esou laang do stinn, berechtegt sinn elo do ze stoen.

Wuelgemierkt schwätze mer vu bebauten Terrainen, net vun den netbebauten Terrainen. A mer schwätze vun der puer Haiser, déi ganz no um Bauperimeter leien. Dat muss een ënnersträichen, wéi scho virdru vun der Oppositioun ugeschwat gouf, well eng jett Terrain mat Bauten net erageholl goufen. Zum Beispill e puer Gastronomien oder der Fond-de-Gras, well se ze wäit vun der Limitt vum Bauperimeter leien. Dat huet d'Oppositioun richtig ugedeit, dass mer dës Ännerungen vum Staat och géife verworf kréien.

Fir den 19. Juni hate mir d'Pläng, ënner anerem, ënnert dësen Aspekter gekuckt, analyséiert an d'Zonen als gutt a fërderlech fir d'zukünfteg Entwécklung vun Déifferdeng empfunnt. Ouni, dass mer woussten, wéi wat géif gehéieren. Elo, knapps e puer Wochen duerno, wou mer verschidde Proprietäre kennegeleiert hunn, fanne mir als CSV, dass mer ons Siicht net dierfen änneren, mä grad ons Positioun, déi mer ëmmer verdeedegt hunn, der Bauperimeter net immens ze erweideren, mussen bäibehalen.

Dofir stëmme mer dës PAG, deen am Fong dee vum 19. Juni ass an der nei Prozedur nees mat.

Ofschléissend wëlte mer e puer Wieder zu den Diskussiounen ronderëm – den Här Schwachtgen hat et schon

ugeschwat – d'Zone rurale, Zone de jardin an esou weider, déi den Ëmweltministerium lassgetrëppelt huet, lassginn.

Mir als CSV fannen et en Trauerspill, datt no sëllege Wochen nach ëmmer keng Kloecheet besteet an zwee Ministeren sech géigesäiteg widdersprechen. Den Här Schwachtgen sot vir drun, datt dës laang Diskussiounen elo ofgeschloss wieren. An eiser Fraktioun, déi mer virgëschter haten, hate mer awer leider nach keng Informatiounen. Do wiere mer frou, wa mer géifen Informatiounen kréien.

Et ass zimmlech wichteg, fir ze evitéieren, datt an de Gäert vun de Leit gebaut gëtt, vill esou Zonen auszuweisen. Do ass e groussen Ënnerscheed, ob d'Leit weider hir Aarbechten am Gaart normal weidermaachen oder ob et op eemol eng Zone verte wier. Mer wiere wierklech frou, wa mer do kéinten eng Äntwert kréien. Dir wësst vläicht scho méi wéi mir. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech kuerz faassen, vu dass ech an der Sitzung vum 19. Juni d'Positioun vun der Kommunistescher Partei duergeluecht hunn zu dësem PAG. A wou ech matgedeelt hunn, dass mer déi Entwécklung ganz positiv gesinn.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass dee Vott, deen den 19. Juni geholl ginn ass, en règle war. Dass do keng Verletzung vum Gesetz gemaach ginn ass, wéi all d'Gemengerotsmemberen ofgestëmmt hunn. Dass keen eng Extrawurscht gebrode kritt huet mat deem Vott, deen den 19. Juni geholl ginn ass.

Mer hu jo net iwwert de PAG ofgestëmmt. Mer hunn driwwer ofgestëmmt, mat deem Vott, dee mer geholl hunn, wat jo Saisine genannt gëtt, dass do de Flächebenotzungsplang, de Schäfferot vum Gemengerot verpflichtet gëtt, d'gesetzlech Prozedur fir d'Nei-

faassung vum PAG weiderzeféieren. Dat ass dat eenzeg, wat den 19. Juni passéiert ass. Egal, wat fir Falschmeldungen an der Press doriwwer stoungen oder wat hei vun eenzele Gemengerotsmembere behaupt ginn ass, dass dat net richtig wär, dass dat gesetzeswidderig wär, well domat een eng Extrawurscht géif gebrode kréien.

Dat bezitt sech alles op Artikel 10 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juni 2004 iwwert d'kommunal Entwécklung an d'Stadentwécklung. Doriwwer hu mir diskutéiert. An dofir wär déi Annulatioun an erëm en neie Vott eigentlech net noutwendeg. Well mer hate kee Feeler gemaach.

A well dat esou wichteg ass, a well et do eng Jurisprudenz gëtt vum Verfassungsgeriicht, wëll ech déi zwee Artikelen ganz kuerz virlesen, fir ganz kloer ze weisen, dass mer am Recht waren, wéi all d'Gemengerotsmemberen, inklusiv de Buergermeeschter an en anere Gemengerotsmember, mat doriwwer ofgestëmmt haten. Do hu mer also kee Feeler gemaach.

Dozou heescht et: „Le vote positif, auquel le conseil communal procède en vertu de l'article 10 alinéa 2 de la loi du 19 juillet 2004, ne constitue qu'une mise sur orbite du projet, respectivement un feu vert que le conseil communal donne au collège échevinal pour continuer la procédure et pour procéder aux consultations prévues aux articles 11 et 12 de la loi du 19 juillet 2004 après avoir constaté que le projet est suffisamment élaboré à cette fin.

Une telle mise sur orbite, respectivement un tel feu vert, qui n'apporte aucune adaptation ou approbation du projet d'aménagement général, mais qui traduit le seul constat du conseil communal que le projet est suffisamment élaboré pour que le collège échevinal puisse continuer la procédure, ne fait que préparer l'adoption ultérieure du dit projet d'aménagement général, sans être susceptible de produire par elle-même respectivement par lui-même des effets juridiques sur la situation personnelle ou patrimoniale des administrés de sorte à constituer non pas un acte administratif de nature à faire grief, mais un simple acte préparatoire ne pouvant, en tant que tel, faire l'objet d'un recours contentieux“.

aujourd'hui, ils approuveront le PAG une deuxième fois.

Jerry Hartung souhaite aussi revenir sur les zones rurales et les zones de jardin. Il trouve désolant que depuis plusieurs mois les différents ministères n'arrivent pas à se mettre d'accord sur une définition. Monsieur Schwachtgen a dit que les discussions étaient terminées. Mais le CSV n'a pas d'informations dans ce sens. Pour Jerry Hartung, mettre en place de telles zones permet d'éviter qu'on ne construise de façon exagérée dans les jardins. Pour les propriétaires, la différence entre un jardin et une zone verte est de taille.

ALI RUCKERT (KPL) a déjà pris position le 19 juin et se montrera donc bref. Les communistes voient le futur PAG de manière positive.

Il signale que le vote pris le 19 juin était régulier. La loi a été respectée. Personne n'a tiré des avantages du vote du 19 juin. Ali Ruckert rappelle que le conseil communal n'a pas approuvé le PAG. Il a simplement demandé au collège échevinal de lancer la procédure d'adoption du nouveau PAG. Ce qu'ont dit la presse et certains conseillers communaux — en l'occurrence que le vote était illégal parce qu'il octroyait des avantages à certains — est faux.

Sur la base de l'article 10 de la loi modifiée du 19 juin 2004, l'annulation du vote est inutile, car la commune n'a pas commis d'erreur. Il existe une jurisprudence à ce sujet. Ali Ruckert en profite pour citer deux articles démontrant que les conseillers communaux et le bourgmestre étaient dans leur droit. Le vote du 19 juin ne constitue qu'un feu vert donné par le conseil communal au collège échevinal pour continuer la procédure, le projet étant jugé assez élaboré. Un tel feu vert n'apporte aucune adaptation ou approbation du PAG et ne fait que préparer la future adoption du document. Il n'a par conséquent aucun effet sur la situation patrimoniale ou personnelle des citoyens. Ali Ruckert insiste sur le fait qu'en tant que simple acte préparatoire, il ne peut pas faire l'objet d'un recours contentieux.

Il répète que le conseil communal n'a pas commis d'erreur le 19 juin et que personne n'a tiré un quelconque avantage du vote. Il regrette que le conseil communal se laisse influencer par des spéculateurs. L'adoption du PAG est repoussée de plusieurs mois ou années sous la menace d'un procès. Le pays ne va pas dans la bonne direction s'il doit tenir compte de telles menaces.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) remercie les conseillers communaux pour leurs commentaires.

Il est d'avis qu'il faut discuter à nouveau du PAG avec les citoyens — éventuellement d'une façon moins technique — pour que les gens comprennent de quoi il en retourne. Cependant, il trouve que la dernière réunion s'est bien passée. Le PAG est un document technique. Mais les citoyens avaient la possibilité de rechercher leurs rues, leurs terrains et leurs maisons sur des panneaux. Georges Liesch a l'impression que les gens ont obtenu des réponses à toutes leurs questions. Mais il ne voit pas d'inconvénient à essayer d'améliorer la prochaine réunion.

Il revient sur les réclamations concernant l'existant historique dans les zones vertes. Le collègue échevinal est du même avis que le ministère de l'Environnement: le Fond-de-Gras ou le Bache Jang doivent rester dans la zone verte. Des modifications du bâti restent possibles à condition d'en faire la demande auprès du ministère et de respecter les règles. L'avantage d'un classement de la part de la commune pour les propriétaires serait celui d'une facilitation de la procédure.

Bref, Georges Liesch propose d'en discuter une nouvelle fois. Quel type de classement correspond au Bécklek ou au Bache Jang? Il s'agit d'éviter d'autoriser des transformations dont la commune ne veut pas. Doit-on classer la zone Hab 1? Ou bien en faire un commerce? Dans ce cas-là, que faire si le commerce en question ferme un jour? Georges Liesch propose d'en discuter avec les bureaux.

Do geet also ganz kloer ervir, dass de Gemengerot den 19. Juni richtig gehandelt huet, dass kee Feeler gemaach ginn ass, dass keen eng Extrawurscht gebrode kritt huet.

An ech fannen et, ganz éierlech gesot, bedauerlech, ganz bedauerlech, dass mir eise Vott oder eist Verhalen als Gemengerot mussen dovun ofhängeg maachen, dass iergendwellech Bauléiwen oder Spekulanten dermat droen, dass se der Gemeng géifen e Prozess maachen an domat dann de PAG ëm Méint, wann net ëm Joren, verschiben. Mir si wierklech wäit komm hei an deem Land, wann een op esou Saache muss Récksiicht huelen. Dat wollt ech hei awer nach prinzipiell dozou soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da géif ech d'Wuert zrëck un den Här Liesch ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech ginn net op alles an. Ech soe Merci fir déi Ureegungen, och wat d'Ëffentlecheetsversammlung ugeet. Ech fannen dat eng flott Iddi, dass nach eng Kéier doriwwer diskutéiert gëtt, wéi een dat effektiv vläicht manner technesch kéint maachen. Oder méi esou maachen, dass d'Leit et méi verstinn.

Ech hat fonnt, dass déi leschte Kéier schonn net esou schlecht war. Well mer, nieft där technescher Versammlung – well de PAG ass jo awer trotzdeem technesch –, déi Panneauen do haten, wou d'Leit konnte bei hir Uertschaft goen a kucken: Wou ass meng Strooss? Wou ass mäin Haus oder mäin Terrain?

An da war bei all Panneau ee Spezialist dobäi, deen op d'Froe konnt äntworten. Ech hat d'Gefill, dass déi Leit, déi komm waren, vill Äntworten op hir Froe kritt haten. Mir kënnen dat awer gär nach affinéieren a kucken, ob een dat nach besser vläicht kann hikréien. Ech fannen déi Ureegung op jidde Fall ganz gutt.

Ech spiere bei Iech alleguer – an ech verstoppen net, dass mer och op dee Wee ginn –, dass d'Problematik vun

deene Reklamatiounen, déi mer elo net consideréiert hunn, haaptsächlech de Bestand, deen historesche Bestand, dee mer awer an der Zone verte de Moment hunn, en Thema ass, wou mer eis nach eng Kéier sollten dermat befaassen.

Mir si ganz, wéi Der sot, op den Avis vum Ëmweltministère – an där Versammlung préparatoire, déi gemaach ginn ass, hu mer mat hinne gekuckt gehat. An do ass gesot ginn: Loosst déi Zonen dran, déi an der Zone verte sinn, wéi de Fond-de-Gras an anerer, Baache Jang ass hei genannt ginn, an et gëtt der nach e puer. Loosst déi dran. Mam Argument, dass déi nach ëmmer kënnen funktionéieren, och nach ëmmer kënnen Modifikatiounen gemaach ginn.

Deen eenzegen Nodeel, dee se hunn, dat ass, si mussen de Wee iwwert de Ministère maachen an no deenen hire Reegelen dat dann esou maachen. De Virdeel, dee se hätten, wa mir et géife klasséieren, da wär eng Hürd manner, respektiv d'Prozedur wär vläicht méi liicht fir d'Leit. Dat ass en Argument, wat ech esou deelen. Duerfir sollte mer eis awer nach eng Kéier dermat befaassen, mir mussen eis iwwerleeën, wéi mer déi klasséieren.

Wann een elo e Beispill hëlt, wéi de Bécklek, de Baache Jang, a wéi eng Zon klasséiert een dat? Net, dass een herno e Klasement mécht, wou een eppes erlaabt, wat een eigentlech guer net wollt hunn. Ech soen elo emol, wann een eng HAB-1 op eemol draus mécht. Oder wat mécht een draus? Mécht een e Commerce draus? An de Commerce geet awer iergendwann zou. Do musse mer eis gutt iwwerleeën, wéi mer dat maachen. Do musse mer eis nach eng Kéier, och mat de Büroer vläicht kuerzschléissen. Déi Iddi kann een nach eng Kéier mathuelen.

Wichtig ass, an dat hutt Der och gesot, dass déi Leit, déi reklaméiert hunn, dass déi wierklech nach eng Kéier hir Reklamatioun eraginn. Fir dass mer, op Basis vun dese Reklamatiounen, kënnen reagieren.

Déi aner Saachen, déi Ureegungen, huele mer alleguer mat. Ganz positiv Saachen. Den Här Hartung hat nach gefrot vun där Zon. Et ass esou, dass déi, wou mer nach keng kloer Äntwert hunn, dat

ass op deem aktuelle PAG, wou et déi „Kleingartenzone“ gëtt. An et ass do, wou déi Divergence de vues ass tëscht de Ministère. Wou mer haut nach net genau wëssen, wéi si dat gesinn. Et ass elo net an deem neie PAG. Déi Zonagen, déi am neie PAG sinn, déi si kloer. Et sinn déi am ale PAG, wou nach Divergence-de-vuë sinn. Wou mer am Moment nach keng Äntwert hunn.

Ofschléissend wëll ech Merci soen un eis Servicer, déi heiru geschafft hunn. E puer sinn der schonn ernimmt ginn. D'Madamm Grün, den Här Ricciardelli, den Här Dondelinger a seng Ekipp, déi ganz vill geleescht hunn um PAP Quartiers existants, wat déi Recullen an all déi méi technesch Saache sinn.

Woubäi si jo mat deene Saache konfrontéiert sinn, wann d'Bierger kommen an eppes wëlle realiséieren. Ech wëll de Büroe Merci soe fir déi gutt Preparatioun fir dëse Gemengerot vun haut, wou ech breet Ënnerstëtzung vun hinnen hat, e grouse Merci. An e Merci un Iech all fir déi Commentairen, déi Der gemaach hutt. Mer wäerten e Maximum probéieren, fir d'Bierger ze schaffen. Dat ass kloer. An der Phas Reklamatioun kréie mer déi nach eng Kéier.

Et war nach d'Fro gestallt ginn, fir d'Reklamatiounen ze kréien, déi mer elo net ugeholl hunn. Dat ass kee Problem, dass mer déi weiderginn. Dass Der gesitt, wat fir eng waren do nach erakomm, déi mer net consideréiert hunn. Vläch och mat engem Saz, fir wat mer dat esou gemaach hunn. Dat ass keen Thema, fir dat ze maachen, dass mer dat zesummen als Gemengerot hei eng Kéier maachen.

Ech denken och, dass een am Virfeld vun deem zweete Vott sech als Gemengerot eng Kéier informell kéint zesummesetzen an déi Reklamatiounen duerchgoen a kucken, wéi mer eis zesummen do ralliéiere kënnen. Wou fanne mer Schnëttmengen, wou mer soen, do si mer all enger Meenung. A wou bleiwe vläch Divergenzen, wou ee seet, do stëmmt am Vott jiddwereen esou, wéi e mengt. Mä mir fanne bestëmmt e breeden Terrain, wou mer eis eenegen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Ech géif soen, fir d'éischt stëmme mer d'Annulatioun vun der Saisine vum 19. Juni 2019.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'annuler la saisine du 19 juin 2019 relative à la procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange.

An da géife mer zum Vott komme fir déi nei Saisine.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui, 2 voix non et 1 abstention d'approuver le nouveau lancement de la procédure d'adoption du projet d'aménagement général de la Ville de Differdange.

Da komme mer zum nächste Punkt, dat ass de PAP LUNEX zu Uewerkuer. A well den Här Liesch nach net vill geschwat huet haut, géif ech em direkt erëm d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren, mech kuerz ze halen. Et ass e wichtege Projet, erlaabt mer de Kontext ze maachen. Et ass e Gebai, wouriwwer scho méi laang geschwat ginn ass. D'LUNEX ass Demandeur, fir op hirem Areal nach e Gebai ze errichten, fir verschidde Saachen ze realiséieren. Am PAG ass dës Zon als Zone mixte centrale définiert ginn, mat engem COS vun 1,0 an engem CMU vun 3. Soudass op deem Terrain vu 35,7 Ar am Fong 3.570 Meterkaree um Buedem kéinte gebaut ginn. Mat enger Surface brute vun 10.700 Meterkaree. Dat ass net wéineg.

Si brauchen dësen Terrain, fir um Rez-de-chaussée en Accueil, eng Kantin fir hir Studenten, weider Salle-Auditoiren, Salle-de-réunionen ze maachen. Um éischte Stack ass d'Administratioun vun der LUNEX virgesinn, Büroen, déi

Pour Georges Liesch, il est important que les réclamants introduisent une deuxième réclamation. Monsieur Hartung a mentionné les zones de jardins. Il existe des divergences entre les ministères. Mais la répartition des zones dans le nouveau PAG est claire.

Georges Liesch remercie les services ayant participé à l'élaboration du PAG. Il mentionne madame Grün, monsieur Ricciardelli et monsieur Dondelinger et son équipe. Ce sont eux qui sont confrontés aux doléances des gens. Georges Liesch remercie aussi les bureaux pour la préparation pour aujourd'hui et le conseil communal pour tous les commentaires. Le collège échevinal fera son maximum au service des citoyens.

Le conseil communal a demandé d'obtenir les réclamations n'ayant pas été retenues. Georges Liesch n'y voit pas d'inconvénient. Le document comprendra aussi une explication sur le pourquoi du refus. L'échevin propose au conseil communal de se réunir avant le deuxième vote et de passer en revue les réclamations pour voir où des divergences subsistent. Georges Liesch se dit convaincu qu'un terrain d'entente est possible.

(Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au PAP LUNEX à Oberkorn et cède la parole à monsieur Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que LUNEX souhaite construire un nouveau bâtiment sur son site, défini zone mixte centrale dans le PAG, avec un COS de 1,0 et un CMU de 3.

Cela signifie que la construction pourra avoir une surface de 35,7 a pour une surface brute de 10 700 m². Le rez-de-chaussée accueillera un accueil, une cantine, des auditoires et des salles de réunion, le premier étage des bureaux, et les cinq étages au-dessus 84 chambres pour les étudiants.

La première variante de la bâtisse comprenait deux étages supplémentaires. Le bâtiment était situé plus près de la route, mais le collège échevinal n'était pas convaincu par l'architecture. Désormais, les cinq étages supérieurs sont en retrait par

rapport au rez-de-chaussée et au premier étage.

Le projet s'inscrit dans l'identité sportive et éducative du quartier. Il permet à LUNEX de s'ancrer davantage encore dans la commune. En outre, les étudiants rendent une ville plus vivante et les logements leur permettront de rester à Oberkorn. Georges Liesch espère qu'ils en profiteront pour visiter les cafés et les commerces du quartier.

L'échevin rappelle qu'un projet est prévu en face en partenariat avec le Fond du logement.

En ce qui concerne la mobilité, le site est desservi par les CFL, le TICE, le RGTR, le Diffbus... Georges Liesch mentionne également Vël'OK. Le centre-ville se situe à 800 m à peine. Le parking d'Aquasud est quant à lui bon marché.

Le rez-de-chaussée et le premier étage auront une surface de 727 m², tandis que les étages supérieurs auront une surface de 430 m².

Les plans dans le dossier des conseillers communaux sont indicatifs, mais permettent de se faire une idée du futur bâtiment.

ERNY MULLER (LSAP) prend la parole et constate que l'âge prime.

(Rires)

Il rappelle que ce PAP s'aligne sur les plans directeurs de 2011.

Elle permet à LUNEX de construire un nouveau bâtiment jouxtant l'université sur le site de l'ancienne piscine. Il y aura un restaurant, des salles de réunion et des espaces de repos au rez-de-chaussée, et des locaux administratifs et des salles de cours au premier étage.

Le socle fait 727 m².

Les cinq étages supérieurs destinés au sport et au logement sont en retrait de trois mètres par rapport socle.

se brauche fir d'Fonctionnement vun der Uni. An da wären nach fënnef Stäck drop, wou Kummere wäre fir Studenten, Logement fir Studenten. Am Ganze 84 Logementer fir Studenten.

Ufanks war d'Gebai, an deenen éischte Varianten, e bëssen aneschters. Do waren nach zwee Stäck méi. An d'Gebai war nach méi no un der Strooss. Urbanistes hate mer dat net esou gutt fonnt, well een d'Impressioun hat, wann een an d'Strooss erakënnt, dass do esou e risegt Gebai géif stoen. Elo ass et esou, dass de Rez-de-chaussée an den éischte Stack wuel un den Trottoir ugrenzen, mä déi fënnef Stäck mat de Logementer no hanne réckelen. Soudass dat Gebai manner siichtbar gëtt a manner Importenz hält, wann een erakënnt. Dat ass ofgeännert ginn.

De Projet selwer schreift sech an d'Identitéit vum Quartier an, dee mer do ronderëm hunn. Et geet ëm Sport. Et geet ëm Educatioun. E positiven Aspekt ass, dass d'LUNEX, déi Uni, wou mer jo wierklech frou sinn, dass mer déi elo hei hunn, sech mat dësem Projet méi fest hei wäert verankeren an der Gemeng.

E weidere positiven Aspekt ass, dass Studenten eng Stad beliewen. Dat ass hei am Gemengerot scho vu jiddwerengem begréisst ginn. An et fir de Quartier Uewerkuer sécher eng Beliewung wäert bedeuten, wann do méi Studente sinn an duerch d'Logementer och do bleiwen. A sief et nëmmen, fir d'Cafée ronderëm glécklech ze maachen. Mä ech hoffen, d'Studente maachen net nëmmen d'Cafée ronderëm glécklech, mä och vläicht deen een oder aneren neie Commerce zu Uewerkuer.

Dir wësst jo, dass mer nach e Projet hu mam Fonds de Logement, wou op där anerer Säit, op der Plaz kéint realiséieren, dass een do vläicht Äntwerte fënnt op déi Studenten, déi sech dann och do erëmfannen.

Mobilitéitstechnesch ass de Projet exzellent ugebonnen un den ëffentlechen Transport: CFL, TICE, RGTR, Diffbus quasi direkt op der Hausdier. D'Mobilitéé douce mam Vël'OK ass och ginn. Déi gëtt jo schonn ausgebaut. A mat deem heite Projet wäerte mer déi warscheinlech souguer nach mussen ausbauen. Och ze Fouss ass et net wäit bis

an den Zentrum. Et sinn eng knapp 800 Meter. Awer och d'Parkhaus Aquasud, wou ee relativ bëlleg oder ganz bëlleg ka parken. Soudass hei, mobilitéitstechnesch, alles ideal ass.

D'Konstruktioun hunn ech schonn ervirgehuewen. De Rez-de-chaussée an den éischte Stack sinn eng 727 Meterkaree. Déi Logementer, déi driwwer kommen, déi hunn nach just eng Surface vu 430 Meterkaree, déi en retrait sinn. Soudass dat Gebai an där Strooss net esou dominant gëtt.

Dir hutt am Dossier verschidde Vuen op d'Fassad, déi natierlech indicatif sinn. Déi mer haut am Kader vum PAP net mat ofstëmmen, mä déi e bësse weisen, wéi dat Gebai herno ongeféier kéint ausgesinn.

Ech hoffen, ech konnt all d'Informatioun ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wuertmeldungen? Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Zu der LUNEX. Dëse PAP alignéiert sech un de Masterplang, wéi e schonn 2011 festgehal gouf am Kader vum Parc des Sports, ënner Planungseinheit fënnef.

Wéi schonn erkläert ginn ass, geet et drëm, der LUNEX d'Méiglechkeet ze ginn, direkt un d'Gebailchkeete vun der Uni, eiser fréierer Schwemm, en neit Gebai opzeriichten, fir d'Ariichte vun engem Restaurant, sougenannte Salles de repos, Iles de réunion um Rez-de-chaussée an um éischte Stack haapt-sächlech administrativ Raimlechkeeten an zousätzleche Schoulraum.

De Sockel huet 727 Meterkaree. Uewendriwwer, an dräi Meter en retrait par rapport zum Sockel, ass op fënnef Stäck e sougenannte Sport- oder Studentenhotel geplangt, mat am Ganze 84 Zëmmeren.

Dës Form vu Residenz ass néideg, well d'LUNEX-Studenten a Form vun engem Blockunterrecht enseignéiert ginn

an d'Klassen all Woch changéieren. Soudass et kee Sënn mécht, de Studenten eng Wunneng iwwert dat ganz Studejoer zur Verfügung ze stellen, wéi zum Beispill bei der Uni Lëtzebuerg. Et sief, si wäeren eng länger Zäit do, da kéinte se op en anere Modell goen. Also wa se vu wäit hierkommen an zu Lëtzebuerg wunne bleiwen, da kéinte se länger Zäit do verbréngen.

Mä esou, an dëser Weis, sinn all Woch aner Schüler do. Dat geet an engem gewëssen Zyklus, wou se zwar erëmkommen. Mä doduerch ass déi dote Form vu Wunnen ubruecht, dat méi a Richtung vun engem Hotel geet. Wou d'Studente vun der LUNEX oder och aner – well mir kënne jo soen, wann d'LUNEX dee Moment net profitéiert, kënnen eventuell Sportler ...

(Interruption)

... oder aner Utilisateur fonnt ginn. Iwwer Sportsveräiner, déi Stagë maaichen, Federatiounen, déi Stagë maaichen an esou virun an esou weider. Do gëtt et eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten.

D'Dimensiounen vun deem Gebai si relativ imposant. Dat Gebai ass 33 Meter héich respektiv huet siwe Stäck. De Sockel 9,50 Meter. An d'Breet oder d'Längt vun deem Gebai ass ronn 36 Meter. Et ass awer wichteg, dass de Parvis zu der Sportshal hi bleift, vun 31 Meter.

Dat heescht, mer halen do e fräien Espace, wou aktuell d'Entrée ass vun der Sportshal, déi deemnächst jo verluecht gëtt. Wann den Ausbau vun der LIHPS fäerdeg ass, gëtt déi jo do mat integréiert. Mä et bleift e Parvis par rapport zu dësem Gebai an der Sportshal, wat méi eng opgelockert Bauweis ass.

Den Här Liesch hat et gesot, deemools ware verschidde Varianten ënnersicht ginn. Do hat sech déi hei als déi bescht erausgeschéit. Wann ee méi niddreg bliwwe wär, an et hätt een un d'Sportshal ugebaut, zum Beispill, dat wär eng Katastroph. Da wär dat eng ganz Mauer ginn, dat wär dann zou gewiescht. Dat war absolut net gutt. Dat hat de Virdeel vu méi enger niddreger Bauweis, mä fir de Rescht war et absolut net gutt. Soudass dat heiten zréck behale ginn ass.

Et muss een awer soen, deemools hat den Här Schwachtgen drop gehalen, an ech stëmmen him zou, et war eng Schattenwurf-Etüd gemaach ginn iwwert déi verschidde Varianten. An do hat sech erausgestallt, dass dat keng Nuisancen, keen Afloss oder séier geréngen Afloss vun där Richtung op d'Anrainer, op déi Haiserreien an der Avenue Parc des Sports, also haapt-sächlech déi Wunnenge vis-à-vis hätt.

Ech ka just soen, mir gesinn dee Projet ganz interessant am Interêt vun der Weiderentwécklung vun der LUNEX an eiser Stad a Gemeng. D'LSAP stëmmt dëse PAP.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll betounen, dass ech den Här Muller gär virloossen, well hien Detailler huet. Well e sech voll an déi Dossieren erageschafft huet, viru Jore schonn, an déi eis complementaire zu den Explikatiounen, och zu eise Leit aus dem Schäfferot, gutt zu Ouer kommen. An dat kann näischt schueden.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll awer zum Projet Stellung huelen, e bësse méi prinzipiell, net am Detail. Mir hunn eng Chance, dass mer deen universitäre Site op Déifferdeng kritt hunn. A mer probéieren, duerch déi do Mesure, deen ze halen. Well sech fréier oder spéider d'Logementsfro stellt. D'Studente kommen op anere Plazen am Moment ënner. Ech weess elo net wou. Mä d'Schwieregkeet ass, fir do wierklech e Campus ze schafen, deen op Dauer eventuell Fortbestand hätt.

Mir hunn déi Sports- a Fräizäitinfrastruktur elo do uewe stoen. Déi quasi komplett ass. Wann ech elo nach drun

Une telle résidence est pertinente parce que l'enseignement se fait par blocs. Les cours changent d'une semaine à l'autre. Pour les étudiants, il n'est donc pas intéressant de louer un appartement à l'année à moins qu'il ne s'agisse de quelqu'un venant de loin et s'installant au Luxembourg. La forme de logement choisie dans cette résidence permettra un roulement à la semaine et prendra donc la forme d'un hôtel pouvant aussi accueillir des sportifs.

(Interruption)

Erny Muller confirme que d'autres types d'utilisateurs pourront y logger sur demande de leurs clubs ou d'une fédération. Les possibilités sont nombreuses.

Le bâtiment fera 33 m de hauteur et le socle 9,50 m. La longueur s'élèvera à 36 m. Le parvis en direction de la salle de sport fera 31 m. Celle-ci sera intégrée au LIHPS une fois qu'il sera achevé.

Comme l'a dit monsieur Liesch, plusieurs variantes ont été évaluées. Un bâtiment plus bas jouxtant la salle de sport aurait été catastrophique. La moindre hauteur aurait constitué le seul avantage de cette variante.

À l'époque, monsieur Schwachtgen a insisté pour faire réaliser une étude de l'ombre portée. Il est apparu que le bâtiment n'aura pas d'influence négative sur les maisons de l'avenue du Parc-des-Sports et les appartements du Peschkopp.

Pour Erny Muller, ce projet de développement de LUNEX est intéressant. Le LSAP l'approuvera.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

explique qu'il a laissé monsieur Muller prendre la parole en premier parce qu'il connaît les dossiers depuis des années.

ERNY MULLER (LSAP) l'en remercie.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

tient à prendre position quant à ce projet, mais sans entrer dans les détails.

Il salue l'implantation de l'université à Differdange. Tôt ou tard, la question du logement va se poser. Actuellement, les étudiants parviennent à loger ailleurs, mais la

difficulté consiste à aménager un campus.

Oberkorn compte désormais des infrastructures de loisir et de sport. Si en plus, on tient compte des locaux prévus au Bock, le site est vraiment formidable. Il est unique dans le pays. Le volet études et recherche constitue une plus-value.

La connexion aux transports en commun est un des grands atouts. Frenz Schwachtgen regrette aujourd'hui encore que le stade de football national n'ait pas été construit à Oberkorn. À Gasperich, il n'existe même pas un accès convenable en train.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen confirme que le tram est une bonne chose, mais il juge les capacités insuffisantes. Oberkorn peut profiter du train, du bus, d'un grand parking, du vélo... Frenz Schwachtgen souligne le fait que le centre-ville et ses commerces sont facilement accessibles à vélo.

Le quartier en question a du caractère. D'autres projets y sont prévus. Ils dynamiseront ultérieurement Oberkorn.

Differdange est déjà multiculturelle. La présence d'étudiants de tous les pays renforcera encore les échanges socioculturels. Les différentes cultures rendent une ville plus riche.

Les étudiants, les profs et le personnel apporteront une plus-value à Differdange, qui veut être une ville jeune et vivante.

Le partenariat financier et logistique mis en place est pertinent. Avec le soutien de l'État, l'utilisation des infrastructures sportives est optimisée. Frenz Schwachtgen parle de symbiose entre les différents partenaires.

Pour le conseiller communal, il est cependant important que les infrastructures communales servent prioritairement aux habitants. La salle de sport ne peut pas appartenir à LUNEX. Il ne faudrait pas qu'un jour, on dise aux clubs locaux qu'il n'y a plus de plages disponibles pour eux.

Le gabarit du bâtiment a causé des discussions auprès des écologistes, mais la bâtisse ne peut pas être construite ailleurs. Sept étages dans une rue comprenant des immeubles de quatre ou cinq niveaux sont im-

denken, dass beim Bock vläicht och nach zousätzlech Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt ginn, Sportsariichtunge kënnen matageplangt ginn, ass dat wierklech e formidable Site, wéi een hei op de Biller gesäit. Ech mengen, esou ee Site ass kaum am Land nach eng Kéier erëmfannen. Wa mer deen elo wierze mat universitärer Recherche an Etüd an Testméiglechkeete fir dat, wat e gesonden, sportleche Kierper soll aushalen, dann ass dat eng grouss Plus-value.

Den Här Liesch huet et scho gesot, d'Ubannung un den ëffentlechen Transport, vun deem Ganzen, ass ee vun den Atoute vun deem Site. Et deet mer nach haut leed, dass mer den nationale Fussballstadion net op Uewerkuer kritt hunn. E wier vill besser ugebonnen, wéi en aktuell kann ugebonne ginn an der Stad zu Gaasperech. Wou mol keen Zuch a keen anstännegen Accès méiglech ass.

(Interruption)

Den Tram ass natierlech eng gutt Saach. Mä ech gleewen net, dass d'Capacités dofir géifen duergoen.

Hei hu mer Zuch, Bus, e grouse Parking, all Méiglechkeeten, och d'Vélosmobilitéit ze fërderen. Well wa mer dovun ausginn, mer sinn am Kordall an d'Denivellatioun vun deem Site do bis op Nidderkuer iwwert d'Vélosweeër, déi jo entstinn, ass quasi dräi, véier Meter just. Dat ass manner géi wéi eng Eisbunnstreck. Mam Vëlo ass dat eppes ganz Liichtes, fir vun Uewerkuer an den Zentrum Déifferdeng, bei d'Geschäftswelt a bei, loosse mer soen d'Amusementswelt, déi zu Déifferdeng entsteet, ze kommen.

Et gëtt eng Beliewung vun deem Quartier, deen e gewësse Charakter huet. Mä deen awer och, wa mer gesinn, dass do nach weider Projete kënnen entstoen, sech an deem Sënn wäert entwéckelen.

De multikulturellen Amalgamm, mat Studenten aus alle Länner héchstwahrscheinlech, wäert sech de soziokulturellen Austausch an eiser Stad, déi multikulti jo schonn ass, an nei Richtunge beweegen. Wouvunner mer net méi aarm ginn, mä méi räich ginn u verschidde Kulturen.

E wichtege Facteur: Studenten, Proffen, Personal aus alle Metiere wäert do schaffen an eng ekonomesch Plus-value op Déifferdeng bréngen. Aarbechtsplazen, Konsum, etc., ass eng Saach, déi, wa mer eng lieweg Stad wëlle bleiwen an eng jonk Stad wëlle bleiwen, en Opbau fir d'Zukunft ass.

Mir kënnen aus allen Hisiichten dovunner profitieren. Ech denken, dofir ass dee finanziellen a logistesche Partnerschaftsmodus jo och gewielt ginn. Mat staatlecher Hëllef kann eng Infrastrukturturnotzung optimiséiert ginn, vun all eise sportlechen Anlagen an eise Fräizäitanlagen, déi mer op deem Site an op anere Sitten hunn. Déi wäerten zu enger Symbios féieren tëschent deene verschiddene Partner.

Wat mer am Dossier opgefall ass: Mer dierfen net aus den Ae verléieren, dass eis ege kommunal Anlage prioritär eiser Bevëlkerung zur Verfügung musse stoen. Dass net op eemol gesot gëtt, dat do ass elo d'Sportshal vun der LUNEX. Et soll an et muss ëmmer déi Déifferdenger Sportshal bleiwen, wou mir als Gemeng Prioritéit hunn. Dat dierf keen Ausverkauf ginn, dass op eemol méi Lokatioun vun der LUNEX fir sportlech Infrastrukturen do ass, dass eis Veräiner zum Beispill gesot kréien, elo bleift dir dobaussen, well do hu mer keng Plage méi fräi.

De Bemoll, dee fir mech perséinlech, an och vill vun eis bei deene Gréngen, fir Diskussioun gesuergt huet, ass de grouse Gabarit vun deem Gebai. Mir hunn agesinn, dass et net méiglech ass, dat op eng aner Plaz ze setzen. Siwe Stäck sinn imposant an engem Quartier. Et gëtt eng nei Landmark an enger Strooss, wou mer gewinnt sinn, dass véier bis fënnf Niveaue sinn.

Ech si frou, den Här Muller huet dat ernimmt, de Schattenwurf ass ënnersicht ginn. En ass erträglech, wéi hie selwer seet. Dofir ass net méi héich gebaut ginn. Dofir ass e kleng Retratt gemaach ginn. An ech denken, dass et herno architektonesch an dat ganz Ge- bitt wäert passen.

Ech hu mer Gedanken iwwert dee Parvis virun der Sportshal gemaach. Déi Entrée, déi wäert bleiwen, déi wäert awer dauernd Schiet kréien, d'ganz Joer. Do misst ee sech iwwerleeën, ob

een do net eppes méi Accueillantes no bausse géif maachen, eppes Lëfteges, eng Verrière oder ech weess net wat. Déi dat zu engem Deel vun deem Parvis, deen nach bleift, géif zoumaachen. Doduerch kréiche mer méi e flotten Accueil no bannen. A mer kéinten e bësse Raum gewinnen op där Plaz, déi awer e bësse däischter gëtt.

An d'Zukunft kucken ass natierlech eng Saach vu Kompromësser. Héich bauen ass e Kompromëss. Awer, wann ech d'Plus-value op där anerer Säit gesinn, dann ass de Wee kloer. Mir stëmmen dee Projet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Ass nach eng Wuertmeldung? Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Fir mech méi ze positionéiere zu deem Projet, wollt ech nofroen, mir stëmmen jo elo de PAP. Dat heescht, dass do eppes ka gebaut ginn.

Mä wien ass do, souzesoen, Maître d'ouvrage? Dat wäre mir als Déifferdenger Gemeng, a mir bauen do fir eng Privatuni. Wéi geet et da weider? Déi al Schwämm hu mir amenagéiert. Dat hu mir verlount un d'LUNEX. Hei géife mir da bäibauen. Dat, wat elo presentéiert ginn ass, fir dass d'LUNEX sech ausbaue kann an hirer Aktivitéit. Mä wéi geet dat vonstatten? Wéi vill investéiere mir do? Wéi eng Recettë kréie mir dofir? Dat sinn emol d'Froen.

Prinzipiell kann ech soen, dass ech dat – och bei der Schwämm hunn ech den Ėmbau selwer nach matgestëmmt. Well dat fir mech e sënnavollen Ėmbau war vun deem Existant. Mä u sech fannen ech et de falsche Wee, dat exklusiv enger Privatuni ze verlounen, zu allze gönschtege Konditiounen. Wou mer dat am Fong hallef subsidéieren, dass sech dat hei installéiert.

Mir hate schonn an der Vergaangeneheet driwwer geschwat, wat et vu Virdeeler huet, eng Uni a senger Gemeng ze hunn. Ech wëll dat net schlecht schwätzen. Mä mir schwätzen hei vun

enger Privatuni, wou d'Leit vill bezuelen, fir Deel vun där Privatuni ze ginn. A wou et och an de leschte Méint souguer kritesch Stëmmen gi sinn iwwert d'Qualitéit vun där Uni. Mir hu wéineg Handhab dorobber. Dat gesinn ech an deem Sënn ganz kritesch.

Ech mengen, wa mir als ëffentlech Hand hei intervenéieren a carrement ëffentleche Raum dann och bebauen an doranner investéieren, da muss dat och fir zougängelech Bildung sinn an net fir Bildung, déi just deene virbehalen ass, déi sech dat kënne leeschten.

An deem Sënn fannen ech, wéi bei der Renovatioun vun der Schwämm, de baulechen Deel net onbedéngt schlecht. Et ass gutt, dass do Wunraum fir Studenten geschaf gëtt. Mä ech gesinn et ganz, ganz kritesch, dass dat eben e privatiséierte Bildungsespace ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Eng Wuertmeldung? Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, mir sollen elo déi Plaz virun der Sportshal lénks esou klasséieren, fir do e Gebai mat siwe Stäck hinzebauen. 84 Studentewunnengen respektiv Zëmmere sollen hei op fënnef Stäck entstoen. Déi Demande besteet säitens der LUNEX.

Am Dossier fannen ech net eraus – den Här Diderich huet elo grad gefrot –, et steet zwar am Moment eigentlech net zur Debatt, mä baue mir dat Gebai selwer, verlounen dat herno un d'LUNEX? Oder wat fir ee Modell soll do geschéien?

E bësse Bauchwéi hat ech schonn, wou ech d'Héicht vun deem Gebai kucken, wann ech mer virstellen, wéi héich dat wäert ginn. Ech sinn awer zefriden, dass do verschidde Saachen ëmgeännert goufen an net déi Héicht virgesinn ass, déi am Ufank gefrot war.

Mir als CSV ënnerstëtzen dës flotte Projet vun der LUNEX. Dee ganze Site

posants. Mais l'ombre portée est acceptable compte tenu du retrait. Le parvis devant la salle de sport est préservé, mais il se situera à l'ombre tout au long de l'année. Frenz Schwachtgen opérerait pour une solution plus accueillante, par exemple avec une verrière.

Se projeter dans l'avenir comporte toujours des compromis. Pour Frenz Schwachtgen, construire en hauteur est un tel compromis, mais la plus-value est évidente. C'est pourquoi les écologistes approuveront le projet.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que le vote d'aujourd'hui porte sur le PAP, c'est-à-dire sur le fait qu'un immeuble pourra être construit. La commune est maître d'ouvrage pour le compte d'une université privée. Comment cela se passera-t-il?

La commune a déjà réaménagé l'ancienne piscine, qui a été louée à LUNEX. Dans ce cas-ci, LUNEX s'agrandit. Combien la commune investira-t-elle? À combien se monteront les recettes?

Gary Diderich a approuvé la transformation de la piscine. Mais il ne trouve pas correct de louer des infrastructures à une université privée, et ce, à des conditions par trop favorables. Certes, une université apporte des avantages à la ville. Mais dans ce cas-ci, il s'agit d'une université privée où les étudiants paient. Au cours des derniers mois, la qualité des cours a même été mise en cause. Si la commune investit autant, elle doit veiller à ce que la formation soit accessible à tous et pas seulement à ceux pouvant se le permettre.

Gary Diderich n'est pas contraire à la construction de logements pour étudiants. Mais il se montre critique au sujet de la création d'un espace de formation privé.

GUY TEMPELS (CSV) constate qu'un bâtiment de sept étages sera construit à gauche de la salle de sport pour accueillir 84 chambres pour étudiants.

Comme monsieur Diderich, Guy Tempels se demande si la commune sera maître d'ouvrage et si LUNEX louera ensuite les locaux.

Le conseiller communal s'inquiète de la hauteur du bâtiment et salue les modifications apportées à la première variante.

Les chrétiens sociaux saluent ce beau projet, qui vient compléter le site. Tout ce qui a trait au sport y figure.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'il n'a jamais vu le projet LUNEX d'un bon œil, car il s'agit d'une institution privée gagnant beaucoup d'argent avec l'enseignement. Le docteur Oetker est président du conseil d'administration.

Pour Ali Ruckert, les communes ne sont pas là pour soutenir ce type de structures. Les institutions publiques doivent soutenir les universités publiques.

Ali Ruckert rappelle que Differdange compte une université publique, mais étrangère: la Miami University. Celle-ci est également subventionnée par l'État luxembourgeois et la Ville de Differdange, alors que ce serait aux USA de le faire.

Le KPL votera contre le PAP.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) voudrait poser une question supplémentaire.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) l'y autorise.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se demande comment les logements pour étudiants seront gérés.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que le vote d'aujourd'hui ne porte que sur le PAP. Le collège échevinal n'est pas demandeur de ce projet et la commune n'est pas maître d'ouvrage. Le terrain appartient à LUNEX à travers un droit d'emphytéose. La Ville de Differdange n'a jamais demandé à financer ce projet.

Le collège échevinal veut que ce projet soit réalisé. Mais des discussions sont encore en cours concernant le financement. En tout cas, le collège échevinal n'entend pas faire cadeau du bâtiment à LUNEX.

La commune ne veut pas non plus gérer les logements pour étudiants, car ce n'est pas son corps de métier. Le vote d'aujourd'hui ne fera que confirmer que la commune est d'ac-

wäert herno komplett sinn. Do fënnt een alles op der Plaz, wat een eigentlech brauch, wat mat Sport ze dinn huet. Mir stëmme mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll drun erënneren, dass ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei mech ni positiv iwwert dee Projet LUNEX ausgeschwat hunn. Well et eng privat Institution ass, déi décke Profit mécht mam Bildungswiesen. Wou e gewëssen Dr. Oetker President vum Verwaltungsrot ass.

D'Gemenge sinn net do, fir esou Saa-chen an iergendenger Weis ze ënnerstëtzen – an eisen Aen op alle Fall. Mir si ganz d'accord, wann d'ëffentlech Hand Sue fir ëffentlech Universitéite gëtt. Awer net, wa se Ënnerstëtzung gëtt fir esou privat Universitäten.

Iwwregens wëll ech an deem Zesammenhang drop hiweisen, mir hunn zwar eng ëffentlech Universitéit, eng auslännesch zu Déifferdeng, d'Miami University, déi jo och subventionéiert gëtt. A wou et am Fong awer un den USA wär, fir déi ze finanzéieren, an net um Lëtzebuerger Staat an net un der Déifferdenger Gemeng. Ech wëll awer, an deem Fall hei, géint dee PAP stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech denken, da komme mer zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Kann ech eng Zousazfro stellen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Well do Wunnraum fir Studente geschaf gëtt, géif mech interesséieren, wéi dee geréiert gëtt bei deem Projet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert weider.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass esou, dass mer jo haut nëmmen iwwert de PAP ofstëmmen. Mir sinn net Demandeur, fir dat Gebai do ze bauen. Mir sinn och net Maître d'ouvrage. Den Terrain gehéiert der LUNEX, iwwer eng Emphytéose. Si sinn Demandeur. Mir sinn et net.

Mir strecken net de Fanger aus, fir dat mat ëffentleche Gelder ze bebauen. Do sinn nach Diskussiounen, wou si mat Iddie komm sinn. Mä mir sinn awer nach net méi wäit, wéi dass mer soen, mir stëmmen de PAP, mir wëllen, dass dee Projet do realiséiert gëtt.

Mä et ass net esou, dass d'Gemeng dat do soll finanzéieren oder hinne schenken oder wat och ëmmer. Dat gesi mer net esou. Doriwwer lafen nach Diskussiounen. Och de Logement, do gesi mir net, dass d'Gemeng do de Logement geréiert vun deene Studenten. Ech mengen, dat sollte mer eis guer net uspéngelen. Dat ass net eise Business. Dat muss scho vun hinnen iwwerholl ginn. Dat ass net eis Affär.

Also haut ass et eigentlech just nëmmen de PAP. Dass mer soen, dat Gebai do ka gebaut ginn. A fir d'Finanzéierung muss d'LUNEX kucken, wéi se dee Projet realiséiert. Wéi se do un ëffentlech Gelder vläicht kënnt oder och net. Dat ass d'Iddi.

5b. PAP LUNEX / 5c. Op de breeden Dréischer

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wat mech ierféiert am Dossier, dee mir als Explikatioun hunn, steet op der Sait 2: Maître d'ouvrage – Administration communale de Differdange.

ENG STÈMM:

Nee.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay. Mä dat kann een awer ierféiere loosse. Da mungs de, elo baut d'Gemeng eppes dohinner als Maître d'ouvrage a mir stëmmen de PAP of. A wa mer dee bis ofgestëmmt hunn, da si mer lancéiert an der Prozedur. Dat kann een e bëssen ierféieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wann, in der Tat, si iwwer Emphytéose schonn iwwert deem Terrain verfügen, dann ass d'Fro: Wat ass mam Existant, wann déi Emphytéose eng Kéier fäerdeg ass? Wa si elo dorobber bauen, op hir eege Käschten. Wann et an déi Richtung geet, wéi ech dat elo verstinn, a si dat total autonom geréieren op deem Buedem an deem Espace, dee jo awer am Fong publik ass. A wou op jidde Fall, wéi ech de Kontrakt gestëmmt hunn, ech net dru geduecht hunn, dass do e siwestäckegt Haus drop kéim, op dësen ëffentleche Buedem. Wann dat dann esou geschitt an et ass Emphytéose, dann heescht dat jo, dass dat Gebai, wann den Terrain eng Kéier zrëckkënnt – wat heescht dat da genee? Gehéiert dat, mam Terrain, der Gemeng?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat geet un eis zrëck.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat muss dann och kloer sinn.

Ech hätt, éierlech gesot, léiwer, wann d'Gemeng eppes mat deene Studentewunnungen ze dinn hätt. Oder op d'mannst iwwer eng Konventioun gereegelt wär, wéi dat mat deene Wunnungen ze handhaben ass. Well wann déi Wunnungen elo Deel gi vum Geschäftsmodell vun där Privatuni a mir guer keng Kontroll doriwwer hunn, iwwer wéi eng Loyerer oder ob déi mat an d'Tuition fees eralafen, da fannen ech dat awer problematesch.

Ech hu kee Problem, wann an d'Héicht gebaut gëtt op verschiddene Plazen. Wéi elo zum Beispill hei. Mä wie profitéiert dovunner? Mir ginn hei engem Privaten d'Méiglechkeet, vill Raum ze schafen op ëffentlechem Buedem. Da muss, menger Meenung no, esou gutt wéi méiglech séchergestallt sinn – obwuel mer hei schonn op enger Pist sinn, déi dat natierlech schwiereg mécht, well dat eng Privatuni ass –, mir sollen awer alles Méiglech maachen, fir dass mer sécherstellen, dass d'Studenten hei bezuelbar kënne wunnen, wa schonn hir Aschreiwungskäschten net wéineg sinn.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer elo zum Vott iwwergoen, wannechgelift.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'adopter le projet d'aménagement particulier dénommé LUNEX au lieu-dit Um Brill à Oberkorn présenté par le collègue échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.

Am Punkt 5c geet et ëm eng Konventioun vum PAP Op de breeden Dréi-

cord pour que le bâtiment soit construit. À LUNEX de voir comment financer le projet — éventuellement à travers des deniers publics.

GUY ALTMEISCH (LSAP) voudrait savoir pourquoi la commune figure comme maître d'ouvrage dans le dossier à la page 2.

(Interruption)

Guy Altmeisch avait l'impression que la commune était maître d'ouvrage. Le dossier est trompeur.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande ce qu'il adviendra du bâti une fois le droit d'emphytéose expiré. En effet, LUNEX va construire un bâtiment de sept étages sur un terrain public et va le gérer de façon autonome. Un jour, ce terrain reviendra à la commune. Qu'est-ce que cela signifie pour le bâtiment ?

(Interruption de M. Ulveling)

Gary Diderich estime que cela doit être retenu clairement.

Il trouve que la commune devrait gérer les logements pour étudiants ou du moins en régler l'utilisation à travers une convention. Autrement, ces logements seront intégrés au modèle économique de l'université et la commune n'aura pas son mot à dire quant aux loyers.

Gary Diderich n'est pas contraire à construire en hauteur à certains endroits. Mais il faut voir qui en profitera. Dans ce cas-ci, une entité privée profite d'un terrain public. La commune doit faire son possible pour s'assurer que les loyers seront modérés.

(Discussions et vote)

5c. Op de breeden Dréischer

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une convention portant sur le PAP «Op de breeden Dréischer».

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que le PAP a été approuvé le 17 septembre 2018.

Dans une première phase, 19 maisons unifamiliales, une aire de jeux et un bassin de rétention seront construits sur 96 a.

La convention règle la gestion des infrastructures publiques, de la voirie, de l'équipement public, etc. Le promoteur cèdera 27,21 % du terrain à la commune. Il renonce à l'indemnité compensatoire.

Quatre-vingt-mille euros sont destinés à l'aménagement d'une aire de jeux. La commune choisira les jeux.

Le promoteur s'occupera des arbres pendant deux ans. Ensuite, ils seront pris en charge par les services communaux.

La garantie bancaire se monte à 1,23 million d'euros.

Georges Liesch ajoute que ce type de convention est normal pour les PAP. Il n'y a rien à ajouter.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

rappelle que le PAP a été approuvé le 17 septembre 2018. Le vote d'aujourd'hui porte sur la convention. Il s'agit d'une simple formalité.

Le promoteur cède normalement 25 % du terrain à la commune, mais dans ce cas-ci, il s'agit de 27,21 %. La loi prévoit que 10 % du projet seront réservés pour des logements à coût modéré.

Dix-neuf maisons avec «carport» et une résidence seront construites au croisement du Woiwer.

Des problèmes de circulation seront inévitables pendant les travaux. Le collègue échevinal a-t-il déjà une idée sur la façon de maîtriser ce problème? Christiane Saeul mentionne la rue de Soleuvre et la rue Émile-Mark.

Les démocrates approuveront la convention.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

suggère de vérifier où en sont les compensations relatives aux lotissements construits récemment. Car les terrains en friche sont synonymes de prairies, de haies, de bio-

scher. Dat ass hannert dem Lidl. An ech géif do och dem Här Liesch d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech probéieren, dat hei ganz kuerz ze maachen. Et ass e PAP, dee mer den 11. Juli 2018 gestëmmt hunn. De 17. September 2018 koum en approuvéiert erëm. Et ass déi éischt Phas vun dësem Projet, wou op 96 Ar 19 Maisons unifamiliales gebaut ginn an eng Residenz mat enger Aire de jeux, Bassin de rétention.

Déi Konventioun beschreift just, wéi d'ëffentlech Infrastrukturen, d'Voirie, d'Équipements publics gereegelt ginn. D'Cession-de-Fonden a wéi domadder gehandhaabt gëtt. Hei ass eng Cessioun virgesi vu 27,21 Prozent. E bësse méi héich wéi dat, wat virgesinn ass. De Promoteur verzicht awer op eng Indemnité compensatoire.

Da stinn an der Konventioun 80.000 Euro fir en Amenagement vun der Spillplaz, Mobilier urbain. Et ass jo esou, dass mir Sue froen a selwer d'Spillgeräter eraussichen.

Des Weidere steet an der Konventioun, dass si zwee Joer laang musse fir den Ënnerhalt vun de Beem, déi do geplanz ginn, musse suergen. Ier se da vun eise Servicer iwwerholl ginn.

Schlussendlech kann een d'Garantie bancaire, déi drasteet, vun 1,23 Millioune Euro, ervirhiewen.

Dëst ass eng normal Saach, déi mer hu bei engem PAP, wann en approuvéiert ass, dass eng Konventioun kënnt, déi déi dote Saachen am Fong reegelt. Méi ass net dozou ze soen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, zum neie Lotissement Op de breeden Dréischer.

De PAP ass de 17. September 2018 gestëmmt ginn. Hei ass d'Konventioun, dass d'Aarbechten endlech ufänke kënnen.

Et handelt sech hei ëm eng Formalitéit, wat ëffentlech Infrastrukturen ubelaangt: Stroossepläng, Beliichtung an esou weider. An d'Gratiscessioun vun normalerweis 25 Prozent, hei 27,21 Prozent, un d'Gemeng fir ëffentlech Strukturen. Dem Gesetz no, gesäit de Projet 10 Prozent vir, déi reservéiert si fir Wunnengen à coût modéré.

Gebaut ginn 19 Haiser mat Carport an enger Residence. Dës Plaz, direkt ugrenzend un d'Woiwer Kräizung, war eng brooch Fläch, déi elo als Wunnumraum ka genotzt ginn.

Während dem Bau vum Lotissement wäerte wuel Traficproblemer optrieden, ass mer schonn zu Ouere komm. Dofir wollt ech froen, ob schonn eng nei konkret Iddi oder Léisung ugehall ass, fir den Trafic ze leeden – Zolwer Strooss, Woiwer Kräizung, Rue Émile Mark – a soe Merci. D'DP stëmmt dës Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt inhaltlech näischt derzou soen. D'Madamm Saeul huet elo just gesot, et ware virdru brooch Flächen. Ech wollt, prinzipiell, suggeréieren, dass all eis Servicer sollte mol eng Kéier kucken, wéi wäit mer mat den eigentleche Kompensatioune vun all deene leschte Lotissementer dru sinn. Ob dat geschitt ass. Ënner wat fir enger Form, dass et geschitt ass.

Brooch Fläch bedeit net nëmme Wiss, brooch Fläch bedeit och Heckegebitt, Biotop, Beem, déi ewechgeholl si ginn. Hei war dat de Fall. Et interesséiert mech, net nëmme fir dësen Dossier – eise Gemengerot soll et och interesséieren –, ob do konsequent nogekuckt gëtt, ob de Promoteur dat dann och anhält, no den Installatioune vun deem ganze Chantier do. Merci.

5c. Op de breeden Dréischer

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt op den Artikel 9 vun der Konventioun agoen, de Logement à coût modéré. Wou, mengen ech, nach déi klassesch Formel drasteet, dass 10 Prozent au prix du marché verkaf gëtt. Ech kenne mech net genuch mat der Formulatioun ass, mä am Fong ass Logement à coût modéré 80 Prozent vum Prix du marché. Ech hoffen, dass do net einfach deen normale Maart-präis gemengt ass, mä e moderaten.

Ech froe mech, vu dass et jo soll an déi Richtung goen, ob mer net kënne scho kucken – bon, fir et an d’Konventioun ze schreiwen ass et vläicht elo ze spéit, mä fir all nächst Konventiounen, géif ech virschloen, dass d’Gemeng ëmmer direkt op de Wee geet, fir 10 Prozent an d’Gemenghand ze kréien.

Hei kann ee vläicht kucken, dass mir déi sinn, déi dat kafen. Vläicht léisst sech dat nach änneren, mä an Zukunft op jidde Fall dat direkt ze maachen. Dat ass eng vun deene wéinegen Avancée vum Pacte Logement 2.0, da solle mer ganz schnell sinn, dat och ze maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt soen, als Ergänzung zum Här Diderich, dass dat an anere Länner schonn de Fall ass, den 2.0, dat ass um nationale Plang eng Reegelung. Mir si mat där Proposition do zefridden, mir sollte schonn an déi Richtung goen.

Fir eis awer all e bëssen opzemonteren: De Promoteur hat mer matgedeelt um Urban Living, dass déi 19 Haiser, déi mir begrëssen, et ass och ganz flott, alleguer an Holzbauweis realiséiert ginn, mat engem Triple A an esou weider.

Mir kréien do héichwäertegen an energie-héichwäertegen Wunnraum. Fir de Rescht schléissen ech mech allem un.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da ginn ech d’Wuert erëm weider un den Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et waren zwou Froe gestallt ginn. Déi eng vum Trafic. Do si mer amgaang driwwer nozedenken, fir d’Rue de Souleuvre an déi berüümte Woiwer Kräizung aneschtens ze amenagéieren. Mir waarden nach ëmmer op e Rendez-vous mat Ponts et Chaussées, fir weiderzecommen. Do ware Froen iwwert deen neie BHNS, wéi dee sollt verlafen, fir dass eise Projet, eis Iddie kënne ëmgesat ginn. Mer waarden, ob si Neigkeeten hunn, dass mer op deem Dossier kënne weiderkommen. Dee Moment wär den Trafic vun deem Quartier geléist. Do komme mer am Moment awer nach net virun.

Wat de Logement ugeet, mengen ech, hu mer e breede Konsens warscheinlech dass de Logement à coût modéré, dass ee wierklech Verpflichtungen drasetzt. De Pacte Logement 2.0 gesäit dat och vir, dass mer an Zukunft op de Wee ginn, dass mer Virkafsrecht kréie vu Wunnengen. Fir sécherzestellen, dass se um Marché bleiwen.

Dat ass jo ee vun deene grouse Problemer haut, dass d’Logements à coût modéré esou geschaf ginn, an enger initialer Versioun, mä no e puer Jore gi se iergendwann verkaf an da si se net méi Logements à coût modéré a si verschwanne vum Terrain. Dat heescht, dat wat d’Effentlechkeet eigentlech wollt, huet sech an e puer Joren einfach opgeléist wéi Zocker. An dat ass net an eisem Interêt.

Duerfir fannen ech déi Suggestioun ganz gutt. Ech denken, dass mer et hei elo net direkt drakréien. Mä an all zukünftigen Konventioun, och wann de Pacte Logement 2.0 nach net ganz a Kraaft ass, sollte mer awer dorobber wäert leeën, dass mer dat maachen. Mir haten eis schonn e puer Texter zesum-

topes, d’arbres... Frenz Schwachtgen se demande si la commune vérifie systématiquement que les promoteurs se tiennent à ce qui a été décidé.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) revient sur l’article 9 de la convention.

10 % des logements seront vendus « au prix du marché ». Mais un logement à cout modéré correspond à 80 % du prix courant. À quoi la convention fait-elle allusion ?

Gary Diderich propose qu’à l’avenir, la commune gère automatiquement 10 % des logements. Pour ce projet, il est trop tard pour l’inscrire dans la convention, mais la commune pourrait acquérir les logements en question. Pour Gary Diderich, cette possibilité constitue la seule avancée du pacte logement 2.0.

ERNY MULLER (LSAP) est d’accord avec la proposition de monsieur Diderich.

Lors d’Urban Living, le promoteur a confirmé à Erny Muller que les 19 maisons seront construites en bois et seront classées triple A.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) revient sur la question du trafic. Le collège échevinal envisage de réaménager le croisement. Une entrevue avec l’Administration des ponts et chaussées est prévue — notamment en rapport avec le tracé du nouveau BHNS. En fonction des décisions qui seront prises, la question du trafic sera réglée.

En ce qui concerne le logement, le pacte logement 2.0 octroie des devoirs aux communes. La Ville de Differdange devra veiller à obtenir un droit de préemption sur les logements à l’avenir.

En effet, actuellement, on a beau construire des logements à cout modéré, ceux-ci sont souvent revendus au bout de quelques années au prix du marché. Tous les avantages disparaissent donc. C’est pourquoi la suggestion de monsieur Diderich est bonne, mais il sera difficile de l’intégrer à ce projet. En revanche, à l’avenir, il faudra le faire même si le pacte logement 2.0 n’est pas encore entièrement en vigueur.

(Vote)

6. Actes et conventions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux actes et conventions.

Il est question notamment de 2 parcelles de 22,50 a au lieudit « Zwischen Lauterbännen » à Niederkorn.

TOM ULVELING (CSV) précise que ces terrains se trouvent à Niederkorn entre Collé et la voie ferrée. D'un côté, il y aura le CID et de l'autre une zone industrielle.

Pour d'autres terrains, les collègues échevinaux précédents ont dû batailler pendant des années. Dans ce cas-ci, Tom Ulveling remercie monsieur Henri Grethen, à qui il a suffi de passer un coup de fil. L'accord a été conclu en deux minutes. C'est probablement un record pour la commune.

(Interruption)

Tom Ulveling constate que monsieur Muller avait préparé le terrain.

(Rires)

Tom Ulveling insiste sur le fait que monsieur Grethen n'a posé aucune condition. Il le remercie à nouveau. Le collège échevinal est en négociation avec un autre propriétaire de parcelle. Ensuite, la commune disposera de tout le plateau mis à part le bout appartenant à Collé. Une zone industrielle pourra y voir le jour.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle au collège échevinal qu'un bout de terrain devra être cédé à monsieur Tavares. Cela figure d'ailleurs dans la convention.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au toit du foyer Kornascht que Sudgaz veut louer pour des installations photovoltaïques.

megeat, wat ee kéint nach drasetzen. Et war awer e bësse spéit, fir déi hei nach mat dranzesetzen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Liesch. Da géife mer zum Vott iwwergoen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'exécution et la convention relatifs au projet d'aménagement particulier « Op de breeden Dréischer » à Oberkorn.

Da komme mer zu Punkt 6a, Actes et conventions. Do geet et ëm zwou Parzelle vun 22,50 Ar „Zwischen Lauterbännen“ zu Nidderkuer. An den Här Ulveling wäert eis elo genau erklären, ëm wat et geet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi Stécker leien op engem Terrain tëschent dem Collé an der Bunn zu Nidderkuer. Déi eng Säit baue mer den CID, an dat hei ass vis-à-vis, wou mer am Fong wëllen eng Zone industrielle kreéieren.

Ech fannen et remarkabel, nodeems mer fir aner Terrainen dräi Joer diskutéiert hunn a verschidde Leit sech bal d'Zänn ausgebass hunn, bis et endlech gaangen ass. Duerfir wollt ech dem Här Henri Grethen vun dëser Plaz aus villmools Merci soen. Ech hunn him ugeruff. En huet mer zwou Froen gestallt. An an zwou Minutte war den Deal perfekt. Ech mengen, esou schnell ass nach keen Deal hei op der Gemeng gemaach ginn. Och dat ass also méiglech.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hat den Terrain scho virbereet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hat den Terrain virbereet.

(Gelaachs)

Mä egal. Den Här Grethen sot: „Wann et fir d'Gemeng ass, da kritt Der en“. Dofir soen ech em vun dëser Plaz aus Merci.

Et gëtt nach eng Parzell, déi mer net hunn, wou mer awer amgaang sinn ze verhandele mam Proprietär. Soudass mer dann dee ganze Plateau hätten. Ausser deem kleng Stéck vir, wat dem Collé gehéiert, déi Nues. Dat heescht, do kënne mer dann elo geschwënn ufänke mat Plangen, fir do eng Zone industrielle draus ze maachen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Si Wuertmeldungen? Här Muller, wannech gelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Just eng kleng Wuertmeldung. Ech wollt den Här Ulveling an de Schäfferot drun erënneren, dass mer mussen e klengen Deel nach zrëcktrieden un den Här Tavares. Am Kader vun den Echangingen hu mer deem en Deel zrëckginn. Mir hate vermierkt, wa mer déi Terrainen hätten, dass hie muss ee klengen Deel fir den Equiliber erëm ze kréien zu deem wat mer virdru schonn ... Dat ass iwwerens och an der Konvention vermierkt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ass nach eng Wuertmeldung zu deem Thema? Da gi mer direkt zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant acquisition de 2 parcelles d'une superficie totale de 22,50 a au lieudit « Zwischen Lanterbännen » à Niederkorn.

Am Punkt 6b geet et ëm d'Diech vum Foyer Kornascht, déi ee ka lounen, fir Photovoltaik drop ze installéieren. Den Här Liesch géif eis dat erläären.

6. Actes et conventions

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Hei ass en éischte Projet, wou d'Sudgaz sech elo investéiert an elektresch Energieproduktioun. Wat mer ausdrécklech begréissen. Si sinn un eis erugetrueden, fir um Daach vum Kornascht eng Photovoltaikanlag ze realiséieren. Dat sinn ongeféier 400 Meterkaree. A si realiséieren de Projet, si finanzéieren dat och. Als Contrepartie kréie mir e Loyer vun 10 Euro pro Kilowatt-Peak op eng Durée vu 15 Joer.

Wat gétt genau installéiert vun der Leeschtung? Dat ass am Moment net ganz präzis, well d'Panneauen dauernd evoluéieren. Mam Stand vun haut kann ee mat 30 Kilowatt-Peak rechnen, déi do kéinten installéiert ginn op där Daachfläch. Soudass mer e Loyer vun 300 Euro hätten, während 15 Joer. Mir géifen der Sudgaz deen Daach zur Verfügung stellen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Eng Wuertmeldung? Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, an deem Kontrakt gesi mer, datt d'Sudgaz, där hir primär Missioun war an ass, fir d'Leit an de Gemenge mat Gas ze versueren, amgaang ass, sech op d'Zukunft ze preparéieren. Sou ass de Gas nach eng vun de méi oder manner propperen Energiequellen. Awer et sinn och fossil Energien.

Mir kënnen eis de Wiederer vum Här Liesch, fir hir Approche, sech op alternativ Energien ze preparéieren an doran ze investéieren, just ënnerstëtzen. Sief et an d'Wandenergie, si sinn am Sudwand engagéiert. Oder wéi hei, wou si mëttlerweil, krut ech gesot, 30 Projeten an hire 14 syndikéierte Gemenge lafen hunn, fir op ëffentleche Gebaier Photovoltaikanlagen opzerichten an ze bedreiwen.

D'Gemeng kascht et näischt. Au contraire, d'Gemeng ass a villfacher Hisiicht Gewënner heibäi. Mer notze besser

ons natierlech Ressourcen, deemno maache mer eppes fir eis Ëmwelt. Mir kréie Locatioun, Sue fir en Daach, dee soss net genotzt gi wier. Si ënnerhalen eis den Daach mat der Anlag. An, wat een net däerf vergiessen, wat net am Kontrakt steet, si maache Benefice dorop. A vu datt déi 14 Gemengen Aktionäre vu Sudgaz sinn, gëtt de Benefice erëm op d'Gemenge verdeelt. Dat heescht, do kréie mer och nach eppes.

Ech denken, dat schwätzt alles fir dese Projet. D'CSV Déifferdeng stëmmt des Locatioun vum Daach um Foyer Kornascht mat an hofft, datt mer zukünftig nach där Kollaboratioun mat der Sudgaz an deem Sënn kënnen ugoen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Léng begréisst mir de Projet. All Daach, dee benotzt gëtt, fir erneierbar Energien ze produzéieren, ass eng gutt Initiativ. D'Sudgaz ass e Partner, un deem mir als Gemeng bedeelegt sinn. Wou et gutt ass, dass dee sech net nëmme méi op fossil Energie konzentréiert, mä och erneierbar Energien exploitéiert.

E kleng Bemoll bei der Saach, dat ass, dass mer no där positiver Initiativ um Stadion zu Uewerkuer, wou mer d'Bierger dorunner bedeelegt hunn, gesot hunn, mir wëilten dat nach eemol maachen a mir géifen am Fong just Diech dofir sichen.

Hei hu mer elo en Daach. A mir hunn et elo net gemaach. Do wollt ech nofroen, ob et weider Ustrengunge gëtt, dass mir awer nach weider Projete maache mat eise Bierger? Wou mer d'Leit dorunner bedeelegen, fir déi Energiewend, déi mer wëllen? Ech soen Iech Merci.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise qu'il s'agit du premier projet où Sudgaz investit dans la production d'énergie. Ils souhaitent aménager des installations photovoltaïques sur le toit du Kornascht. Il est question de 400 m². Le loyer se monte à 10 € par kilowatt crête pendant 15 ans.

La puissance des panneaux n'est pas encore définie, car ceux-ci évoluent sans cesse, mais on peut tabler sur 30 kWc pour un loyer de 300 € sur 15 ans.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le fournisseur de gaz Sudgaz est en train de se préparer pour l'avenir. Il rappelle que le gaz est une énergie fossile.

Les chrétiens sociaux saluent cette évolution en direction d'énergies alternatives — qu'il s'agisse de l'énergie éolienne ou d'installations photovoltaïques. Apparemment, 30 projets sont en cours dans 14 communes.

Differdange sort gagnante de ce projet écologique puisqu'elle touche un loyer pour un toit qui, autrement, ne servirait à rien. En plus, Sudgaz réalisera des bénéfices répartis entre les 14 communes membres, dont Differdange.

Le CSV approuvera la location du toit du foyer de jour Kornascht. Jerry Hartung espère que d'autres collaborations de ce type suivront.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour ce projet. Toute initiative en faveur des énergies renouvelables est bonne à prendre. En plus, Sudgaz est un partenaire de Differdange et il a raison de ne plus se focaliser uniquement sur les énergies fossiles.

Gary Diderich rappelle cependant que la commune a réalisé un projet citoyen semblable sur le toit du stade. Elle a toujours prétendu chercher d'autres toits adaptés. Et voilà qu'elle en trouve un, mais n'en profite pas. Où en sont les efforts pour mettre en place un projet citoyen concernant l'énergie éolienne?

6. Actes et conventions / 7. Office social

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *af-firme que les écologistes soutiennent toutes les formes de production d'énergies alternatives — et particulièrement lorsque la commune met à disposition ses propres bâtiments.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond à monsieur Diderich que trente kilowatts crête ne sont pas suffisants pour un projet citoyen. Le stade par exemple produit 210 kWc. Les nouveaux tarifs de rachat sont connus. La commune pourra donc profiter des nombreux toits plats dont elle dispose.*
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé au point 7, le budget rectifié de 2019 et le budget initial de 2020 de l'office social. Elle constate que monsieur Goffinet n'est malheureusement pas là aujourd'hui.*

ROBERT MANGEN (CSV) *va présenter le budget en l'absence du président. La procédure est la même que tous les ans: le budget permet à l'office social de fonctionner. Malheureusement, Robert Mangen ne dispose pas des statistiques à cause de problèmes informatiques. Monsieur Goffinet reviendra sans doute sur ce point une prochaine fois.*

Les dépenses de l'office social se montent à 4,1 millions d'euros, dont 1,5 million d'euros de frais de personnel et 695 000 € d'avances, c'est-à-dire de sommes d'argent que les gens remboursent par la suite à l'office social. Le bénéfice s'explique par le fait que les avances sont incluses systématiquement dans le budget, même quand les personnes concernées n'ont pas les moyens de les rembourser. Mais en principe, un office social ne peut pas réaliser des bénéfices, sauf dans cette constellation précise.

Le secours se monte à 565 000 €. Il s'agit de sommes d'argent que les clients n'ont pas besoin de rembourser.

Dans le cas de « gestions », les gens versent leur argent à l'office social, qui le gère ensuite. Ce qui reste après le paiement de factures est reversé aux gens pour vivre. En tout,

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Madamm Pregno, wannechgeleft.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wann net déi Gréng, wien dann? Mir begreissen all Form vun alternativer, erneuerbarer Energieproduktioun. An ëmsou méi flott, wa mer ëffentlech Gemengegebaier dofir zur Verfügung stellen. Mir ënnerstëtzen dëse Projet natierlech. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Nach eng Wuertmeldung? Da géif ech dem Här Liesch d'Wuert erëm zrëckginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D'Biergerbedeelegung hate mer eis hei och gefrot. Mä mat 30 Kilowatt-Peak, ass dat e bësse kleng, fir den Opwand ze bedreiwen. Um Stadion sinn et 210 Kilowatt-Peak. Dat ass schonn eng aner Hausnummer. Mä mir sinn op der Sich. Mir hunn dat lescht Joer oder annerhalleft Joer kee gemaach, well d'Aspeisetariffer jo sollten änneren. Déi nei sinn elo bekannt. Domadder kënnen mer schaffe fir nei Diech.

Mir hunn nach substantziell Daachflächen, wou ee méi grouss Anlage ka maachen. Ech fannen déi Form absolut richteg. Mir wäerte weider probéieren, dat ze maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de la toiture du foyer de jour Kornascht avec Sudgaz pour installer des panneaux photovoltaïques.

Merci. Da komme mer zum Punkt 7, dat ass de Budget rectifié vun 2019 an de Budget initial vun 2020 vum Office social. Leider ass den Här Goffinet net hei. En ass jo entschëllegt. Ech géif dem Här Mangen d'Wuert ginn, fir eis doriwwe ze berichten.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech versichen, e bësse Kloeerheet dranzebréngen, vu datt de President net do ass. Et ass ëmmer déi selwecht Prozedur, déi mer all Joers maachen, fir de Budget virzestellen, fir datt den Office social funktionéiere kann.

Leider kann ech keng Statistike bréngen. Déi sinn nach net duerchgefouert, wéi vill Leit dëst Joer do waren. Dat ass amgaang. Et gouf e Problem mat Informatikprogrammer, déi gewiesselt hunn. Déi wäert ech spéiderhin eng Kéier noreechen. Oder den Här Goffinet.

D'Depensé vum Office social gi fir 2020 grob mat 4,1 Milliounen Euro berechent. Dës Ausgaben deene sech op folgend Hauptposten aus: Personalkäschten 1,5 Milliounen Euro, Avancen 695.000 Euro.

Avancen, dat si Suen, déi mir als Office social de Leit bereetstellen, déi si ons erëm zrëck musse bezuelen. Et ass awer doduerch, dat gesitt Der heiansdo am Budget, datt do och Benefice ass. Dat kënnt doduerch zustanen, datt d'Avancen als berechent ginn. Datt d'Leit déi erëm zrëckbezuelen, wat net ëmmer de Fall ass. Et ass net ëmmer méiglech, datt d'Leit déi Suen erëm zrëckbezuelen. Da bleiwen déi Suen, déi ons a sech zoustinn, ëmmer am Budget derbäi.

En Office social kann normalerweis kee Boni maachen. Dofir ass e bëssen déi speziell Konstellatioun, déi mer hei am Budget hunn.

Secours ass berechent mat 565.000 Euro. Secours, dat si Suen, déi mir als Office social ausbezuelen, mä déi d'Leit net zrëck musse bezuelen.

Da si Gestioune vu Leit. Dat heescht, do kréie mir d'Sue vun de Leit zur Verfügung gestallt a mir maachen d'Gestioune vun de Suen. Mir bezuelen all hir Rechnungen. A ginn hinnen déi Suen,

7. Office social

déi nach iwwreg bleiwen, fir ze liewen. Dat ass eng Zomm vun 980.000 Euro. Et sinn ongeféier ëm déi 45 Leit, déi bei ons an der Gestiou sinn.

Beim Secours, deen ausbezuelgt gëtt, fannt Der haaptsächlech dräi Haaptposten. Dat eent ass d'Alimentatioun mat 150.000 Euro. Dat sinn Iessbongen, d'Ënnerstëtzung vun Iessen, wat mer de Leit zur Verfügung stellen, ginn do matagerechent.

Loyer, Wunnenge gi mer 85.000 Euro aus.

Medezinesch Ausgaben: 210.000 Euro. Medezin ass alles matagerechent, d'Doktesch-Rechnungen, d'Aptiktesch-Rechnungen, d'Zännoktesch-Rechnungen. Alles, wat mat Medezin zesummenhängt. Et ass schonn eng appreciabel Zomm. Et ass e bëssen ënnerdeelt. Medikamenter: 60.000 Euro. D'Doktesch-Rechnungen: 50.000 Euro. An den Tiers payant: 60.000 Euro.

Dat heescht, wann ee bei den Dokter geet, kritt een eng Rechnung. Do bezilt d'Krankekeess een Deel zréck. Do bleift ëmmer en Deel iwwreg. Mir hu viru Joren am Office social gesot, wann d'Leit scho keng Suen hunn, fir d'Doktesch-Rechnung ze bezuelen, datt mir déi Differenz, déi nach iwwreg bleift, als Office social iwwerhuelen. Dat si 60.000 Euro. Dat ass schonn e ganz appreciabele Montant.

Hei zu Déifferdeng géif sech den Tiers payant généralisé positiv op d'finanziellt Ëmfeld vun den Haushalter auswirken. Ech begreissen, datt d'Diskusioun vum Tiers payant généralisé kënnt. Et si Leit, déi net dermadder averstane sinn. Anerer schonn. Vue d'Situatioun vun Déifferdeng, mengen ech, datt dat sécherlech sënnavoll ass.

Zu Lëtzebuerg hu mer 18 Prozent vun der Bevëlkerung déi an enger Situatioun vu Pauvreté sinn. Dat si Leit, déi manner wéi 2.000 Euro pro Mount zur Verfügung hunn, fir all hir Ausgaben, déi se maachen. Wann een d'Wunneng hält, wat dat kascht, d'Doktesch-Rechnungen, alles, da bleift herno net méi vill iwwreg, fir ze liewen.

D'Recetten, d'Contrepartie, huet déi selwecht Opdeelung: Secours, Avancen, Gestiou a Personalkäschen. Mä hei

kënnt nach d'Dotatioun vun der Lotterie Nationale derbäi. Dëst Joer stinn eis 450.000 Euro zur Verfügung. Mat deene Sue kënne mir Projete maachen oder Leit ënnerstëtzen. Dat gëtt decidéiert am Conseil d'administration. Mir hu scho kleng Iddien, wat mer eventuell mat deene Sue maachen. Mä dat géif ech, wann de President do ass, spéider an de Gemengerot bréngen.

Mir bleift nach iwwreg, de Leit, déi am Office social schaffen, all Merci ze soe fir déi Hëllef, déi se fir déi Bedierftig an eiser Stad maachen. Den Asaz ass net ëmmer einfach. E grouss Merci fir déi Hëllef, déi se fir ons Gemeng maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Mangel. D'Madam Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Och wann ech mam Tiers payant généralisé net ganz dem Här Mangel senger Meinung sinn, wollt ech am Numm vun déi Gréng der Ekipp vum Office social Merci soen, fir déi Aarbecht, déi se gelescht hunn. Ech war selwer zwee Joer am Office social a weess, wéi eng Aarbecht do ass. Se ass leider net manner ginn. Ech mengen, dass ganz wichteg ass, dass een oppasst, dass d'Schéier tëscht Aarm a Räich net nach méi grouss gëtt. Dat do ass ee Punkt, wou ee kann dorobber awierken. Well Problemer hu mer der wierklech vill.

Wa grouss Boni am Bilan steet – et ass wäit ewech vu Boni. Et sinn natierlech ganz vill Suen, déi theoretesch missten erëmbezuelgt ginn. Mä déi et net wäerte ginn. Mä ech mengen, et sollt een dat awer extrem ënnerstëtzen. Ech fannen et gutt, dass mer oppassen, dass d'Leit ze iessen hunn, anstänneg Logements-méiglechkeeten hunn, se net d'Elektresch ofgespaart kréien. An dann, well se net bezuelen hunn, nach eng zousätzlech Kéier bezuelen, fir dass en erëm ageschalt gëtt.

Dat si Saachen, ëm déi den Office social, ënner anerem, sech gekëmmert huet. Dat ass ganz positiv. Ech soen nach eng

cela représente 980 000 € pour 45 personnes.

Parmi le secours figure l'alimentation pour 150 000 €, le loyer pour 85 000 € et les dépenses médicales pour 210 000 €. Cette dernière somme comprend 60 000 € pour les médicaments, 50 000 € pour les honoraires et 60 000 € de tiers payant. À Differdange, le tiers payant généralisé aurait un impact positif sur les finances des ménages. Mais Robert Mangel sait que tout le monde n'est pas du même avis.

Au Luxembourg, 18 % des gens sont en situation de pauvreté. Ils disposent de moins de 2000 € par mois. Quand on soustrait le logement et les honoraires médicaux, il ne reste pas grand-chose.

Les recettes se composent des mêmes catégories et de la dotation de la loterie nationale. En tout, il s'agit de 450 000 € servant à soutenir les gens dans le besoin et à réaliser des projets. Le conseil communal sait déjà comment il entend dépenser cet argent, mais Robert Mangel préfère que ce soit le président à présenter cette partie au conseil communal.

L'échevin remercie tous les collaborateurs de l'office social. Leur travail n'est pas toujours facile. Un grand merci pour ce qu'ils font pour Differdange.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) ne partage pas le même avis concernant le tiers payant généralisé.

Elle remercie à son tour l'équipe de l'office social pour son travail.

Ayant travaillé deux ans à l'office social, elle sait quel type de travail y est réalisé. Il faut absolument veiller à ce que la fourchette entre les riches et les pauvres ne s'élargisse pas. Car Differdange a beaucoup de problèmes.

Nicole Wohl explique que le boni n'en constitue pas vraiment un. Il s'agit de sommes d'argent devant être remboursées en théorie, mais qui ne le seront probablement pas.

La commune doit veiller à ce que les citoyens aient un logement, de quoi manger, de l'électricité, etc. Ce sont des éléments dont s'occupe l'office social.

Nicole Wohl remercie une nouvelle fois toute l'équipe.

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie à son tour toute l'équipe de l'office social et du conseil d'administration pour son travail compétent au service des citoyens.

L'office social recueille toutes sortes de demandes. C'est pourquoi la journée de travail de l'équipe varie grandement. Avec la croissance de la population, le nombre de visites augmente automatiquement. L'aide aux nécessiteux s'inscrit dans la continuité des années précédentes.

Christiane Saeul souhaite mentionner le volet de la santé, des médecins, des pharmacies, de l'hôpital et des kinés.

Les frais d'alimentation se composent de l'épicerie sociale et de bons alimentaires.

Christiane Saeul cite ensuite l'aide au logement, les avances, le secours, le loyer...

Vivre au Luxembourg coute cher. La demande en logements abordables n'a jamais été aussi élevée. Il suffit de voir la file devant la Société nationale d'habitations à bon marché.

Il y a aussi les « working poor ». Ce sont souvent des jeunes, des familles ou des familles monoparentales. Au Luxembourg, 13,5 % des travailleurs sont considérés comme pauvres.

Tout cela démontre qu'il faut plus de logements à cout modéré au Luxembourg. Christiane Saeul rappelle que la Société nationale d'habitations à bon marché réalise un projet dans la route de Pétange. Elle y a vu une excavatrice.

Le DP approuvera les budgets rectifié et initial de l'office social.

JERRY HARTUNG (CSV) annonce que les chrétiens sociaux approuveront le budget. L'argent est bien investi dans l'aide aux nécessiteux.

Le budget de l'office social ne cesse de croître, ce qui n'est pas un bon signe. L'aide au loyer passe de 45 000 € à 80 000 € et l'aide alimentaire de 115 000 € à 150 000 €. Parmi les nouveaux postes figure l'aide aux enfants pour 18 000 €. Jerry Hartung salue l'initiative consistant à aider de manière ciblée les enfants, mais regrette que le Luxembourg n'arrive pas maîtriser les inégalités. Les frais de logement

Kéier der ganzer Ekip, et ass eng grouss ewell, Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Kollegen a Kolleginnen, Dir Hären, zum Budget rectifié 2019 an Initial 2020, wéilt ech als Éischt deem ganze Staff vum Office social a sengem Conseil d'administration félicitéieren a Merci soen, fir déi kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen, am Sënn vun hirem sozialen Engagement fir de Bierger. A wënschen eis weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht.

Den Office social ass eng Ulafstell fir e grouss Volet vun Demanden. Esou entsteet fir de Staff en Dag mat engem ganz variablen Aarbechtsloft. Doduerch, dass d'Unzuel vun eiser Population all Joer an d'Luucht geet, geet och d'Unzuel vun de Visitten am Office automatesch erop.

Am Budget 2020 ass d'Aide aux nécessiteux – sou wéi den Här Mangen scho gesot huet, hu mer oft sollicitéiert Posten – an der Kontinuitéit. Ech wëll eraushiewen: dee ganze Beräich Santé, iwwer Dokter, Apdikt, Spidol, Kiné an esou weider. D'Frais d'alimentation, wou mat Bonge fir Alimenter an der Épicerie sociale ënnerstëtzt gëtt. D'Aide au Logement. D'Avancen, wéi Secours, fir Loyer oder Virstrecke vun der Garantie-Loyer.

Wunnen zu Lëtzebuerg ass deier. D'Demande vun abordablem Wunnraum war nach ni esou héich wéi haut. Dat hu mer jo erschreckend festgestallt, wéi d'Leit deslescht virun der Société Nationale d'Habitation à Bon Marché campéiert hunn, fir eng Wunneng ze kréien.

Dat bréngt mech zum Thema Working poor. Do wou een Undeel vu Mënschen, trotz Aarbecht, sech oft aarm schafft. Jonk Leit a Familljen, zum Beispill, déi an der Aarbechtswelt nach kee feste Fouss fonnt hunn, oder monopa-

rental Familljen, sinn dësem Risiko ausgesetzt. Laut Statec vun 2010, wéi scho gesot, sinn hei zu Lëtzebuerg 13,5 Prozent vun de schaffende Leit, vu Working poor betraff.

Fazit dovunner wär: Gebraucht gëtt hei zu Lëtzebuerg méi bezuelbare Wunnraum. Affaire à suivre. Et gëtt jo an der Chamber vill dovunner geschwat. Positiv ass, dass d'Aarbechten um Péitenger Wee zu Nidderkuer vun der Société Nationale d'Habitation à Bon Marché um Lafe sinn. Ech hunn de Bagger do stoe gesinn. Ech soe Merci fir d'Nolauschten. D'DP stëmmt de Budget vum Office social rectifié an Initial 2020.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieeder vun der Déifferdenger CSV stëmmen mer dëse Budget mat. Et si gutt investéiert Suen, fir de Leit, déi Hëllef brauchen, dës zoukommen ze loosse.

Wa mer d'Zuele kucken, gesi mer, dass de Budget vum Office social ëmmer méi grouss gëtt. Dëst ass kee gutt Zeeche fir eis Gesellschaft. E puer Zuele erausgepickt: D'Hëllef bei de Loyere geet vu 45.000 Euro op 80.000 Euro erop. D'Hëllef bei lesse vun 115.000 Euro op 150.000 Euro.

Et ginn nei Budgetsposten geschafen, zum Beispill Hëllef fir d'Kanner, wat 2018 nach net virgesi war. Elo ass e Gesamtmontant vun 18.000 Euro virgesinn. Wou mer frou sinn, dass d'Kanner elo och méi geziilt gehollef kréien. Aneersäits staark bedauern, dass mer hei zu Lëtzebuerg et net fäerdegbréngen, déi sozial Ongerechtegkeet méi an de Grëff ze kréien.

Och wa mer elo mat neie Budgetsposten d'Montanten an d'Breet verlagere, sinn déi héich Wunnkäschten ee vun den Haaptgrënn fir dës soziale Misär. Wann de Logement méi bëlleger wier, hätte vill Leit genuch iwwreg, fir d'Rechnungen, fir hiert Essen, hiert

7. Office social

Waasser, hire Stroum, hir Gesondheet an esou weider, ze bezuelen.

Dofir si mer frou, datt mer hei zu Déif-ferdeng vill a sozial Projekte stiechen. A besonnesch och am soziale Wunnengsbau ganz aktiv sinn. Meng Virriedner si schonn drop agaangen. Natierlech geet et net duer. Dat weist ons dësen Exercice. Mer musse weider kucken, wat mer als Politik kënn maachen, fir dëse sozialen Ongläichheeten entgéintzewierken.

Am Numm vun der CSV wëll ech ofschléissend dem ganze Staff vum Office social Merci soen, déi all Dag hiert Méiglechkeet maachen, fir hire Clienten an hire prekäre Situatiounen ze hëllefen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir vun der LSAP bedauern, dass mer esou en héije Budget haut musse votéieren. Mir hoffen, dass eis Gesellschaft eng Kéier an eng aner Richtung kënnt. Dass déi prekär Situatioun fir e Groussdeel vun de Lëtzebuerger Biergerinnen a Bierger ophéiert a mer de Budget kënnen eroffueren oder op d'mannst zrëckfueren.

Mir gesinn, dass d'Aide aux nécessiteux – den Här Mangel hat eis jo gesot, wat am Detail do alles gelescht gëtt – vun 1.019.000 Euro 2018 op 1.345.000 Euro eropgeet. Dat an zwee Joer. Do gesi mer, wéi d'Tendenz ass. Déi ass zimmlech steigend.

Et ginn eng ganz Partie Prestatiounen an Aiden un déi Leit ausbezuelet. Et gëtt awer net nëmmen hinne gehollef, fir hir finanziell Saachen ze reegelen. Et ginn och Aktiounen gemaach iwwer eist Personal, fir hinnen ze hëllefen, fir mat hirer Situatioun besser fäerdeg ze ginn. Oder eventuell Demarchen um administrative Plang, sief dat bei verschidde-
ne Ministère an esou weider, fir hir Situatioun ze verbesseren.

Begrëssenswäert ass, op der Säit vun de Recetten, dass Avances remboursables, dass dat e gewësse Betrag ass, dee konstant ass. Deen awer och zrëckbezuelet gëtt. Wann d'Leit eng Aide kréien a wa se eng Avance kréien, déi bezuelen déi, vläicht net alleguer – kënn secher net alleguer maachen –, mä et gëtt awer zrëckbezuelet. Et ass net esou, dass dat direkt à fond perdu ass.

Ech wëilt e Wuert soen zum Tiers payant, dee jo elo anescht soll heeschen. Dee belaascht staark déi prekär Situatioun vun deene Leit, déi net vill verdéngen oder um ënneschten Niveau sinn.

Dat belaascht awer och Leit, oft Rentner oder Rentnerinnen, déi vläicht net méi dee Verdéngscht hu wéi déizäit, wéi se geschafft hunn. Déi awer net onbedéngt op den Office social ginn. Awer dat cumuléiert sech. Déi Betrag, déi mussen am Viraus bezuelet gi fir d'medezinesch Prestatiounen.

Deene Leit kënn déi nei Formule entgéint, wou dann en anere Bezuelungsmodus ass, loosse mer et emol esou nennen. Dat kënn allgemeng de Leit aus der Bank zegutt. An ech mengen awer net, dass d'Dokteren doduerch géifen eppes manner kréien. Dat kann ech mer kaum virstellen. Soudass mir, op jidde Fall als LSAP, deen neie Modus als ganz positiv fir d'gesamt Populatioun ugesinn.

Et bleift nach just ofzeschléissen, andeem ech och deene Leit, sief dat dem Conseil d'administration, wéi der ganzer Administratioun, wat elo eng grouss Ekipp ginn ass, wéi scho gesot ginn ass hei, e grouse Merci soen, fir alles, wat si maachen am Interêt vun deene Leit, déi net grad esou gutt bemëttelt sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo e Bericht kritt vum Här Schäffen. Doraus

sont en grande partie responsables de la misère sociale. Si les loyers étaient moins élevés, il resterait assez aux gens pour manger, boire, payer l'électricité...

Jerry Hartung salue l'engagement de Differdange dans les projets sociaux. Il sait que ce n'est pas suffisant. C'est pourquoi la politique doit continuer de lutter contre les inégalités.

Le CSV remercie l'équipe de l'office social pour aider les gens en situation de précarité.

ERNY MULLER (LSAP) regrette qu'il faille approuver un budget aussi élevé. Il espère que la société réussira à retourner la situation, à mettre fin à la précarité et faire baisser le budget de l'office social.

L'aide aux nécessiteux passe de 1 019 000 € en 2018 à 1 345 000 € en 2020. La tendance est donc à la hausse.

Les prestations de l'office social ne sont pas uniquement pécuniaires. L'office social soutient également les gens dans leurs démarches administratives, par exemple auprès des ministères, pour améliorer leur situation.

Parmi les éléments positifs figure le fait que les avances remboursables restent constantes et que cet argent est finalement remboursé dans de nombreux cas. Bref, ce n'est pas un investissement à fond perdu.

Le tiers payant fait mal aux personnes gagnant peu, mais aussi aux retraités, dont les revenus ont baissé par rapport à quand ils travaillaient. En plus, ces gens ne sont pas forcément des clients de l'office social. Le tiers payant généralisé soulagera les personnes dans le besoin sans que les médecins y perdent quoi que ce soit. Les socialistes y sont donc favorables.

Erny Muller remercie le conseil d'administration et l'équipe de l'office social pour tout ce qu'ils font dans l'intérêt des nécessiteux.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que l'office social est financé à 50 % par la commune et à 50 % par l'État.

Les dépenses pour payer les loyers, les médicaments et les aliments sont impressionnantes. Et la tendance n'est pas à la baisse. Cela si-

7. Office social

gnifie que les inégalités au Luxembourg augmentent.

Le rapport présenté par le collègue échevinal aujourd'hui ne représente que la pointe de l'iceberg. Quand on sait que 1/5 de la population vit sur le seuil de pauvreté, la situation est pire que ce que les chiffres laissent entendre. Il est question de 18 %, mais en réalité, 30 % des ménages ont du mal à joindre les deux bouts d'après la Chambre des salariés. Plus de 10 % des gens ne s'en sortent pas avec leurs revenus. Une des explications réside dans le fait que 40 % des jeunes de 15 à 24 ans ont un contrat à durée déterminée.

Bref, cette situation n'est pas due à une catastrophe naturelle, mais est la conséquence des décisions économiques et politiques du gouvernement. Or la plupart des conseillers communaux sont membres de partis représentés à la Chambre des députés.

Il serait temps de faire le lien entre la croissance des bénéfices des banques et des entreprises, et l'augmentation de la pauvreté. Car cela a des répercussions sur les Diffe-dangeois.

Il a été question du logement. Mais ces problèmes sont aussi la conséquence des décisions prises. 63 % du terrain à bâtir luxembourgeois est entre les mains de 176 spéculateurs pour une valeur de 13,5 milliards d'euros. Dans ce contexte, il est facile de laisser couler une larme et d'espérer que la situation évoluera. Mais rien ne changera tant que la politique économique restera la même.

C'est pourquoi Ali Ruckert demande aux conseillers communaux de réaliser qu'ils peuvent agir. Car le budget de l'office social va continuer à augmenter d'année en année tant que le gouvernement ne prendra pas les bonnes décisions.

En tant que communiste, Ali Ruckert va approuver le budget malgré tout parce qu'il vient en aide aux pauvres.

Le tiers payant social est une bonne chose, mais uniquement pour ceux qui n'ont pas de moyens. Or il existe des gens qui ne sont pas considérés comme pauvres, mais qui n'ont pas les moyens non plus.

gesäit een, dass dat, wat d'Gemeng – an de Staat, muss ee soen, well dat gehéiert nëmmen nach zu 50 Prozent der Gemeng an zu 50 Prozent dem Staat –, wat do Sue fléissen, fir Loyerer ze bezuelen, Medikamenter ze kafen, Lie-wensmëttel ze finanzéieren.

Do gesäit een, wann een dat an der Tendenz kuckt, dass et net ofhëlt. Mä dass et ëmmer zouhëlt. Dat heescht, dass déi sozial Ongerechtegkeeten zu Lëtze-buerg net méi kleng, mä méi grouss ginn. Soss wär dat net de Fall. Et sinn hei e puer Beispiller genannt ginn. Dat hei ass jo nëmmen d'Spëtzt vum Äis-bierg, muss ee soen, vun der Aarmut zu Lëtzebuerg. Wa bal ee Fënneftel vun der Bevëlkerung op der Aarmutsgrenz leeft, da gesäit een, dass dat vill méi ver-breet ass, wéi dat elo hei an deene Chif-feren zum Ausdrock kënnt.

Et ass gesot ginn, iwwer 18 Prozent sinn dat. Et muss een och soen, dass do-riwwer eraus 30 Prozent vun de Stéit Schwieregkeeten huet, um Enn vum Mount iwwerhaapt déi zwee Enner ze-summenzekréien. Dat ass also vill méi e grouse Prozentsaz wéi d'Chambre des Salariés an hirer Etüd festgestallt huet. 30 Prozent, also bal een Drëttel.

Iwwer 10 Prozent vun de Männer an de Fraen, déi schaffen, dass déi net aus- komme mat hire Suen. Da muss ee ku- cken, vu wat kënnt dat dann? Ma dat kënnt, zum Beispill, dohier, dass an der Tëschenzäit, d'lescht Joer, 40 Prozent vun alle jonke Leit am Alter vu 15 bis 24 Joer, nëmmen e befristen Aarbechts- ver- trag huet.

Do gesi mer, dass mer et net mat enger Naturerscheinung ze dinn hunn, mä dass mer et mat Folgen ze dinn hu vun ekonomeschen a politeschen Decisiou- nen, déi geholl ginn hei am Land, an der Regierung. An déi meescht vun Iech si jo an enger Partei, déi an der Regie- rung ass. Oder an der Oppositoun op d'mannst an der Chamber. Déi kéinte sech mat deene Problemer do befaas- sen.

Well wa mer gesinn, dass d'Profitter vun de grouse Banken a vun de Betri- ber nach ëmmer wuessen a parallel wiisst d'Aarmut zu Lëtzebuerg, da kéint ee jo vläicht op d'Iddi kommen, dass et do en Zesammenhang gëtt. Wann een e bëssen iwwerleet. Ech men-

gen, domat sollt ee sech och befaassen. Well dat si jo alles Saachen, déi negativ Auswirkungen op eis Awunner hei zu Déifferdeng hunn.

Et ass vir- drun, mat Recht, gesot ginn, dass ee vun de Problemer ass, dass d'Leit hir Wunnengen net kënne bezue- len. Dat ass ganz grav. Mä och dat hänkt vun deenen Decisiounen of, déi geholl ginn, dass dat esou ass.

Wann zu Lëtzebuerg, wéi dat haut de Fall ass, 63 Prozent vum verfügbare Bauland an engem Wäert vun 13,5 Mil- liarden Euro an der Hand vun 176 Grondstéckspekulante sinn – wéi ass dat méiglech, wann do net déi politesch Parteien, déi Responsabilitéit hunn, net domat d'accord wäeren? Dat ass dach d'Folleg vun där Politik.

An déi kréie mir hei zu Déifferdeng ze spieren, all Dag. Da kann een hei zwar vläicht eng Tréin vergéissen oder soen, ech hunn d'Hoffnung, dass dat sech än- nert. Dat ännert sech net, esou laang déi Decisiounen ekonomesch a poli- tesch méiglech sinn.

An dofir géif ech Iech bieden, Iech Ge- danken doriwwer ze maachen, dass ee kann drop awierken. Well d'Realitéit ass déi, dass mir zwar all Joer dee Bud- get kënne stëmmen. Mä vu Joer zu Joer geet en an d'Luucht. An e wäert och d'nächst Joer erëm an d'Luucht goen an d'iwwernächst Joer erëm an d'Luucht goen, vu dass net déi richtig Decisioun um Niveau vun der Regie- rung an der Ekonomie geholl ginn.

Ech wëll awer hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei trotzdeem dee Budget stëmmen, well e wierklech deen- Ärmste vun deenen Aarmen zegutt kënnt.

Ech wëll awer nach, well dat elo hei ugeklongen ass, e Wuert soen zum Tiers payant généralisé.

Mer hunn den Tiers payant social. Wat ganz positiv ass fir déi Leit, déi wierk- lech guer keng Moyenen hunn. Mä d'Realitéit ass och déi, dass et vill aner Leit gëtt, déi net zu deenen Ärmste gehéieren, déi keng Moyenen hunn. An dass et relativ vill Rentner zum Beispill gëtt, déi sech et iwwerleeën, ob se am Enn vum Mount nach Suen ausgi fir Medezin. A sech iwwerleeën, ob se iw-

7. Office social

werhaapt nach bei den Zänn Dokter ginn. Och dat gött et. An dat gött et ëmmer méi.

A wat dorop hiweist, dass déi Situation esou komplizéiert ass, dat ass, dass d'Krankekeess am leschte Joer – lauschtert gutt – 200.000 Checken ausgeschriwwen huet, dass d'Leit hir Suen direkt sollen zréckkréien. Wann d'Leit keng finanziell Problemer hätten, da kéinte se jo e Mount oder zwee Méint waarden. D'Leit ginn awer een, zwee Deeg méi spéit op d'Krankekeess, fir déi Suen ewechzehuelen. 200.000 Checker! Do gesäit een, wéi grouss de Problem ass.

An dofir wär et, op d'mannst an den Ae vun der Kommunistescher Partei, ganz wichtig, dass den Tiers payant généralisé direkt géif kommen. An net eréischt an zwee, dräi Joer, wéi d'Regierung dat elo ugekënnegt huet. Well domat kéinte Leit vill gehollef ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt haut, um Weltkannerdag, mech beim Thema Aarmut virun allem op d'Kanner fokusséieren. Mir gesinn an eisem Budget, dass d'Aide aux enfants beträchtlech eropgeet. Den Här Hartung huet et gesot. Am Aktivitéitsbericht vum LISER vum 2018 hu se op eng europäesch Etüd opmierksam gemaach, déi weist, dass mer als Lëtzebuerg zwar am Gesamt-EU-Vergleich, souzesoen, net esou schlecht do stinn. Mä all Kand, wat net bei Kollege spille ka goen aus finanzielle Grënn – dat sinn zum Beispill 2,3 Prozent –, ass ee Kand ze vill.

Mir sinn do méi schlecht wéi Däitschland oder wéi Schweden. Schweden ass am Allgemengen am Beräich Kannerarmut ganz, ganz staark. Mir sinn net

esou staark, wéi sech dat misst gehéiere fir e räicht Land, wat mer sinn.

Firwat ass dat esou? Well déi sozial Ongläichheeten ëmmer méi an d'Luucht ginn, amplaz dass se zréck ginn. Mir kënnen d'Liewenskonditiounen mat méi bezuelbarem Wunnraum besser maache fir eis Bierger. An dat solle mer och maachen. Mä mir kréien domadder net déi sozial Ongläichheeten an de Grëff, wa mer weider eng ongerecht Steuerpolitik hunn an einfach déi Accumulation och vum Patrimoine immobilier esou zouloossen.

Ech fannen et wichtig, drop opmierksam ze maachen, dass wierklech och Kanner dovunner betraff sinn. An dass et grad an där Zäit vum Liewen wierklech vill ausmécht fir d'Entwécklung vun engem Kand, an der Aarmut ze liewen. Wa Kanner sech keen zweet puer Schong kënnen leeschten oder mat zerfatzte Schong mussen duerch d'Géigend lafen, da schwätze mer vun engem Prozent zu Lëtzebuerg.

Wa se mol keng Vakanz am Joer kënnen maachen. Et ass jo och do, wou zum Deel déi Hëllefeng hihi vum Office social, do schwätze mer vun 9,4 Prozent hei zu Lëtzebuerg. A just 5,5 Prozent a Schweden, zum Beispill. Oder 2,7 Prozent, déi net reegelméisseg Sport oder Musek kënnen maachen. Wou mer als Déifferdenger Gemeng duerch dee Subsid fir d'Kotisationen schonn eppes méi maache wéi vill aner Gemengen. Dann ass dat eng Realitéit, déi mer op jidde Fall net sollen ignoréieren.

Ech bedauern, dass mer dëst Joer eng Decisioun geholl hunn, déi ech och kritiséiert hunn an eng Korrektioun virgeschloen hat, dat ass d'Allocation de solidarité. Ech wollt froen, wéini mer do kënnen en Tëschebilan vun deem neie Modell an deene Pourcentagë kënnen presentéiert kréien. Fir ze wëssen, well jo och elo d'Budgetdiskussiounen kommen, ob sech dat confirméiert, dass mer eis do geiert hunn, wär et gutt ze wëssen, ob vill Leit a wéi eng Fäll do betraff sinn a wéi déi Hëllef sech gestalt.

Am beschte Fall, an dat ass mengen ech dat, wat jo och gesot ginn ass scho vu Virriedner, brauche mer keng Hëllefeng auszebezuelen, mä hu sozial Gerechtheet doduercher, dass stabel a gutt bezuelten Aarbechtsverhältnissen bestinn.

Par exemple des retraités qui ne peuvent pas consulter un dentiste. L'année dernière, la Caisse de maladie a émis 200 000 chèques pour rembourser les affiliés. Si les patients n'avaient pas de problèmes financiers, ils pourraient attendre un ou deux mois pour se faire rembourser. Mais ils préfèrent se rendre à la Caisse de maladie un jour après la consultation. C'est pourquoi le tiers payant généralisé est nécessaire aujourd'hui, et pas dans deux ou trois ans. Car cela permettrait d'aider les gens.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) va se concentrer sur les enfants pour la Journée mondiale de l'enfance.

L'aide aux enfants augmente de manière conséquente. Le Luxembourg s'en tire plutôt bien dans une étude européenne. Mais chaque enfant ne pouvant pas aller jouer chez ses copains pour des raisons financières est un enfant de trop. Et il y en a 2,3 %. En plus, le Luxembourg est moins bien classé que l'Allemagne ou la Suède. Un pays aussi riche peut faire mieux. Mais les inégalités sociales sont en croissance.

Il y a du pain sur la planche en ce qui concerne le logement à cout modéré. Les inégalités sociales ne pourront pas être maîtrisées tant que la politique fiscale sera injuste et que l'on permettra l'accumulation du patrimoine immobilier comme c'est le cas maintenant.

Gary Diderich insiste sur le fait que les enfants sont concernés par la pauvreté et que cela influence fortement leur développement. 1 % des enfants ne peuvent pas se permettre une deuxième paire de chaussures et 9,4 % ne peuvent pas partir en vacances contre 5,5 % en Suède. 2,7 % ne peuvent pas faire du sport ou de la musique, même si à Differdange la situation est un peu différente grâce au subside communal.

Gary Diderich regrette la décision prise cette année par le conseil communal concernant l'allocation de solidarité. Quand le collège échevinal présentera-t-il un premier bilan? Celui-ci pourrait confirmer que la commune a commis une erreur.

Idéalement, une commune ne devrait pas avoir besoin de verser des

7. Office social / 8. Règlements

aides sociales. Chacun aurait un travail rémunéré comme il faut avec un salaire minimum jouant un rôle important.

ROBERT MANGEN (CSV) répond qu'il ne dispose pas encore de chiffres définitifs pour l'allocation de solidarité.

Lundi, il a assisté au conseil d'administration de la Croix-Rouge, où il a été question de logement. La Croix-Rouge est disposée à soutenir les gens ayant du mal à vivre seuls. À la Ville de Differdange de voir si elle veut acquérir des maisons à l'avenir pour aider les personnes dans le besoin. Robert Mangen rappelle que la commune a mis en place un projet similaire dans le quartier Arboria sur le plateau du Funiculaire pour loger des jeunes. Si certaines familles n'ont pas les moyens de permettre à leurs enfants de jouer de la musique ou faire du sport, Robert Mangen leur demande de se rendre à l'office social. Car chaque enfant devrait pouvoir prendre part à ce type d'activités. Robert Mangen répète que si nécessaire, les parents ont droit au soutien de l'office social. Cette semaine, le CIGL a inauguré le Butzebuttek, qui vend des jouets et des vêtements à prix réduit. Robert Mangen en profite pour lancer un appel aux personnes ayant des jouets ou des articles pour enfants dont ils n'ont plus besoin. Ils peuvent les déposer à la boutique ou les faire enlever chez eux. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux règlements temporaires de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit des règlements habituels. Deux méritent d'être soulignés.

À l'Entrée en ville, un parking est désormais accessible avec un badge pour les entreprises du chantier de la tour Aurea et des écoles. Ces entreprises se garaient devant les garages. Désormais, la situation est plus calme. Les contrôles sont aussi plus fréquents.

À Lasavagne, le flux de la circulation a changé parce que le chantier se trouve désormais entre la partie

A jidderee kann op enger Plaz schaffen, wou en ugemosse bezuelt gëtt. Wou natierlech och de Mindestloun eng Roll spillt, dee just liicht eropgaangen ass a vill méi misst eropgoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich.

ENG STÈMM:

Très bien !

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da géif ech d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Mangen ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

D'Allocation de solidarité, déi si se nach am Gaangen ze berechnen. Do hu mer nach keng endgültig Chifferen. Soubal mer se hunn – do sinn ech och derhannert, dat interesséiert mech och.

Den Här Ruckert huet, wéi ëmmer, recht gutt Bemierkungen. Wunnraum, do war ech net méi spéit wéi e Méindeg am Conseil d'administration vum Roud-Kräiz an der Stad, wou mer iwwert d'Wunne geschwat hunn. D'Rout-Kräiz ass deelweis bereet, Leit ze ënnerstëtzen, wann Träger do sinn, déi Haiser oder Wunnengen hunn. Wou se Leit, déi Schwieregkeeten hunn, eleng ze wunnen, hëllefen.

Do ass et un ons als Gemeng ze kucken an Zukunft, ob mer Haiser opkafen, fir Leit ënnerzekerien. Ech mengen, dat wär e Bäitrag vun enger Gemeng fir Leit, déi sech net esou gutt stinn an déi net gutt eens ginn. Datt mer deenen ënnert d'Äerm gräifen.

Mir hunn dat scho mam Projet Arboria um Funiculaire gemaach, wou mer déi Jugendlech ënnerbréngen. Mä et ass nach vill Bedarf do.

Wa Kanner sinn, déi sech verschidde Saachen net leeschte kënnen, ob dat Musek ass oder Sportsaktivitéiten,

kann ech nëmmen en Appell maachen un d'Elteren. Et ass natierlech e Wee, dee se musse maachen, an den Office social ze goen. Ech mengen, dat därer an engem entwéckelte Land wéi Lëtzebuerg net de Fall sinn. Et misst all Kand kënnen Sport maachen oder u kulturellen Aktivitéiten deelhuefen.

Wann et Situatiounen gëtt, wou d'Elteren net eens ginn, da solle se sech, wannechgelift, um Office social mellen. Datt mer d'Situatioun kucken a wéinstens op déi Aart a Weis kënnen hëllefen.

Dës Woch huet de CIGL de Butzebuttek ageweit. Wou och Spillsaachen a Kleeder zu bëllegen Tariffer zur Verfügung stinn. Fir Leit, déi finanziell net esou gutt dostinn. Ech maachen en Appell un d'Leit, déi nach Kannersaachen hunn oder Spillsaachen, déi se net méi brauchen. Si kënnen déi roueg am Buttek ofginn oder do uruffen. Déi Saache ginn och bei hinnen doheem ofgehol.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2019 et le budget initial 2020.

Merci. De Punkt 8 si Règlements communaux temporaires de circulation. Här Liesch, ech ginn Iech d'Wuert direkt virun.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et sinn déi üblech Saachen, déi mer ëmmer hei hunn. Ech wollt vläicht just zwou eraushiewen. An der Entrée en ville hu mer e Parking ausgewisen, mat Badge, fir d'Entreprises, déi un der Tour Aurea schaffen an um Lycée vun der École primaire.

Et war e Problem, dass déi am Quartier funiculaire virun de Leit hire Garagen

8. Règlements / 9. Gestion des forêts

an iwwerall geparkt hunn. Elo hu mer déi Situatioun e bëssen entschärft, andeem se mat engem Badge op dëser Plaz kënnen parken. An dann awer natierlech och méi streng Kontrolle gemaach ginn um Funiculaire, dass d'Leit net zougeparkt ginn.

Dat Zweet, wat ech wollt eraushiewen. Zu Lasauvage ass elo d'Verkéisersleedung e bëssen aneschters, well de Chantier elo tëscht deem ënneschten an deem ieweschten Deel ass. Soudass do elo eng Einban ass vun der Brasserie de la Mine erof fir bis op d'Place Saintignon. An déi aner Richtung ass Einban, do ass gespaart.

Dat waren déi zwou. Dat anert si ganz normal Saachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Wuertmeldung ass, da stëmme mer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

De Punkt 9 ass eise Bëschplang fir 2020. Här Liesch, et ass nach eemol un Iech.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. De Bëschplang hu mer och all Joer um Ordre du jour. Finanziell ass nach ëmmer näischt domadder ze gewannen. D'Depensé leie bei 191.200 Euro. D'Recettë bei 37.600 Euro. Dat heescht, dee ganzen Ënnerhalt vun eise 445 Hektar kascht eis méi wéi en eis erabrénge. Ass awer net weider dramatesch.

Méi dramatesch ass, wat Der am Avis vun der Ëmweltkommissioun kënnt lesen. Dat ass eise Bestand u Fiichten, dee rasant ofhëlt. Wann Der haut duerch de Bësch gitt, gesitt Der d'Coupen, déi gemaach goufen, zum Beispill Richtung Lasauvage erof an anerer. Wou de Fierschter déi Fiichten erausgeholl

huet, déi vum Borkenkäfer befall waren an dee Moment zu enger Gefor gi sinn.

Et confirméiert sech, dass et an deenen nächste Jore vill méi rasant wäert goen, wéi mer am Ufank ugeholl haten. Virun e puer Jore war nach gesot ginn, d'Fiichte wäerten an deenen nächsten 10-15 Jore lues a lues verschwannen. Mä déi Zäit huet sech drastesch verkierzt. Ech mengen, dass mer an e puer Joren keng zesummenhängend Fiichtebestänn méi an eiser Gemeng wäerte fannen.

Déi Dréchent, och wann et elo an deene leschte Woche vill gereent huet, iwwert d'Joer gesinn, an och d'lescht Joer, war et trotzdeem einfach vill ze vill dréchen. Dat ass eng Schwächt, haaptsächlech fir d'Fiichtebeem, déi doduerch ufälleg fir de Borkenkäfer ginn an deen dann de Beem de Rescht gëtt.

Et gëtt gesot, dass d'Fiichten hei an eiser Géigend souwisou net heemesch waren. Si sinn heihinner komm aus der Zäit, wou an de Galerie geschafft ginn ass, als Notzholz. Dat ass wuel richteg. Mä dee Changement mécht engem awer Suergen, wann ee gesäit, wéi séier, dass dat awer elo wäert goen.

Flott ass ze gesinn, dass de Fierschter mat senge Leit e Katalog opgestallt huet mat neie Beem, déi méi resistent si géint dréche Perioden, dréche Joren. Déi mer dann uplanzen. Mä dat wäert awer Jore brauchen, bis mer erëm e Bëschbestand wäerten hunn.

Am Forstplang ass de Sentier didactique dran, hei uewen am Märchepark. Dat ass e ganz flotte Projet, wou op deem besteeënde Wee, wat et fréier och mol war, markéiert gëtt, wat fir eng Zort Beem do stinn. Dass een do e Bësch kann driwwer liesen. E flotte Projet.

E bekannte Problem, dee mer hunn, ass dee mat de Wëllschwäin. Wou bekannt ass, dass d'Wëllschwäin e grouse Schued uriichten, och bei de Leit deelweis doheem an hire Gäert. Dat ass e Problem, wou d'Jeeër dru sinn. Mä wou et net esou einfach ass, derhannert ze kommen. Mä et ass e Problem, mat deem mer konfrontéiert sinn.

Et bleift nach just Merci ze soen dem Fierschter a senger Ekipp fir déi gutt Aarbecht, déi se an eise Bëscher leesch-

supérieure et la partie inférieure de la localité. Un sens unique a été mis en place entre la brasserie de la Mine et la place Saintignon.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au plan de gestion de la forêt 2020.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)
explique que le plan de gestion de la forêt figure tous les ans à l'ordre du jour. Financièrement, la commune n'y gagne rien puisque les dépenses se montent à 191 200 € et les recettes à 37 600 €. L'entretien des 445 ha de forêt coûte donc plus qu'il ne rapporte.

L'avis de la commission de l'environnement est plus dramatique. Le nombre d'épicéas baisse rapidement. À Lasauvage et à d'autres endroits, le garde forestier a coupé les arbres frappés par les bostryches. Au cours des prochaines années, le déclin de ces arbres devrait se poursuivre plus rapidement. Il y a quelques années, on pensait que les épicéas disparaîtraient en 10 à 15 ans. Ce délai s'est raccourci fortement à cause de la sécheresse. Georges Liesch précise que les épicéas ne sont de toute façon pas des arbres autochtones. Ils ont été plantés au temps de l'exploitation minière. Mais ce qui arrive aux forêts est tout de même inquiétant.

Heureusement, le garde forestier a mis en place un catalogue d'arbres plus résistants à la sécheresse. Cependant, il faudra des années avant que les dégâts ne soient réparés.

Le sentier didactique avec le parc féérique est inclus dans le plan de gestion de la forêt. Des panneaux vont être installés avec des explications concernant le type d'arbres.

Les sangliers constituent un problème. Ils créent des dégâts considérables, y compris dans les jardins. Les chasseurs effectuent un travail de contrôle, mais il n'est pas facile de trouver une solution efficace.

Georges Liesch tient à remercier le garde forestier et son équipe pour son engagement dans les forêts tout au long de l'année ainsi que la commission de l'environnement.

9. Gestion des forêts

GUY TEMPELS (CSV) remercie le garde forestier Christian Berg pour le travail qu'il réalise dans les forêts de Differdange.

L'année prochaine, 1000 m³ de conifères et 520 m³ de feuillus seront coupés. Le volume d'épicéas est particulièrement impressionnant. Comme l'a dit monsieur Liesch, cela est dû aux bostryches. Guy Tempels propose de chercher un conifère de remplacement qui ne sera pas aussi sensible aux bostryches que les épicéas.

Le prix de vente du bois atteint par les bostryches n'est pas élevé. Il convient de le valoriser dans les chaufferies à copeaux de bois de la commune et créer ainsi de l'énergie. Un nouveau sentier de découverte est prévu près du parc féérique. Il s'agit d'un projet pédagogique pour petits et grands.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que le plan de gestion des forêts s'inscrit dans la continuité des travaux forestiers des dernières années.

En 2020, le garde forestier a prévu d'importantes coupes de conifères: 1520 m³ au lieu de 1065 m³ en 2019.

La colline de Differdange est victime du changement climatique. De nombreux épicéas ont été victimes de la sécheresse et des bostryches au cours des deux dernières années. Les bostryches n'ont aucun mal à progresser avec les épicéas plantés il y a cinquante ou soixante ans. Ceux-ci souffrent de la sécheresse, sont affaiblis et ne peuvent pas se défendre. On pourrait dire que le bostryche ouvre la voie à une nouvelle forêt autochtone. Les épicéas ne le sont pas. Le garde forestier a prévu des arbres alternatifs dans le plan de gestion 2020 pour faire face au changement climatique. Là, où les arbres seront abattus, une nouvelle forêt verra le jour.

Dans le volet des travaux de protection de l'environnement figure la restauration d'une ancienne mare sur le Rollesbiert près du parc féérique. Les travaux seront réalisés avec le SICONA.

Christiane Saeul remercie le garde forestier Christian Berg et son équipe pour tout le mal qu'ils se

ten iwwert d'ganz Joer. Dat ass wierklech ganz flott. An och der Ëmweltkommissioun, déi sech mat dësem Thema befaasst huet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Eng Wuertmeldung? Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Wa kee sech traut, da fänken ech alt un. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëlle mir eise Fierschter, dem Christian Berg a sengen Aarbechter, Merci soe fir déi Aarbecht, déi si an den Déifferdenger Gemengebëscher leeschten.

Nieft dem gréissten Deel un Aarbecht, mer hu keng al Bëscher méi, ass d'Jungwuchsfleeg dee gréisste Posten. D'nächst Joer wäerten iwwer 1.000 Meterkibb Fiichtenholz a 520 Meterkibb Lafholz ufalen, déi solle gehae ginn. Hei fält een Deel u Fiichtenholz op – mir haten elo grad rieds, den Här Liesch huet et gesot –, deen immens héich ass. Wat eben op de Borkenkäfer-Problem zrëckzeféieren ass.

Et wär vläicht ubruecht, no engem passenden Nolebam-Ersatz ze kucken. Eventuell esou e Bam ze fannen oder eppes ze fannen, deen eben net esou ufälleg ass géint de Borkenkäfer wéi d'Fiichten.

De Präis am Verkaf vum Borkenkäferholz ass net terribel. Soudass gekuckt gëtt, dëst Holz an eise gemengeneegenen Hackschnitzelheizungen ze valoriséieren. Dat steet net dran. Et bréngt eis e gewësse Wäert un Energie, wat net am Budget steet.

Een neien Naturentdeckungspfad ass virgesinn, dee beim Märchepark soll entstoen. Dëst ass e pedagogesche Projet fir Grouss a Kleng.

Mir vun der CSV stëmmen dëse Budget mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. De Bëschplang fir den Exercice 2020 gëtt gréisstendeels d'Kontinuität vun de Bëschaarbechten aus de leschte Joren erëm. Wat opfällt ass, dass de Fierschter 2020 gréisser Coupé vun Nolebeem virgesinn huet. Wou den Uschlag bei 1.520 Meterkibb géif leien, géint 1.065 Meterkibb am Joer 2019.

Um Déifferdenger Bierg erkennt ee scho gutt d'Folge vum Klimawandel. Vill Fiichte si während de leschten zwee Summeren der Dréchént an dem Borkenkäfer zum Affer gefall. Et erkennt ee gutt bei eis um Bierg, dass de Borkenkäfer e liicht Spill mat deene viru Joerzénkten – 50, 60 Joer hier – geplante Fiichtebestänn huet. Dës Fiichte komme schwéier mat der Dréchént zurecht, si geschwächt a si kënnen sech net géint dee kleng Keefer wieren.

Vereinfacht kann ee soen, dass de Borkenkäfer de Wee fräimécht als eng Gebuertshëllef fir en neien, méi aarteräichen an eenheemesch gerechte Bësch. D'Fiichte sinn, wéi scho gesot, net ugeplant a kommen net vun hei. Dëst huet de Fierschter am Bëschplang 2020 virgesinn, ënnert dem Projet „Alternativ Bamaarten am Klimawandel“. Op der Fläch, wou déi gefale Fiichte stoungen, loosse mir op natierlechem Wee erëm neie Bësch entstoen.

Zousätzlech wëll de Fierschter op de concernéierte kleng Flächen e Projet mat alternative Bamaarte probéieren, déi sech dem Klimawandel besser upassen.

Ënnert dem Volet Naturschutzaarbechten am Bësch, stécht d'Restauratioun vun engem alen Dëmpel um Rollesbiert beim Märchepark eraus. Hei gëtt an Zesummenaarbecht mat dem SICONA geschafft.

Wéi ech elo konnt feststellen, sinn ëfters Widderhuelunge komm, mä mir hunn alleguerten dee selwechte Fierschter.

9. Gestion des forêts

Ech wéilt vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir eisem Fierschter, dee sech ganz vill Méi gëtt, dem Christian Berg a senge Bëschaarbechter, Merci ze soen, fir déi gutt Aarbecht, déi se mat Interesse am Laf vum Joer maachen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an d'Demokratesch Partei stëmmt de Bëschplang.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kollegeinnen, léif Kollegen, wat de Bëschplang ugeet, gesäit een déi Diskussiounen, déi mer viru Jore gefouert hunn. An haut si se scho wouer. Datt all déi Beem, déi héichlafeg Wuerzelen hunn a Gefor sinn duerch d'Hëtzt an duerch de Klimawandel. Effektiv hat een dat nach virun zwee Joer net geduecht, datt e Bësch wéi eisen, well mer jo net wéi a südleche Länner e Mangel u Waasser hunn, wéi aner Länner dat hunn, dann och do drakomm ass. Datt eng Zort vu Beem um Punkt ass ausgestierwen a wierklech immens zréckzegoen.

Ech si frou ze héieren, datt Dëmpelen, där mer der méi hunn, déi leider Gottes elo nach zum groussen Deel einfach esou d'Strooss eroflafen, wou mer Waasser kéinte stockéieren an de Bëscher. An deene leschten zwee Budgeten hat ech schonn dozou Stellung geholl, datt mer mussen kucken, fir déi natierlech Waasserleef, déi mer hunn, e bësse festzehalen. Soudatt mer déi waarm Zäit am Joer, am Summer, nach Waasser an eise Bëscher hunn. Datt mer net esou geplot sinn. Och wéinst den Déieren, net nëmme wéinst de Beem. Déi och dëse Summer vill Problemer haten, fir Waasser ze fannen. Wat enorm wichteg ass.

Frou sinn ech och, datt se weiderfuere mat deem pedagogesche Wee do uewen op der Vëlospist. Dat ass eppes, wat et hei ëmmer ginn ass. Ech ka mech erënnere, als Bouf an der Schoul, dorobber getréppelt ze sinn an d'Beem erkläert kritt ze hunn, déi et hei an eise Bëscher gëtt. Dat ass jorelaang vernoléisseg ginn. An ech fannen et gutt, datt mer op

de Wee ginn, eise Kanner erëm ze soen, wat et u Planzen an u Beem an eise Bëscher gëtt. Dat ass immens edukativ. Dat kéint een awer riicht weiderfuere vum Geméis bis zu allem.

Well ech mengen, datt eis Kanner net méi dat alles matkréien, wat mir nach als Kanner matkritt hunn. Duerfir bleift dat eng Aufgab fir eis alleguerten, fir de Kanner dat weiderzeginn.

Ech muss och soen, datt ech elo scho fir d'zweet oder fir d'drëtt Joer eens si mam Här Schwachtgen, datt mer nach mussen méi maachen, fir eis Beien erëm an d'Bëscher ze kréien. Fir eis Beiestäck. Mir waren op eemol op e Konsens komm, well mer spezialiséiert Leit bei eis op der Gemeng schaffen hunn, fir an deenen eenzele Quartieren erëm Beien ze hunn.

Net méi spéit wéi virun enger Woch hunn ech a China gesinn, datt d'Leit mat Pinselen op d'Beem klammen, fir d'Beem ze bestäuben. Sou wäit sinn déi schonn. Well se keng Beie méi hunn. Effektiv gëtt dat e Problem. Duerch déi Hëtzt, déi mer dëst Joer haten, huet ee gesinn, wat do vun Effektiver bei de Beien erofgaange sinn. Déi hu ganz schwéier gelidden, dëse Summer.

Duerfir e pedagogesche Wee fir d'Beien an all eise Quartieren. Ech schwätzen elo net nëmme vu Lasauvage, mä vun Uewerkuer, Nidderkuer, Fousbann. Iwwerall, wou et méiglech ass, erëm Beiestäck hinze kréien, wou ee vläicht mat där enger oder mat där anerer Schoul eppes mécht, datt déi sech och drëms këmmere. Datt d'Kanner erëm wëssen, wat Beie sinn. Dat ass eppes, wat ech erëm esou laang soen, bis mer iwwerall Beiestäck stoen hunn.

Ech soen dem Fierschter a senge Leit villmools Merci fir déi vill a gutt Aarbecht, déi se maachen. Datt en erëm an e rouegt Fahrwasser kënnt. E war jo déi lescht Zäit e bësse gestresst, de Fierschter. Ech hoffen, datt en awer elo erëm normal ka seng Aarbecht maachen. Do gesäit een och, datt en dat geléiert huet als Fierschter. An e soll dat och maachen, sou wéi en et geléiert huet. An net ze vill op déi Gemengeconseillere an de Gemenge lauschteren. Dat geet net ëmmer gutt aus. Mä wéi gesot, ech wënschen him, datt e mat eise Bëscher esou weiderfiert, wéi

donnent. Le DP approuvera le plan forestier.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que des discussions ont déjà eu lieu concernant les arbres à enracinement superficiel, qui sont sensibles à la chaleur. Il y a deux ans, personne ne pensait que certains arbres allaient disparaître à Differdange, car il n'y fait pas aussi chaud que dans le sud.

Fred Bertinelli se réjouit de la restauration des mares. Il avait justement prévu de parler des cours d'eau, qu'il faut sauvegarder. Lorsqu'il fait chaud, l'eau devient essentielle non seulement pour les arbres, mais aussi pour les animaux.

Fred Bertinelli se réjouit du développement du sentier pédagogique près de la piste de vélos. Il se souvient que quand il était enfant, les enseignants lui expliquaient quels arbres se trouvaient dans les bois. Ce sentier a été négligé pendant des années et il apprécie le fait que l'on veuille à nouveau enseigner les arbres aux élèves. Ce projet pourrait même être étendu aux légumes, car Fred Bertinelli ne pense pas qu'aujourd'hui, les enfants soient aussi informés sur ce sujet qu'à son époque.

Comme monsieur Schwachtgen, Fred Bertinelli estime qu'il faut faire plus pour les abeilles dans les forêts. Des spécialistes des abeilles travaillent d'ailleurs à la commune. Fred Bertinelli a vu récemment qu'en Chine, les gens pollinisaient les arbres avec des pinceaux. Cette année, les abeilles ont énormément souffert de la chaleur. C'est pourquoi il faut s'assurer qu'il y ait des ruches dans toutes les localités de Differdange et pas seulement à Lasauvage. Les écoles pourraient apprendre aux enfants à s'en occuper. Fred Bertinelli remercie le garde forestier et son équipe pour son travail. Il lui souhaite de connaître moins de stress à l'avenir et qu'il puisse réaliser son travail plus calmement. Il connaît son métier et il devrait l'exercer comme il l'a appris sans écouter les conseillers communaux ou les habitants. Il n'a qu'à continuer à prendre soin de la forêt comme il l'a fait jusqu'à maintenant.

9. Gestion des forêts

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

essaiera de compléter ce qui vient d'être dit en tant que président de la commission de l'environnement. La forêt est un espace naturel que la nature doit gérer autant que possible. Mais il s'agit aussi d'une zone récréative où l'on coupe du bois. Partout où l'homme se rend, il exploite les ressources. Malheureusement, dans les années 1990, l'Administration de la forêt avait pour habitude d'abattre des forêts entières. Vingt ans plus tard, les conséquences en sont particulièrement visibles à Niederkorn et Lasauvage. Les arbres ne font que 15 cm ou 20 cm de diamètre et ont besoin de beaucoup de soins. Il n'y a plus d'arbres vieux de 100 ou 200 ans. C'est pourquoi les forêts differdangeoises n'engendrent plus de recettes.

Le rôle du garde forestier est souvent méconnu. Il s'occupe de 450 ha de forêt communale, mais aussi de 800 à 900 ha de forêt nationale. Il est également présent sur les marchés et assume un rôle de conseiller. La commune devrait essayer de profiter au maximum de ses compétences. Frenz Schwachtgen tient à remercier toute son équipe au nom de la commission de l'environnement.

La mort des épicéas est un phénomène apparu il y a deux ou trois ans. Pratiquement toutes les forêts sont touchées, aussi bien dans le pays qu'en Allemagne ou dans les autres pays voisins. Ces arbres sont fragiles, cassent à la moindre tempête et représentent un danger. Il faut donc les couper. Tout ceci a un cout. Le rapport recettes-dépenses est estimé à 1:50.

Le changement climatique et la sécheresse n'ont fait qu'empirer les choses. Qu'ils soient autochtones ou pas, les épicéas ont fait partie des forêts luxembourgeoises depuis des générations — ne serait-ce que sous la forme d'arbres isolés. Frenz Schwachtgen trouve que dire qu'un arbre n'est pas autochtone a une connotation négative. Pourtant, même les arbres non autochtones ont un avenir au Luxembourg.

Désormais, des arbres vont être choisis dans un catalogue. Frenz Schwachtgen rappelle que cette année, les bostryches ont connu

en dat scho gemaach huet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren e bëssen als President vun der Ëmweltkommissioun ze soen, wat nach net gesot ginn ass. A verschidde Saachen nach ze ergänzen.

Vläicht de Rôle historique vum Bësch. Et ass en Naturgebit, wat een der Natur wa méiglech sollt wäitleefeg iwwerlousen. Et ass natierlech och en Erhuelungsgebit, e Gebitt, wou Holz ka geschloe ginn, Bauholz an esou virun. Awer alles a Moossen.

Natierlech, ëmmer wann de Mënsch enzwousch hikënnt, gött Raubbau gemaach. An dee Raubbau war bei eis an den 90er Jore vun der Forstverwaltung leider eng Aarbechtsmethod, fir ganz Bëscher ofzeholzen. Haut nach zu Déifferdeng erweist sech dat speziell op der Nidderkuerer Säit vun eise Bierg, op der Zowaascher Säit vun eise Bierg, wou quasi nëmme nach Staangenholz steet no 20 Joer.

Dat heescht, déi Beem sinn net méi déck wéi 15 bis 20 Zentimeter Duerchmiesser. Déi verlaange vill Aarbecht. Déi mussen ëmmer erëm geläitert ginn. Déi schéi bleiwe stoen, déi aner ginn ewechgeholl. Awer ale Bestand vun 100-200 Joer a schlagbereet Holz, also Buchenholz mat 120-150 Joer gött et do net méi. Dofir ass och keng Recette méi méiglech an eise Bëscher. Ausser dat Staangenholz, wat just gutt ass fir ze verfeiere respektiv stockéiert ze ginn, fir Biotoper ze maachen. Dat ass emol dee Punkt.

Deen anere Punkt ass de Rôle vum Fierschter, deem dacks verkannt gött. Mir hu 450 Hektar Gemengebësch. Mä doniewent huet hien och nach 800 bis 900 Hektar Staatsbësch ze verwalten. En plus schafft e fir d'Gemeng bei verschidden Aktivitéiten. Zum Beispill op de Mäert an esou virun, wou en Akti-

vitéite mat senge Bëschaarbechter mécht. En huet och eng ganz wichteg Beroderroll. Och seng Servicer, déi ugebuede ginn, sollte mer eis an der Gemeng eng Kéier ganz genee ënnert d'Lupp huelen, fir deementspriedend maximal kënnen dervun ze profitéieren.

Ech wëll där ganzer Ekipp – hien huet fënnf Leit plus hien – villmools Merci soen, och am Numm vun der Ëmweltkommissioun an, ech mengen, vun eis alleguerten.

Wat wichteg ass ze wëssen: Déi Fiichten, déi futti ginn, dat ass wierklech eng Erscheinung, déi virun zwee, dräi Joer opgetratt ass. Déi ass esou pandemesch opgetrueden, dass quasi all eis Fiichtebëscher betraff sinn a ganz Bëscher net méi do sinn.

Dat heescht de Fierschter a seng Leit, d'Bëschekippen am ganze Land, an Däitschland an an den Nopeschlänner, déi kommen net méi no, fir déi Beem ze haen. Well et och geféierlech ass. Well se bréheg sinn an esou virun. Zemools an Noperschaft vu Weeër, awer och beim geréngste Stuerm, wäerten do ganz Bëschstreecher ëmfalen, déi dann natierlech musse geraumt ginn. Dat wäert e Käschtefacteur ginn, et huet een et hei gesot, de Präisverfall ass 1:50, wat de Fiichtebësch nach wäert ass, a Geld gemooss.

Dat ass dramatesch virugaangen, duerch de Klimawandel, duerch déi Dréchenten. A standortgerecht oder net, d'Fiichten hu säit jeehier – mer schwätze vu Generatiounen –, zu eise Bëschbestand gehéiert. Zwar net a Plantagen, wéi mer se dacks gesat hunn, mä als eenzele Bam ass e scho virkomm.

An ech verwiere mech ëmmer géint dat Neteenheemescht, dat ass e bëssen eng mauvaise conotation, datt Neteinheemescht hei vu Lëtzebuerg misst verschwannen. Hei gött et op d'Beem bezunn. Mer sollten awer doriwwer nodenken, dass och auswäerteg Beem hei eng Zukunft hunn.

Dofir gött jo elo gesicht an deem Katalog: Wat kënnen mer als Ersatz ginn? Well wann eis Fiichtebëscher wierklech op Dauer géife verschwannen – de Borkenkäfer huet dëst Joer véier, fënnf

9. Gestion des forêts

Brute gemaach amplaz nëmmen eng an normale Joren, dat heescht, dat ginn zéngtausende vu Mueden, déi do friesen –, ass dat natierlech voll dramatesch. Also musse mer Ersatz fannen, ënner anerem nach Fichten, mä och anerer, nordsch Dänne oder Kaukasus-Dänne, wéi se all heeschen, déi dann hei ugesat ginn.

Well Biotop, Nolebësch ass immens wichteg. Et ass deen eenzege Schutz, dee verschidde Villercher, Déieren, Eilen an esou virun am Wanter hunn. Well et sech ebe méi gemittlech dra sëtzt wéi an enger kaler Bich. Dat ass e Biotop, deen opgesicht ass. Denkt un d'Kaweecheler. Denkt un d'Seechomessen drënner, déi eng Botzmaschinn am Bësch an och ronderëm sinn. Eng Botzfirma, déi Kadaveren ewechbotzen a Saachen ewechbotzen, déi dann erëm an de Circuit kommen. Dat dozou gesot.

Déi aner Saache sinn ernimmt ginn: Märchepark, Bëscher, Wäld. Wëllschwäin gi mer net Meeschter. Kommesch ass, dass zu Lamadelaine eng Klappjuegd war. Do ass ee Wëllschwäi geschoss ginn, dee ganzen Dag. Dat heescht, d'Wëllschwäi sinn e bësse méi schlau ginn. Déi hunn héchstwahrscheinlech e Fréiwarnsystem, dass se sech net erwësche loossen.

(Gelaachs)

Ech wëll nach eppes soen. Mir schaffe mat eisem Joresbëschplang ëmmer vu Joer zu Joer. Mä dat Ganzt baséiert op engem Zéngjoresplang. Dat ass e Plang, dee mat der Forstverwaltung, mat Experten opgestallt gëtt fir all Revéier, och den Déifferdenger Revéier.

An deen Zéngjoresplang, dee gëtt ufanks Januar, souwäit ech héieren hunn, virgestallt. Deen ass héchst interessant, och fir eis Conseillere fir eis Populatioun. Dee gëtt ëffentlech virgestallt, wéi et an deenen nächsten zéng Joer soll weidergoen. Wou een en Iwwerblëck kritt, wat an deenen nächsten zéng Joer soll geschéien. A während deene Joren hält de Fierschter sech mat sengem Joresplang un deen Zéngjoresplang.

Dat wier am grouse Ganzen dat, wat ech derzou ze soen hätt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Ech wäert elo net alles widderhuelen, wa scho gesot ginn ass. Ech wëll just zu der Idée reque, dass d'Beien esou wichteg sinn – déi si ganz wichteg, mä mam Bestäube si se ee vu villen. D'Biodiversitéit ass ebe grad eng Diversitéit. Dat heescht, mir brauchen och Päiperleken, Schwiefmécken, wëll Beien a Bommelen. Wa mir just op Hunnegbeie setzen ...

(Interruption)

Jo, genau. A wa mer se bis a Këschtchen hunn, da kënne se vu Krankheete befall ginn, an da kann et ganz schnell goen, wa mer net och op déi aner Diversitéit setzen.

Ech wëll ënnersträichen, wéi wichteg dat ass. Et war eng Konferenz vum Mouvement Écologique, wou en Expert zum Aartestierwen, deen den UNO-Rapport matgeschriwwen huet, gesot huet, dass déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt vun all deenen Insekten, tëscht 150 Milliarden a bis zu 600 Milliarden wäert ass. A wann dat Aartestierwen esou weidergeet, da geet eis dat verluer.

Och déi aner Idée reque, datt et a China esou schlëmm ass, dass d'Leit ebe mat Pinsele musse bestäube goen. Jo, dat stëmmt a verschiddene Regiounen. Mä, am Géigesaz zu anere Géigenden, geet et do awer biergop. Dat heescht, si kréien dat ëmmer méi an de Grëff mat den Insekten a mat de Beien. An hunn e Wee fonnt, fir dass et net weider biergof geet. Wat awer nach net onbedéngt de Fall ass an aner Regiounen an der Welt. An do musse mir kucken, dass mir deen Trend och hei gedréit kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Dann den Här Uveling, wannechgelift.

quatre ou cinq pontes au lieu d'une seule. Cela représente des dizaines de milliers d'asticots, ce qui est dramatique. C'est pourquoi il faut trouver des remplaçants aux épiceas comme les sapins nordiques ou les sapins de Nordmann. Car les conifères constituent la seule protection pour de nombreux oiseaux et animaux en hiver. Frenz Schwachtgen mentionne les écu-reuils ou les fourmis, qui constituent une véritable machine de nettoyage de la forêt.

Les orateurs précédents ont déjà parlé du parc féérique, de la forêt, des sangliers... Frenz Schwachtgen signale qu'une battue a eu lieu récemment à Lamadelaine. En une journée, un seul sanglier a été abattu. Il semblerait qu'ils sont devenus plus intelligents.

(Rires)

Frenz Schwachtgen signale que le plan de gestion des forêts est revu d'année en année, mais repose sur un plan de dix ans réalisé par l'Administration des forêts. Ce plan sur dix ans sera présenté en janvier et devrait se révéler intéressant pour le conseil communal et la population.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souhaite revenir sur une idée reçue concernant les abeilles. Oui, elles sont importantes. Mais elles ne sont pas les seuls insectes pollinisateurs. Il faut aussi des papillons, des abeilles sauvages ou des bourdons.

(Interruption de M. Bertinelli)

Gary Diderich ajoute que si l'on mise uniquement sur les abeilles à miel, qu'on les met dans des boîtes et qu'elles tombent malades, cela peut aller très vite. C'est pourquoi il faut miser sur la diversité.

Gary Diderich a assisté à une conférence du Mouvement écologique. D'après l'expert, le travail des insectes représente entre 150 et 600 milliards, qui seraient perdus entre cas d'extinction.

L'autre idée reçue concerne la Chine. Il est vrai que dans certaines régions, les gens doivent polliniser les arbres avec des pinceaux. Mais dans d'autres régions, les Chinois commencent à maîtriser la situation, ce qui n'est pas le cas partout. Le Luxembourg doit lui aussi inverser la tendance.

9. Forêts/ 10. Syndicats / 11. Commissions

TOM ULVELING (CSV) précise que le parc féérique va être complété par trois stations. Un arborétum était prévu initialement.

Tom Ulveling a assisté à une conférence sur les villes écologiques à Berlin. Un des spécialistes a déconseillé de ne planter que des arbres autochtones, car ceux-ci ne supportent pas le changement climatique. Il faut aussi planter des arbres à fleurs pour que les abeilles aient des fleurs à polliniser.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) ne veut pas répéter tout ce qui a été dit. Elle remercie le garde forestier et toute son équipe pour leur excellent travail.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à plusieurs changements au sein de syndicats. Il s'agit notamment de remplacer monsieur Traversini.
Madame Richartz-Nilles remplacera Christiane Brassel-Rausch au sein du Minettkompost, car celle-ci intégrera le SIKOR. Madame Wohl intégrera le HPMa et monsieur Schwachtgen le Prosud.
Christiane Brassel-Rausch demande si les changements peuvent être votés en bloc.
(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux changements au sein des commissions consultatives.
Pour le LSAP, monsieur Marc Gatti est remplacé par monsieur Guy Altmeisch au sein de la commission des sports, monsieur François Antony par monsieur Hjalmar Kielgast au sein de la commission des séniors, madame Zénia Charlé par monsieur João Reboredo au sein de la commission des enfants et madame Danielle Hansen par madame Alexandra Marcellet au sein de la commission sociale.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zwou Saachen. Mir wäerten dëst Joer am Märchepark dräi weider Statiounen dobäi maachen. Dat ass e grouse Succès. Do war initialement en Arboretum geplangt. Ech si frou, dass dat elo och gemaach gëtt.

Ech war op enger Tagung zu Berlin, wou et ëm d'gréng Stied giong. Do war e Spezialist, deen huet do virdru gewarnt, ëmmer nëmme wëllen eenheemesch Beem ze planzen. Dass ee sollt dovunner ofkommen. Well déi halen de Klimawandel net aus, déi Hëtzt, déi mir elo hunn. Dofir musse mer elo higoen an effektiv kucken, Beem ze setzen, déi déi klimatesch Wiederer, déi Hëtzt do aushalen.

Wat se och gesot hunn, ass, dass een och muss Beem setze mat Bléie fir d'Beien, fir dass déi eppes hu fir ze bestäuben. Dat wollt ech just gesot hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Madamm Richartz, wannechgelift.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif alleguer, et huet elo all Mënsch vill iwwert d'Beem geschwat. Ech wëll dat elo net widderhuelen. Ech wëll net nëmmen als Nopesch, och als grénge Member, dem Fierschter a senger Ekipp villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hie leescht mat senger Ekipp. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Richartz. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan de gestion des forêts pour l'exercice 2020.

Da komme mer zum zéngte Punkt, Changements au sein de divers syndicats. Do geet et drëm, am Kontext vun deene ganze Changementer, déi an deene leschte Méint hei stattfonnt hunn, den Här Traversini an deene verschiddene Syndikater ze ersetzen. Ech wëll Iech déi Lëscht presentéieren, déi de Schäfferot virschléit.

Am Minettkompost géif ech vun der Madamm Richartz ersat ginn, well ech géif an de SIKOR goen. Da wier den SES och d'Madamm Richartz. Den HPMa wär d'Madamm Wohl. An de Prosud wier den Här Schwachtgen. Dat ass déi Lëscht, déi mir Iech proposéieren.

Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Stëmme mer eenzel of oder en bloc?

(Diskussiounen)

Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Da froen ech, ob mer en bloc sollen ofstëmmen, mat oui oder non. Oder ob Der wëllt eenzel ofstëmmen, iwwert déi Leit, déi de Schäfferot proposéiert.

MÉI STËMMEN:

En bloc.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

En bloc. An der Rei. Da soen ech Iech Merci.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui, 1 voix non et 4 abstentions d'approuver les changements au sein de divers syndicats.

13 oui, 4 Abstentions an een non. Ech soen Iech villmools Merci.

Da komme mer zum leschten ëffentleche Punkt, Changements au sein des commissions consultatives. Fir d'LSAP, den Här Marc Gatti gëtt ersat duerch den Här Guy Altmeisch an der Sportskommissioun. Den Här François Antony gëtt ersat duerch den Här Hjalmar Kielgast an der Seniorekommissioun.

11. Commissions consultatives / Questions

D'Madame Zenia Charlé gëtt ersat duerch den Här João Reboredo an der Kannerkommissioun. An d'Madame Danielle Hansen gëtt ersat duerch d'Madame Alexandra Marcelet an der Sozialkommissioun.

Déi Gréng ersetze mech duerch den Här Diogo Lima an der Logementskommissioun.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Diana de Abreu géif an der Kannerkommissioun duerch mech, Diderich Gary, ersat ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Sinn nach Froen? Den Här Meisch hat Froen ugemellt an den Här Bertinelli och. Merci.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hätt zwou Froen. Ech fänke mat där éischter un. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, meng Virgänger an der Fraktioun haten, mat Nodrock, drop higewisen, dass de Site, wou d'Bëschcrèche elo steet, sécherheits-technesch ganz problematesch ass, wéinst der Hellewull Miniëren ënnen-drënner.

Dat huet sech anscheinend elo bestätegt. Ech zitieren aus enger Mail, déi un d'ganz Léierpersonal gaangen ass: „Nodeems de Mueren – also haut virun enger Woch – op fënnf Plaze Crevasse – dat sinn Äerdspalten – am Honsbësch fonnt goufen, wou all Dag d'Bëschcrèche sech ophält, muss de Bësch d'urgence ab haut fir d'Bëschcrèche gespaart ginn. Dat heescht d'Léierpersonal mat senge Kanner müssen ab haut aus dem Bësch erausbleiben an dat och an Zukunft“.

Vu datt all Dag do Kanner ënnerwee waren, wollte mer froen, ob iergendengem eppes geschitt ass? Wat mer net hoffen. A wéi et do soll an deem Kontext weidergoen?

Dat war déi eng Fro. Soll ech déi zweet och direkt stellen?

No de grouse Changementer am Schäfferot, wollte mer froen, wéi et mat der Opdeelung vun de Ressorten aussäit. Fir dass d'Leit wëssen, wie fir wat an der Verantwortung steet.

An engems profitieren ech dervun, fir e Kompliment auszeschwätzen. D'Kommunikatioun an d'Klima tëscht Majoritéit an Oppositioun huet sech wesentlech verbessert. Et gëtt een net méi just vun uewen erof behandelt, et kritt een och emol nogelauschtert. Wuelwëssend, dass d'Majoritéit schlussendlech selwer muss Decisiounen treffen an d'politesch Verantwortung dofir droen. Ech hoffen, dass et an där Richtung wäert weidergoen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass esou, dass mer eng Crevasse gemellt kritt haten. Do war de Fierschter direkt op d'Plaz kucken. Do ass festgestallt ginn, dass am Honsbësch, also net am Kannerbongert wuelbemierkt, mä am Honsbësch, eng Crevasse wär. Dat ass eng Crevasse, déi schonn do war. Et ass keng nei.

Doropshin huet de Fierschter, wat ech eng gutt Iddi fonnt hunn, gesot, hie géif méi wäit an de Bësch goen, fir ze kucken, ob nach Crevasse, besteeënder, do wäeren. Do sinn der nach véier fonnt ginn, am Bëschgebitt selwer. Net op de Weeër. Doropshin hu mer gesot, well et jo eng Plaz am Honsbësch gëtt, wou d'Bëschcrèche sech ophält, wou se e Lieu de rassemblement hunn, dass mer dee gespaart hunn a gesot hunn, bleift do eraus. Dat ass dee Mail, den Dir elo zitiiert hutt. Dorop hu mer direkt reagiert, den Dag drop.

Déi gréng remplacent Christiane Brassel-Rausch par monsieur Diogo Lima au sein de la commission du logement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) signale qu'il remplacera madame Diana De Abreu dans la commission des enfants.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux questions.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que ses prédécesseurs démocrates avaient attiré l'attention sur les dangers de la crèche en forêt à cause des nombreuses mines. Ces craintes sont confirmées. François Meisch cite un courriel envoyé au personnel enseignant. Apparemment, il y a une semaine, des crevasses ont été découvertes à cinq endroits au Honsbësch, où la crèche en forêt se rend chaque jour. Les enseignants ne peuvent donc plus y emmener les enfants.

François Meisch demande si tous les enfants sont sains et saufs. Que compte faire le collège échevinal à l'avenir?

Il demande également comment les ressorts du collège échevinal seront répartis après les récents changements. Il constate que le climat entre majorité et opposition s'est amélioré. L'opposition est entendue même si la majorité prend finalement les décisions.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond que le garde forestier a constaté une crevasse dans le Honsbësch et non dans le Kannerbongert. Cette crevasse n'est pas neuve. En cherchant, le garde forestier a trouvé quatre crevasses supplémentaires plus loin dans la forêt. Comme le Honsbësch sert de lieu de rassemblement à la crèche en forêt, le collège échevinal lui a demandé de ne pas entrer dans les bois.

Georges Liesch s'est rendu sur place avec le garde forestier et monsieur Leytem. Il a également discuté avec les responsables de l'école et de la maison relais, et leur a demandé de rester dans le Kannerbongert.

Monsieur Leytem et le garde forestier ont par ailleurs précisé que les chemins du Honsbësch ne représentent aucun danger. En revanche, dans toutes les forêts de la commune, il peut y avoir des crevasses si on pénètre dans les bois.

Georges Liesch estime que déplacer le lieu de rassemblement dans le Kannerbongert était la bonne décision.

Il a par ailleurs demandé aux responsables d'indiquer les chemins empruntés par les enfants de façon à ce que le garde forestier puisse les sécuriser davantage.

Bref, il n'y a pas de problème. Pour le moment, les enfants doivent rester dans le Kannerbongert.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
demande s'il y a d'autres questions.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *voudrait des informations sur les ressorts.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
suppose qu'ils se trouvent sur internet.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que le stade d'Oberkorn connaît des problèmes depuis des années. Apparemment, une réunion aurait eu lieu avec la société qui l'a construit. Qu'est-il prévu de faire? Le weekend dernier, la rencontre contre l'équipe nationale portugaise aurait dû être jouée à Differdange. Mais finalement, le stade municipal s'est révélé pire que le stade national.*

Quelles sont les conclusions de la réunion qui a eu lieu? Quand le système de drainage sera-t-il refait? Fred Bertinelli croit savoir que la garantie arrivera à échéance dans un ou deux ans. La commune devra alors prendre les travaux à sa charge.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
explique que l'UEFA voulait jouer à Differdange. Elle en a discuté avec l'UEFA, la FLF et la police.

En fait, c'est elle qui n'a pas donné son accord. Elle a parlé à deux directeurs de la police, qui lui ont fortement déconseillé d'octroyer une autorisation pour cette rencontre. En effet, 8000 personnes disposaient de tickets d'entrée, mais le

Duerno war ech selwer mam Fierschter a mam Här Leytem nach eng Kéier op de Bierg kucken, fir eis déi Situatioun unzekucken. Mir hunn och mat de Responsabele vun der Schoul a Maison relais geschwat, dass se déi Place de rassemblement, déi si do hunn, am Moment net sollen notzen. Dass se sollen am Kannerbongert bleiwen. Wou jo kee Problem ass.

Des Weideren hu mer gesot, dass den Här Leytem an de Fierschter eis confirméieren, dass op de Weeër am Honsbësch selwer kee Problem ass. Dass, wann ee vum Weeë erofgeet an de Bësch – wat iwwerall an eise Bëscher de Fall ass –, wann een de Weeë verléisst an einfach esou an d'Bëscher geet, natierlech plazeweis Miniëren drënner sinn, Crevassë bestinn.

Dat ass elo keng nei, et war eng existéierend. Mä ech mengen, d'Déisioun, déi hei geholl ginn ass, ass richtig, fir eng Analys ze maachen an ze kucken, dass déi Place de rassemblement, elo an de Kannerbongert geholl gëtt.

Mir hunn an engems profitéiert fir ze soen, dass se eis sollten emol déi Weeër, déi se normalerweis mat de Kanner ginn, op engem Plang anzezeichnen. Fir dass een déi gesäit. Fir dass och de Fierschter weess, wat fir eng Weeër si normalerweis ginn. Dass déi méi sécuriséiert nach ginn a méi oft kontrolléiert gi wéi aner Weeër. Dovun hu mer an engems profitéiert.

Also am Moment besteet kee weidere Problem. Et ass just, dass d'Kanner am Kannerbongert bleiwen an net op déi Plaz zréckginn, wou se am Honsbësch haten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, villmools Merci, Här Liesch. Wat war déi aner Fro?

FRANÇOIS MEISCH (DP):

D'Ressortopdeelung.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Souwäit ech weess, si se sécher schonn um Internet. Mä mir ginn Iech se eran. Kee Problem.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt nach eng Fro. Ech weess elo net, wien ech soll froen. Mä et wäert jo ee mer kënnen äntwerten. Wéi mer zu Ouere komm ass – et ass e Problem, deen eis jorelaang begleet, eise Stadion zu Uewerkuer, de Fussballterrain – huet do eng Reunioun stattfonnt vun der Firma, déi e gebaut huet. Ech wollt wëssen, wéi et do virugeet.

Well wéi een de Weekend matkritt huet, datt de Match jo bal ofgesot war vun der Portugisescher Nationalekip um Stadion, war déi zweet Alternativ Déiferdeng. A wou se den Terrain du kucke komm sinn, hu se gesot, deen ass jo méi schlecht wéi dee Stadion. An datt se net drop spillen. Dat war de Wuertlaut.

Net d'Gras, ech schwätze vum Wues. Ech wollt froen, wat an där Sitzung erauskomm ass. A wéini dat an Ugrëff geholl gëtt mat deem Drainage? Dee muss onbedéngt nei gemaach ginn. Well ech mengen, datt et net méi laang wäert daueren, de Kontrakt wäert nach een, zwee Joer sinn an da wäert dat eriwwer sinn. An dann ass d'Garantie fort. Da froen ech mech wien – da wäert et herno erëm d'Gemeng sinn, déi dat mécht. Dat ass einfach eng Fro, datt een dat awer muss eng Kéier ugoen. Ech hat d'Chance net méi kritt, fir et ze maachen. Mä mir ware fest do drun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, ech hat de Samschdeg am Nomëtten, no deene villen Hochzäiten, e ganz spannende Mëtten, well en och ganz nei war. Mengen Informatiounen no war d'UEFA gewëllt, op Déiferdeng spillen ze kommen. Ech war iwwer dräi Stonne mat Leit vun der UEFA, mat Leit vun der FLF, mat Police an esou virun um Telefon. Also d'UEFA wier gewëllt gewiescht hei ze spillen. Wollt ech Iech just soen. Dat si meng Informatiounen vun den UEFA-

Leit, mat deenen ech selwer um Telefon geschwat hunn.

Ech hunn et ofgesot. Ech war net d'accord, dass se heihinner sollte spille kommen, nodeem ech mat zwee Direktere vun der Police geschwat hunn, souwuel den Här hei vum Südwesten an nach een Här. Déi hate mer drénglechst ofgesot, dat samschdes owes ze gestatten, fir dass sonndes mëttes hei 8.000 Leit, déi Ticketen haten, op en Terrain kommen, wou der nëmmen 2.000 drop ginn. An ech hunn deenen Herrschaften nogelauschtert. Mä et ass net wéinst der UEFA, wou et net hei stattfonnt huet.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass awer nach eppes zum Terrain.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Den Terrain war ganz gutt. D'UEFA hat direkt deklariert, Dir kënnt de Match am Huis clos maachen e Méindeg bei eis am Stadion vun Déifferdeng. D'UEFA hat direkt gesot: „Fir eis ass e ganz gutt“.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, dat war net meng Fro. Meng Fro war, datt viru Kuerzem eng Sitzung stattfonnt huet mat deene Leit, déi den Terrain gebaut hunn – Strabag. Ech wollt froen, wat do erauskomm ass. An datt mer endlech dee Problem do léise vun deem Terrain. Deen elo jorelaang dauert. Ech hunn dee Beispill vun deem Match geholl. Mä dat ass jo awer schonn e Problem, dee scho jorelaang matschleeft, säit deen Terrain ass. Déi ware jo elo do.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Krecké, wannechgelift.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Här Altmeisch war dobäi, hätt Iech och kënne renseignéieren. Et ass geplangt, soubal Kalennerofschloss ass vun der Saison 2019/2020, dass déi Aarbechten direkt an Optrag ginn. Dat heescht Tiefengraben, wat da soll, hoffe mer, den Terrain méi dréche kréien. Dat ass geplangt. Dat war an deem Ausschuss. An do war de Veräi vertrueden, souwuel Strabag wéi d'Stad Déifferdeng, wou dat beschloss ginn ass. Merci.

ENG STËMM:

A mam Budget?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat huet näischt mat eisem Budget ze dinn. Dat geet iwwert den Instandhaltungskonto vum ...

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Domadder géif ech d'Séance publique ofschléissen. Ech géif d'Hären an d'Damme vun der Press héiflech bidden erauszegoen. Si kënne roueg dobaussen op eis waarden. Dir sidd gären invitéiert op d'Schnittercher an op de Patt. Ech hoffen, dass et eng kuerz Non-publique gött. Merci.

stade ne peut en accueillir que 2000. L'UEFA n'a rien à voir dans tout cela.

(Interruption de M. Bertinelli)

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) ajoute que pour l'UEFA, le terrain était en règle. La rencontre aurait pu se dérouler à huis clos.

FRED BERTINELLI (LSAP) rétorque que là n'est pas la question. Une réunion a eu lieu avec Strabag, qui a construit le stade. Quelles en ont été les conclusions?

Il faut résoudre le problème du terrain. La rencontre en question n'était qu'un exemple. Le problème dure depuis des années.

(Discussions)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) rappelle que monsieur Altmeisch y a assisté.

Les travaux seront réalisés à la fin de la saison 2019-2020. Le club, Strabag et la commune ont assisté à la réunion.

(Interruption)

Henri Krecké explique que cela n'a rien à voir avec le budget communal. Il existe un compte pour la maintenance.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) clôture la séance publique. Elle demande à la presse de quitter la salle. Elle offrira un verre après la séance à huis clos.

Different together*

* **Different ensemble.** Avec ses 25 700 citoyens et ses 114 nationalités, Differdange est une ville multiculturelle, qui trouve sa force dans le partage et dans l'échange. Cette diversité, c'est ce qui nous rassemble.



Ville de
Differdange

DIFFERENT  TOGETHER